# Lëtzebuerg: modern & fair

*fir jiddereen*

## Wahlprogramm

fir d'Chamberwahlen 2018

www.piraten.lu

**Soziales** ... 1
Aarbecht & Soziales ... 2
Grondakommes ... 6
**Transparenz** ... 9
Dateschutz ... 10
Recht op Privatliewen ... 12
Open Data ... 14
Transparenz ... 16
**Matbestëmmung & Demokratie** ... 20
Demokratie ... 21
Staat & Institutiounen ... 24
Gesellschaft ... 27
**Gesellschaftspolitik** ... 29
Steierpolitik ... 30
Chancegläichheet ... 32
Inklusioun ... 35
Familljepolitik ... 37
**Drëtten Alter** ... 41
Drëtten Alter ... 42
**Wirtschaft** ... 43
Wirtschaft & Finanzen ... 44
Wunnen ... 48
**Landesplanung & Transport** ... 50
Infrastruktur & Landesplanung ... 51
Transport ... 52
**Schoul, Héichschoul & Fuerschung** ... 57
Edukatioun ... 58
Héichschoul & Fuerschung ... 63
**Netzpolitik** ... 65
Urheber- a Patentrecht ... 66
Netzpolitik ... 68
**Gesondheets- & Drogepolitik** ... 71
Gesondheet ... 72
Drogepolitik ... 77
**Ëmwelt, Energie & Déiereschutz** ... 78
Ëmwelt & Energie ... 79
Déiereschutz ... 82
**Justiz** ... 84
Justiz ... 85
**Kultur** ... 88
Kultur ... 89
**Sport** ... 91

Sport ........ 92
**Europa, Aussen & Asyl** ........ 93
Europapolitik ........ 94
Aussepolitik ........ 98
Asyl & Immigratioun ........ 101

# Soziales



# Aarbecht & Soziales

Den technesche Fortschrëtt, d'Internationaliséierung vun de Marchéen, an d'Ännerunge vun der Altersstruktur brénge mat sech, datt déi al Modeller net méi als Léisung fir aktuell Problemer duerginn. Mir mussen dofir deenen neien Erausfuerderunge mat neien Ideeë begéinen. Ons laangfristeg Léisung heescht Grondakommes. Bis dës Visioun ëmgesat ass gëllt et den Aarbechtsmarché op déi richteg Bunn ze brénge fir dës Propose ëmzesetzen. Wichtegst Grondlag ass et sozial Errungenschaften ze stäerken an nei, flexibel Aarbechtsmodeller ze ënnerstëtzen, déi op laang Sicht en selwerbestëmmt Aarbechtsliewen ouni Existenzängscht kënnen erméiglechen.

### E sozialen Index fir déi, déi e brauchen

Den Index, esou wei e momentan zu Lëtzebuerg besteet, huet zur Konsequenz, datt Leit mat engem héigen Akommes am meeschte bei enger Index-Erhéijung dozou gewannen. Fir datt den Index och an Zukunft bezuelbar bleift mussen en gedeckelt ginn, esou dat deene Leit, déi ënnert der Inflatioun am meeschten u Kafkraaft verléieren ënnert d'Äerm gegraff gëtt. D'Pirate fuerderen dofir, dat den prozentualen Index- Ausgläich nëmme bis d'Héicht vun dräi mol de Mindestloun ausbezuelt gëtt. Un der wichteger Errungenschaft vum Index kann esou festgehale ginn, ouni, datt d'Akommesstruktur weider zu Gonschte vu Besserverdinger ausernee geet.

### Breet Diskussioun zur undeelsbaséierter Pensioun ustoussen

Des Weideren ass et de Piraten wichteg, datt d'Investitiounen vun eisem Pensiounsfong iwwerduecht ginn an transparent oppe geluecht ginn. D'Piraten soen NEE zu Investitiounen a Waffen a fuerderen vum Pensiounsfong sengem Rôle gerecht ze ginn an an nationale Wunnraum fir méi schwaach gestallte Famillјen z'investéieren, esou, datt een nët nëmmen eng Mouk fir am Alter huet, mee de Pensiounsfong och schonns schaffende Famillјen hëlleft en Daach iwwert dem Kapp ze hunn.

Witfraen & Männer dierfen net an eng nodeelhaft Steierklass kommen, no dem Verloscht vum Partner.

### D'Verhältnis vun Aarbechtszäit zur Fräizäit iwwerdenken

Mir sinn eis méi wéi bewosst, datt an de kommenden Joerzéngten d'Digitaliséierung an den technologesche Fortschrëtt genee esou wéi eng staark usteigend Bevëlkerungszuel dofir suerge wäert, datt et onméiglech ass, fir 100% vun der aarbechtsfäheger Bevëlkerung 40-Stonnen-Aarbechtsplazen ze garantéieren.

Et ass onëmgänglech, fir dem drohenden gesellschaftlechen Clash duerch d'Aféierung vun engem Bedéngungslose Grondakommes entgéint ze wierken. Bis datt esou e Grondakommes awer Realitéit, sollten elo schon éischt Mesuren agraff ginn:

Mir Piraten sinn der Iwwerzeegung, datt am Joer 2018 d'Work-Life-Balance net méi an engem ugemoossene Verhältnis zueneen steet, dat ëmsou méi virum Hannergrond vun deem grad beschriwwenen Szenario. Mir wëllen dofir eng Diskussioun ustoussen, fir während den nächste Joeren d'Aarbechtszäiten pro Aarbechtsnehmer bei gläichbleiwender Bezuelung schrëttweis ze reduzéieren.

Mir wëllen ausserdeem Uräizer schaafen, fir datt Patronen inovativ Konzepter ausprobéieren, déi op dat selwescht Zil hischaffe sollen.

**Alternativ Aarbechtsmodeller ënnerstëtzen**

Fir dem Verkéierskollaps op eise Stroossen, an och deenen domadder verbonnenen negativen Aflëss op Natur an Liewensqualitéit, ze verhënneren, brauche mer en Ëmdenke wat eis Aarbechtsmodeller ugeet. Flexibel Aarbechtszäiten an Teleworking, och an grad beim Staat als Virbild, sinn de Piraten no e gudde Moyen, fir alternativ Aarbechtsmodeller duerch ze setzen.

**Aféierung vu Kënnegungsschutz an Stäerkung vu Rechter vun den Employéen**

Globaliséierung vun der Economie an d'Internationaliséierung vun de Betriber zu Lëtzebuerg huet en fiable System ad absurdum gefouert. A villen internationale Betriber fungéiert Lëtzebuerg am Verglach zu sengen Nopeschlänner als ideal Plaatz fir en "Reduction in Force". Wëll et an Däitschland a Frankräich méi schwéier a méi deier ass d'Employéeën ze entloosse gëtt zu Lëtzebuerg ofgebaut. D'Piratepartei fuerdert datt de Code du Travail den neien Erausfuerderungen ugepasst gëtt, en Kënnegungsschutz no däitschem Modell agefouert gëtt, den Dédommagement gehéicht gëtt an sou Rechter vun den Employéë gestäerkt gi fir Aarbechtsplazen ze sécheren.

**Steierlech Virdeeler bei laangjäregen Mataarbechter**

De Patron soll dozou animéiert ginn, fir Mataarbechter méiglechst laang am Betrib ze halen, dofir solle pro Joer un Betriebsalter vum Employé, eng Reduktioun op de soziale Laaschten agefouert ginn.

**Offices sociaux**

D'Piraten fuerderen eng eenheetlech an harmoniséiert Prestatiounslescht fir all Bierger, mat engem besonneschen Aenmierk op déi Jonk ënnert 25 Joer, déi am Gesetz verankert soll ginn. Et ginn weineg national Richtlinnen an esou decidéieren déi eenzel Office Sociaux iwwert wat fir eng Hëllef an fir wat vir en Montant den Demandeur eppes zu gutt huet an kritt . Dat feiert dozou dat jee nodeem wou een wunnt, d'Hëllef déi een an der selwechter Situatioun kritt komplett verschidden kann sinn

**Definitioun vun Liewensgemeinschaft**

D'Piraten fuerderen eng eenheetlech Definitioun vun der Terminologie an kloer an transparent Kritären bei der Applikatioun vun de Sozialhëllefen.

Vill Sozialhëllefen (zb. RMG, Wunnengshëllef) beruffen sech op d'finanziell

Moyen vun der Liewens- an Ertragsgemeinschaft. Dobäi schwätzen déi eenzel Ministèren vun communauté de vie, communauté domestique oder communauté légal, allerdéngs ouni des kloer ze definéieren an iwwerloossen esou d'Interpretatioun hiren Fonctionnairen. Dëst feiert zu oft onnéidegen Mëssverständnesser a Konflikter zweschent de Bierger an hirer Administratioun an erschwéiert, ënner anerem, Néi Wunn- an Liewensgemeinschaftsmodeller.

### Mindestloum iwwert dem Armutsrsisiko

De Mindestloun muss 20% iwwert dem nationalen Aarmutsrisiko, eng Zuel wou all Joer muss am Januar néi berechent ginn, leien. Mindestloun vun der Steier befreien

Wien fir nemmen de Mindetsloun schaffe geet, soll net och nach mussen duerch d'Steieren ënnert d'Aarmutsgrenz falen. Dofir fuerdere mir, datt de Mindestloun komplett vun der Steier befreit gëtt an d'Perten duerch en Unhiewen vum Spëtzesteiersaz kompenséiert ginn.

### Steierklassen ofschaafen

Mir setzen eis dofir an, fir d'Steierklassen komplett ofzeschaafen an Familljen duerch Steierkrediter fir Kanner z'entlaaschten amplaz Witfraen a -männer respektiv gescheete Koppelen no 3 Joer duerch eng Réckstufung ze bestrofen. Net de Fakt bestuet ze sinn soll honoréiert ginn, mee de Fakt Kanner ze hunn ënnerstëtzt ginn. Des Weideren geet esou och d'Dir op fir Benevolat verstäerkt iwwert de Steiersystem ze honoréieren. Dofir schloe mir fir, Steierklass 1 & 1A erof ze setzen op den Niveau vun der Klass 2. Duerno eng eenheetlech gënschteg Steierklass ze schaffen.

### Interim agrenzen

Internetagencë benotzen Aarbechter als bëlleg Kraaft a ginn hinne keng Perspektiv, dofir soll Interimsaarbecht begrenzt ginn an et soll esteierlechen Nodeel sinn, sollt eng Firma sech fir sou Methoden entscheeden.

### Klenge Kredit

De Staat soll via seng Banken (wou en Aktionär ass) kleng Kreditter fir z.B. Haushaltsmaschinen ze kafen un seng Bierger verginn, des bis zu enger Valeur vu bis zu 10.000 €. Op dëse Kreditter gi keng Zënsen erhuewen a keng Frais.

### Keen op der Strooss zeréck loossen

Schaffe vun enger Garantie, dass jiddweree ka waarm & dresche Schlofe souwéi eppes ze iessen an drénke kritt. Keen soll weiderhi mussen op der Strooss schlofen.

### Krankeschäin direkt bezuelen

Ab dem 3. Dag soll den Mataarbechter am Krankeschäin direkt vun der Gesondheetskeess bezuelt an net méi vum Patron.

### Steierkredit fir Liewensmettelspenden

Fir Spenden (och vu Geschäfter) un Cent Buttéker an Tafelen z'encouragéiere, fuerdere mir d'Aféiere vun engem Steier-Abattement fir Liewensmëttelspenden. Dëse

soll esou berechent sinn, datt eng Liewensmëttelspend keng zousätzlech finanziell Charge (z.B. duerch TVA) fir de Spender generéiert a gläichzäiteg d'Steierbelaaschtung reduzéiert.

# Grondakommes

All Mënsch huet d'Recht op eng sécher Existenz a gesellschaftlech Participatioun. Ee Mënsch kann nëmmen ¨ a Würd liewen, wa fir seng Grondbedierfnisser gesuergt, an him eng gesellschaftlech Participatioun méiglech ass. An eiser Geldwirtschaft ass dozou en Akommes noutwenneg.

Wann een Akommes nëmmen duerch Aarbecht erzielt ka ginn, muss zur Sécherung vun der Würd vun alle Mënsche Vollbeschäftegung herrschen. Ënnert dëser Viraussetzung ass Vollbeschäftegung bis elo e grousst Ziel vun der Wirtschaftspolitik. Si gëtt op zwee Weeër versicht ze erreechen: duerch wirtschaftsfërdernd Moossname mam Ziel vum Schafe vun Aarbechtsplazen oder duerch staatlech finanzéiert Aarbechtsplaze mam virrangegen Ziel vun der Existenzsécherung. Allen zwee sinn Ëmweeër a verlaangen ëmfangräich ëffentlech Mëttel. Mir brauchen allerdéngs nei Léisungen déi der steigender Automatiséierung an dem technesche Fortschrëtt gerecht ginn a kënnen net méi drop setzen datt eng staark Economie schonns iergendwéi fir Vollbeschäftegung suerge wäert.

Mir Pirate sinn der Iwwerzeegung, datt eng iwwerwältegend Majoritéit vu Mënschen eng sécher Existenz als Grondlag fir d'Entfale vun hire wirtschaftlechen a soziale Potentialer notze wäert. Sécher Existenz schaaft e Fräiraum fir selwerbestëmmten Educatioun a Fuerschung souwéi economesch Innovatioun. Se erliichtert an erméiglecht éierenamtlech Engagement, beispillsweis d'Fleeg vu Familljememberen, d'Erzéiung vu Kanner, onofhängege Journalismus, politesch Aktivitéit oder d'Schafe vu Konscht a fräier Software. Heivunner profitéiert di ganz Gesellschaft.

D'Piratepartei setzt sech dowéinst fir en Grondakommes fir jiddereen an, dat eng sécher Existenz a gesellschaftlech Participatioun bedingungslos garantéiert an dobäi och ekonomesch Fräiheet erhält an erméiglecht. Mir wëllen net Räichtum verhënneren, mee d'Aarmut.

## Fir e bedingungslost Grondakommes

E Grondakommes ass en Akommes wat all Bierger ouni Géigeleeschtung vum Staat ausbezuelt kritt. Dëst féiert dozou, datt de Sozialstaat vereinfacht ka ginn, den Aarbechtsmarché flexibiliséiert gëtt duerch eng méi staark Verhandlungspositioun vun den Employé an de Benevolat gestäerkt gëtt.

E Grondakommes kann deenen aktuellen Entwécklungen entgéint wierken a offréiert eng Léisung fir d'Problemer vun engem digitaliséierten, automatiséierten a globale Marché. Wou fréier Maartineffizienzen dozou gefouert hunn datt méi Leit konnte beschäftegt ginn, huet d'Technologiséierung dozou gefouert datt ëmmer méi Ineffizienze verschwannen. Et geet esouwäit datt iwwer Internet villes "gratis" oder

bal “gratis” ass. Dëst féiert dozou datt ëmmer méi d’Mëttelklass verschwënnt, well anstänneg bezuelten Aarbechtsplazen duerch Automatiséierung oder Off-Shoring ersat ginn. Een Trend deen et ze stoppe gëtt wa mer wëlle verhënneren, datt déi sozial Schéier méi wäit op geet.

Och d’Nofro no Aarbecht gëtt op laang Siicht méi kleng. Duerch Automatiséierung an Optimiséierung verschwannen ëmmer méi Aarbechtsplazen an Aarbecht gëtt ëmmer méi vu Maschinnen gemaach. Dëst bedeit datt ëmmer manner Mënsche kennen eng 40-Stonn Woch leeschten. Als Konsequenz musse mir matt engem méi héijen Aarbechtslosentaux oder matt méi kuerzen Aarbechtswochen eenz ginn.

Donieft detachéiert sech d’kulturell Produktioun vum Marché. Ëmmer méi kulturell wichteg Produiten, wéi z.B. d’online Encyclopedie Wikipedia oder Open Source Projete wéi de Betribssystem Linux baséieren op fräiwëlleger Aarbecht vun dausende vu Contributeuren. Dëst ass en Trend, dee weist datt et e Bedarf fir Mënsche gëtt sech onofhängeg vun enger klassescher bezuelter Aarbecht ze betätegen. Och dëst ass en Trend dee mir musse begleeden an dofir suergen, datt keen an d’Aarmut rutscht obwuel en allgemeng wäertvoll Aarbecht leescht.

D’Grondakommes ass eng Léisung fir dës Entwécklung positiv ze begleeden. Engersäits garantéiert et jidderengem e Mindestakommes. Anerersäits lount sech Aarbecht ab dem éischten Euro deen ee verdénge kann, ganz am Contraire zum aktuelle System. Och benéidegt e System mat Grondakommes keng Vollbeschäftegung méi, mee encouragéiert souguer Deelzäitaarbecht, an erméiglecht sou méi perséinlech Fräiheet a selwerbestëmmt Partizipatioun vum Aarbechtsmarché. Schliisslech valoriséiert e Grondakommes de Benevolat, well och gesellschaftlech wichteg, ma onbezuelten Aarbecht iwwer d’Grondakommes d’Grondbedürfnisser séchert.

D’Piratepartei schwätzt sech kloer fir e Grondakommes als konsequenten Neistart vun onsem Sozialsystem aus.

### Finanzéierung duerch negativ Akommessteier

Eis Idee vum Grondakommes wäert laangfristeg iwwer d’Aféiere vun enger negativer Akommessteier finanzéiert ginn. Dëst bedeit datt de Steiersystem fir jidderee vill méi einfach gëtt. Gläichzäiteg géif dëse System e Grondakommes erméiglechen. No dësem Steiersystem bezilt eng Persoun eréischt ab enger gewëssener Héicht Steieren - wien manner verdéngt wéi d’Héicht vum Fräibetrag, kritt Steieren
ausbezuelt, wien méi verdéngt bezilt op sengem Akommes de Steiersaz.

Steierklassen, Splitting, Plafong hei a „Assiette de base“ do wären dann eng Saach vun der Vergaangenheet, eng Steiererklärung géing trivial ginn. Dëst huet eng administrativ Vereinfachung zur Folg, déi Erspuernisser am bürokrateschen Oflaf souwuel bei de Behörden, wéi och bei Entreprisen a Privatpersounen zu Folg huet. Jidderee kritt e Grondakommes ausbezuelt wat sech da fir jiddwer eenzele matt de bezuelte Steiere géif verrechnen, sou datt een dee genee de Fräibetrag géif verdéngen, effektiv keng Steiere bezuelt hätt. Een dee manner verdéngt mécht en Netto- Gewënn an een dee méi verdéngt muss effektiv Steiere bezuelen.De System

huet d'Eleganz datt en eng sozial Progressioun vun der bezuelter Steier, mat engem faire – also eenzege – Steiersatz kombinéiert an och nach e Grondakommes finanzéiert.

**Positiv Auswierkungen op d'Wirtschaft**

Duerch de System vum Grondakommes kéinten d'Lounkäschte massiv erofgesat ginn, wat zu engem äusserst effektiven Instrument an der Relance vun der Kompetitivitéit kënnt ginn. Gëtt haut an der Wirtschaft ëm 1 bis 2 Prozenter Lounerhéijunge gestridden, souschwätze mer hei vun der méiglecher Reduzéierung vu Lounkäschten am zweestellege Beräich. Dës Auswierkungen op d'Lounkäschte vun de Betriber géingen zu massiven Neigrënnungen an auslänneschen Usiidlunge féieren.

# Transparenz

# Dateschutz

De Schutz vun der Privatsphär vum Eenzelne gehéiert zu de Grondprinzipie vumdemokratesche Rechtsstat. All Bierger muss d'Recht hunn seng perséinlech Daten zu all Moment zeréckverfollegen, änneren an och läschen ze kennen. Dëst Recht op informationell Selwerbestëmmung muss d'Leitlinn bei all Datesammlung sinn. Ier awer iwwerhaapt perséinlech Donnéeë gesammelt ginn, muss gepréift ginn op dës Kollekt iwwerhaapt néideg ass. De beschten Dateschutz ass Datespuersamkeet - Donnéeën, déi ni gesammelt goufe, kënnen och net mëssbraucht ginn.

### Dateschutz stäerken - informationell Selwerbestëmmung etabléieren

E Bewosstsinn fir Datespuersamkeet léist sech nëmmen etabléieren, wa jidderee weess wéi eng Donnéeë schonn iwwert en gespäichert ginn. Dofir fuerderen d'Piraten, datt all Organisatioun, staatlech Administratioun oder Entreprise déi an enger Datebank perséinlech Informatiounen iwwer eng Persoun gespäichert huet, dës eemol pro Joer an engem Relevé iwwer dës Datespäicherung informéiert. Op Ufro mussen dës Stellen der Persoun detailléiert Auskonft ginn wéi dës Donnéeë benotzt ginn, wéi laang se gespäichert ginn a wéi se kënne verännert oder geläscht ginn.

D'Dateschutzbestëmmunge solle fir all Dateveraarbechtung gläich sinn - fir privat, staatlech oder kommerziell Datebanke mussen déi selwecht Reegele gëllen. Ausnahmeregelunge fir staatlech Datebanke mussen op e Minimum reduzéiert ginn an Datebanke mat sensibelen Donnéeë mussen enger besonnesch staarker Kontroll ënnerleien.

Datebanke mat perséinlechen Donnéeë solle net méi nodréiglech, ma à priori vun der Dateschutzkommissioun mussen autoriséiert ginn. Doriwwer eraus solle keng Datebanke matenee verbonne ginn, ouni datt déi Betraffenen doriwwer informéiert ginn. Ginn Datebanke matenee verbonnen sou mussen déi betraffe Persoune kënnen innerhalb vu 14 Deeg Widdersproch aleeën an hier Donnéeë läsche loossen.

Bei Verletzung vum Dateschutz mussen zivil- a strofrechtlech Moossname méiglech sinn. D'Strofe bei Mëssbrauch dierfen net esou niddreg leien, datt Verfahre regelméisseg agestellt gi, well de Sträitwäert ze geréng ass. Stellt eng Stell, déi perséinlech Donnéeë späichert, fest, datt Datesätz onberechtegt agesinn oder kopéiert goufen, da mussen all betraffe Persounen iwwer dës Datepann informéiert ginn.

### Keng Späicherung vu biometreschen Donnéeën

Biometresch Donnéeë wéi z.B. Fangerofdréck, déi fir d'Ausstelle vun de biometresche Päss a Carte d'Identité erhuewe ginn dierfen net iwwer länger Zäit vu Gemengen oder staatleche Stelle gespäichert ginn. Nom Prinzip vun der Datespuersamkeet sollen dës Donnéeën nom Ausstelle vun der Carte d'Identité oder dem Pass erëm geläscht ginn a bei Nei-Ausstellung frësch opgespillt ginn. Dëst verhënnert eng Usammlung vu

perséinlechen, biometreschen Donnéeën a staatlechen Datebanken.

### Fichier élève drastesch reduzéieren

D'Schülerdatebank späichert déi perséinlech Donnéeë vun de Schüler zu Lëtzebuerg an hirem sozialen Ëmfeld. Fir d'Sécherheet vun dësen Donnéeë sécher ze stelle muss eng zentral Späicherung verhënnert ginn. Et muss sécher gestalt ginn, datt den Zougang op d'Donnéeën op d'Léierpersonal limitéiert ass, déi onbedéngt vun dësen Date musse Gebrauch maachen. D'Piratepartei setzt sech vir eng massiv Reduzéierung vun de gesammelten Daten an - all Kategorie vu gesammelten Donnéeë muss op hier Necessitéit gepréift ginn. D'Datebanke mussen dezentral an net vernetzt an deene jeeweilege Schoule stoen. All Schüler an hier Eltere musse kënne gesinn, wat iwwert sie ofgespäichert ass a wann néideg d'Donnéeë rektifizéiere kënnen.

### CNPD stäerken

Pirate gesinn, datt d'Commission Nationale pour la Protection des Données' (CNPD) mat der Kontroll vun den Dateschutzgesetzer iwwerfuerdert ass. Der CNPD sti weder genuch Personal a Ressourcen, nach rechtlech Moyene zur Verfügung fir den Dateschutz konsequent ze kontrolléieren an duerchzesetzen. D'Personal vun der CNPD muss op mindestens 20 Persounen opgestockt ginn. D'Kommissioun muss déi rechtlech Kompetenze kréie Mëssbrauch ze verfollegen a Strofen duerchzesetzen.

# Recht op Privatliewen

D'Recht op Privatsphär an de Prinzip vun der Presomptioun vun der Onschold zielen zu de Grondprinzipien vun enger Demokratie. En demokratesche Staat dierf seng Bierger net systematesch an ouni konkrete Verdacht op eng Strofdot iwwerwaachen. Trotzdem goufe säit dem 11. September 2001 an Europa an zu Lëtzebuerg onberechtegt an intrusiv Iwwerwaachungsmechanismen decidéiert, déi ons all als Verdächteger ofstempelen an ons zu all Moment iwwerwaachen. Mënschen déi iwwerwaacht ginn, handelen awer anescht - trauen sech net hier Meenung ze soen, Autoritéiten ze kritiséieren oder sech fräi ze beweegen. D'Piratepartei gesäit duerch déi ëmmer méi ausgedehnten Iwwerwaachungsmoossnahmen d'Fräiheet vu jidderengem a Gefor a setzt sech konsequent géint all onjustiféiert, generell an intrusiv Iwwerwaachungsmesuren an.

### Ofschafen vun der Vorratsdatespäicherung

Säit 2005 an 2009 an der kompletter EU ginn Internet Service Provideren zu Lëtzebuerg an an all EU-Memberstat per Gesetz gezwongen all Verbindungsdonnéeë vun alle Benotzer an hirem Reseau fir op mannst 6 Méint ze späicheren. Dëst bedeit, datt eng Onmass vun Donnéeë gespäichert ginn- zum Beispill matwiem en wéilaang, umwéi vill Auer, vu wéi enger Plaz telefonéiert huet, wéini een sech wéi laang am Internet verbonnen huet, oder mat wéi engem Reseau een sech verbonnen huet. Nieft der Verletzung vun der Onscholdsvermuddung bei dëser genereller Iwwerwaachungsmoossnahm, konnten d'EU-Memberlänner bis Haut net beweisen, datt d'Vorratsdatenspäicherung zu enger Reduktioun vun der schwéierer Kriminalitéit bäidréit. D'Piratepartei setzt sech dofir fir d'Aussetze vun der Vorratsdatespäicherung zu Lëtzebuerg an en Ofschafe vun der EU-Direktiv an.

### VISUPOL stoppen

Säit Jore gëtt de Video-Iwwerwaachungsprogramm vun der Stad Lëtzebuerg (VISUPOL) verlängert an ausgebaut, obwuel Etuden zum Programm kloer weisen, datt et kee Sécherheetsgewënn duerch dës generell Videoiwwerwaachung gëtt. D'Pirate setzen sech fir eng Sécherheetspolitik an déi op Fakten an net op Wonschdenke baséiertafuerdertdofirde Stoppvum Projet VISUPOL andofir eng besser Präsenz vu Streetworker a Präventivmoossname géint d'Kriminalitéit.

### Kee Finanzement fir Iwwerwaachungsprogrammer

Net nëmme mussen aktuell Iwwerwaachungsprogrammer gestoppt, ma an der Zukunft verhënnert ginn. D'Piratepartei setzt sech dofir an, datt zu Lëtzebuerg an op EU-Niveau keng Steiergelder fir d'Finanzéierung vun Iwwerwaachungsprojete wéi INDECT oder CleanIT ausgi ginn.

**Geheimdéngscht reforméieren**

D'Opklärung vum SREL-Skandal huet gewisen, datt de lëtzebuerger Geheimdéngscht säit senger Grënnung regelméisseg ausserhalb vum politesch vertrietbare gehandelt huet. Politesch Iwwerwaachung vun Oppositiounsparteien an Organisatiounen, illegal Iwwerwaachung duerch SREL-Mataarbechter, perséinlech Beneficer fir Agenten an e komplett Versoe vun de politesche Responsabele wéist, datt en Geheimdéngscht ouni effektiv parlamentaresch Kontroll Gëft fir eng Demokratie ass. Dofir setzt d'Piratepartei sech dofir an, datt de SREL a senger aktueller Kompositioun reforméiert gëtt.

# Open Data

Transparenz bedeit net nëmme staatlech Handelen oppen ze leeën, ma och d'Resultater vu staatlech finanzéierter Aktivitéit ze publizéieren. Donnéeën, Studien, Etuden, wëssenschaftlech Erkenntnisser oder Statistiken, déi mat Hëllef vu Steiergelder ausgeschafft goufe, mussen der Ëffentlechkeet ënner fräi benotzbare Formater zougänglech gemaach ginn. Esou profitéiert d'Allgemengheet vun den Donnéeën, déi se iwwer Steiergelder mat bezuelt huet.

### Formatioun an den Schoulen

An de Schoule soll verstäerkt op Opensource Formatioun am IT Beräich gesat ginn.

### Gemengenverwaltung op Opensource emstëllen

Ëffentlech Verwaltunge vun de Gemenge sollen op gemeinsam Opensource Léisunge setzen, fir sou den Dateschutz ze garantéieren an hire Budget ze entlaaschten.

### Weltwäit Spëtzt an Open Data Froen

Et steet ausser Fro datt d'Welt an Zukunft ëmmer méi Date produzéiere wäert. Och déi lëtzebuergesch Regierung an de Staatsapparat stinn deem a kengem Sënn no. Et ass elo fir Neel mat Käpp ze man a Lëtzebuerg zu engem internationale Virreider vun der Open Data Bewegung ze maachen. Natierlech sollt dëst ëmmer ënner Berécksichtegung vun Dateschutz geschéien, sou wéi d'Definitioun vun Open Data dat virgesäit.

### All Donnéeë sinn oppen

Nëmme wann Donnéeën accessibel sinn, kënnen se benotzt ginn. Aus dësem Grond ass et wichteg fir e moderne Staat seng Donnéeën als oppen Daten (Open Data) ënnert oppene Lizenzen ze verëffentlechen. Esou ass et Bierger an Entreprisë méiglech innovativ Notzung vun dësen Daten ze fannen an domat dat vollt Potential vun Open Data auszeschöpfen.

### Fräien Zougang zu de Resultater vu wëssenschaftlecher Fuerschung

D'Piratepartei setzt sech fir den allgemengen a fräien Zougang zu allen aus Steiergelder finanzéierte Fuerschungsresultater nom Open Access Prinzip an. Zur Fërderung vun der Verëffentlechung vu wëssenschaftleche Resultater am Kader vun Open Access soll als Infrastrukturmoossnam en allgemengt Open Access Magazin nom Virbild vu PLOS One mat Hëllef vun ëffentleche Mëttel gestart ginn. Des Weidere soll en Open-Access-Fonds am Haushalt vun der Uni geschafe ginn dee Publikatiounskäschte bis zu engem gewësse Seuil iwwerhëlt. D'Ziel vum Fonds ass et datt d'Fuerscher net méi iwwert d'Käschte vun Open Access nodenke mussen, sou wéi

et haut mat den Abonnementer vu Magaziner de Fall ass. Och fuerdere mir d’Rechter vun den Auteuren (z.B. Archivéieren um eegene Site) ze stäerken. Dës Moossname reduzéieren d’Käschte fir Fuerscher ouni grouss finanziell Ressourcen an ënnerstëtzt domat de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg.

# Transparenz

## Transparente Staat

„Prinzip vun der Geheimhaltung“ vum staatlechen Handele muss zugonschte vum „Prinzip vun der Ëffentlechkeet“ verännert ginn. Verwaltung a Politik mussen endlech och an der Hisiicht vun hirer Transparenz géigeniwwer vun de Bierger hiren Déngschtleeschtungscharakter unerkennen an sech grondleeënd dodrop ausriichten, een Informatiounszougang fir Bierger effizient, komfortabel a mat niddregeKäschten ze erméiglechen.

Besonnesch vir eng Bewäertung vu politeschen Entscheedungsträger ass et dringend noutwenneg, datt d’Grondlage vu politeschen Entscheedungen transparent gemaach ginn. Aktiv matbestëmmen an enger Demokratie ass nëmme méiglech, wa virun Decisioune souwuel den Inhalt, wéi och de Prozess vu der politescher Entscheedung ëffentlech sinn. Och nodréiglech mussen Entscheedungen zréck ze verfollege sinn - net ëffentlech Sëtzunge vu Chamberkommissiounen zum Beispill sinn enger Demokratie onwürdeg. Ofkommes hannert zouenen Diere mussen der Vergaangenheet ugehéieren, fir datt direkt a partizipativ Demokratie méiglech ass. An dësem Sënn setzt sech d’Piratepartei fir de Prinzip vun der Ëffentlechkeet vum staatlechen Handelen an eng komplett Transparenz vun de gewielten Vertrieder géigeniwwer de Wieler an.

## E wierklecht Transparenzgesetz

Déi aktuell Versioun vum Gesetz zumAccès op staatlech Informatioune spigelt de Refus vunde läschte Regierungen erëm, Transparenz an d’Informéieren vu Bierger eescht ze huelen. Dëse Virschlag presentéiert en oppenen Zougangzu staatlechen Dokumenter nach ëmmer als Exceptioun amplaz d’Standardverhale vun Administratiounen. D’Piratepartei fuerdert dowéinst en Transparenzgesetz no Hamburger Virbild. De leedende Prinzipass, datt staatlech Dokumenter par Defaut automatesch vun den Administratioune mussen an engem oppene Format veröffentlecht ginn. Zu dësem Zweck gëtt en Informatiounsregister geschaf, wou all dës Donnéeë veröffentlecht ginn. Sollte verschidden Dokumenter net veröffentlecht gi sinn, dierfall Bierger ouni eGrond mussen unzeginn d’Erausgi vun dësenDokumenter op de betraffenen Administratioune fuerderen. Ausnahme fir dësReegele mussen op e Minimumreduzéiert ginn - sou kënne perséinlech Donnéeë vu Privatpersoune geschwäerzt gi fir d’Privatsphären ze schützen. Et ass d’Aufgab vun der CNPD fir dës Bestëmmungen duerchzesetzen an eventuell Strofe fest ze leeë bei Refus ze Veröffentlechen.

En modernt Transparenzgesetz ass d’Basis fir en accessibele Staatsapparat an eng oppe Verwaltung. Mat Steiergelder finanzéiert Studien, Verträg tëscht staatlechen

Administratiounen an der Privatwirtschaft, Verhandlungsdokumenter vu gewielte Vertrieder mussen der Ëffentlechkeet zur Verfügung stoe fir d'Handele vu Staat aVolleksvertrieder kontrolléieren ze kënnen.

### Whistleblower-Schutz

D'Piratepartei setzt sech fir eng allgemeng, dringend noutwenneg gesetzlech Regelung zum Whistleblowerschutz an. E 'Whistleblower' ass eng Persoun déi Mëssstänn an illegaalt Handelen, wéi Korruptioun, Insiderhandel oderallgemeng Geforen,vundeenen seophirerAarbechtsplaz, bei medizinesche Behandlungen oderbei anere Geleeënheete matkritt an un d'Ëffentlechkeet bréngt. Dës Form vun Zivilcourage muss geschützt ginn.All Whistleblower ass vu strof- an zivilrechtlechen Onsécherheeten ëmginn. Dowéinst ass et erfuerderlech et eng allgemeng gesetzlech Regelung zum Schutz vu Whistleblower ze fannen. Anerersäits muss doriwwer opgekläert ginn, datt Whistleblower de gläiche gesellschaftleche Wäert hunnwéi Presseinformanten an de gläiche Schutz genéisse mussen.

### Politiker- a Beamtentransparenz

D'Piratepartei Lëtzebuerg fuerdert d'Aféierung vun engem Gesetz zur Erhéijung vun der Transparenz an der Politik. Dëst Gesetz soll zu Transparenz an de Beräicher Finanzen, Verbindlechkeeten, Geschenker an Interessekonflikter féieren a fir Regierungsmemberen, Deputéiert souwéi Beamten an der "Carrière supérieure, catégorie administrative" gëllen. Dës sollen all hier finanziell a perséinlech Interessen oppeleeë fir méiglech Interessekonflikter transparent ze maachen. Dës Fuerderung geet iwwer de proposéierte Code de Deontologie vun der Chamber eraus, deen net d'Veräffentlechung vun Immobilien oder alle Geschenker virgesäit a just an engem Stufesystem fonctionnéiert. Dëst geet net duer fir all Interessekonflikter oppen ze leeën. Dofir fuerdert d'Piratepartei eng méi komplett Regelung, déi och fir Regierungsmemberen an héich Beamte gëllt déi mussen Ulageverméigen, finanziell Investitiounen, Verbindlechkeeten, Annahmequellen, Geschenker an all potentiell Interessekonflikter oppe leeën.

### Récklagen erméiglechen mat jäerlecher Staatsbilanz

All ëffentlech Ariichtung déi een eegene Budget verwalt soll d'Recht kréie fir Récklagen unzeleeën. Wa manner ausgi gëtt wei geplangt soll dat Geld kënne bei der Ariichtung verbleiwen. Dës Mesure ass awer un d'Bedingung gekoppelt, datt et eng jäerlech Bilanzvun alle Verméigenswäerter veräffentlecht gëtt. Sou fuerdere mir, datt de Staatähnlech wéi Entreprisë seng Bilanz an déi vun all ëffentlechen Ariichtungen all Joer soll veräffentlechen. Esou kritt all Bierger e besseren a méi transparenten Abléck an d'finanziell Situatioun vu lëtzebuerger Administratiounen a Verwaltungen.

### Aféierung vun engem internationalen Antikorruptiounsgeriicht

Korruptioun ass weiderhin ee vun de gréissteProblemer op der ganzerWelt. Dofir fuerdere mird'Opsetze vun engem internationalen Anti-Korruptiounsgeriicht ähnlech dem internationale Strofgeriichtshaff vun DenHaag. Dës Instanz soll onofhängeg vun nationalen Ermëttlungen a Gesetzer schwéier Reprochë vu Korruptioun zur Uklo

kënnebréngen. Als Korruptioun gëllt an dësem Fall Akten, déi ënnert d’UN-Antikorruptiounscharta falen.

### Lobbyisteregister aféieren

D’Piratepartei fuerdert d’Opstelle vun engem Lobbyregister fir d’Chamber nom Virbild vum EU- Lobbyregister, just, mat enger obligatorescher Registréierung. No dësem Prinzip mussen sech all Organisatiounen an Entreprisen, déi bei der Chamber oder eenzelne Parlamentarier virstelleg ginn an engem Register androen, wou detailléiert opgeschlësselt gëtt wéi vill Persoune mat wéi engem Budget d’Interesse vun der jeeweileger Organisatioun oder Entreprise vertrieden. Dëst Register ass ëffentlech an erméiglecht sou dem Public an och den Deputéierten a Regierungsvertrieder anzeschätze fir wéi eng Interessien d’Gespréichspartner antrieden.

### Oppeleeë vun alle Garantien

Garantië sinn en heefegt Mëttel fir Staats- oder Gemengebudgeten ze entlaaschten, well se zwar direkt gestëmmt kënneginn, awer eréischtJoren drop Uwendung fannen. Dës kuerzfristeg Politik gëtt vun de Piraten net ënnerstëtzt. Mir fuerderen dofird’Oppeleeë vun alleStaats- a Gemengegarantien, sou datt jiddereen déi tatsächlech Belaaschtung vun den Budgets novollzéie kann.

### Finanziellen Impakt oppeleeën

Bierger hunn e Recht drop ze wëssewat de Staat mat hire Steiergelder mécht. Dofirmuss all Gesetzespropositioun een ‘Impact financier’ bäileeën, deen detailléiert oplëscht wéi eng finanziell Konsequenze vum positive Vote vumProjet de Loi ze erwaarde sinna wéi eng Budgetsposte betraffsinn.

Och a posteriori muss de finanziellem Impakt vu Gesetzer an Reglementer novollzéibar sinn. Leider stellt weder d’Regierung nach den IGF (Inspection généraledes finances) iergendwellech weider Budgetsdokumenter zur Verfügung a verweigert souguer op Nofro d’Erausgi vu maschinneliesbaren Dokumenter, déi de Budget betreffen. Dëst verhënnert eng effektiv Kontroll vum Staat duerch seng Bierger. D’Piratepartei fuerdert méi Transparenz bei de staatlechen Ausgaben a setzt sechfir eng regelméisseg Verëffentlechung a maschinneliesbarer Versioun vun Transaktiounsdaten ab engem Montant vu 25.000€ an. Mir

fuerderen eng méi fein Opschlësselung vun alle Käschten- a Recetteveruersaacher - fir de Joresofschlossbericht sollt dëst bis op den Detaillierungsgrad vun eenzelne Finanztransaktiounen inklusiv den derzougehéieren Dokumenter goen. Och soll eng kloer Opschlësselung vu Gelder déi reliéis Communautéiten zur Verfügung gestallt kréien opgestallt ginn.

Dës Mesuren droen zur allgemenger Transparenzvum staatlechen Handele bäi an erméiglechen et Bierger d’Ausgabe vum Staat ze kontrolléieren.

### Waasserpräis méi transparent gestalten

D’Piratepartei fuerdert, datt all Niewekäschte bei der Waassernotzung op enger eenheetlecher Rechnung optauche sollen. Et muss Schluss sinn mat dräi ënnerschiddleche Rechnunge pro verbrauchte Liter Waasser. Gläichzäiteg sollen awer

weiderhin all Käschtepunkte separat op dëser Rechnung geläscht gi fir de Präis esoutransparent ze halen.

# Matbestëmmung & Demokratie



# Demokratie

Lëtzebuerg huet een Demokratiedefizit. Mir liewen an engem Land wou manner wéi d'Halschent vun den Awunner wielen dierfen an domat aktiv kënnen iwwer d'politesch Situatioun matbestëmmen.D'Resultat vun de Chamberwalen ass soumat net repräsentativ fir d'Gesellschaft zu Lëtzebuerg! Donieft ginn et keng Méiglechkeeten fir tëscht de Walen Afloss op d'Gesetzgebung ze huelen - Lëtzebuerg ass en Entwécklungsland wat direkt a partizipatoresch Demokratie ugeet! Mir Pirate wëllen eis Demokratie neistarten, wëll Matbestëmme Spaass mécht!

### Walflicht ofschafen

Mir fuerderen datt d'Walrecht grondsätzlech erneiert gëtt. Engersäits muss Walflichtofgeschaf ginn an anerersäits d'Walrecht op Jonker erweidert ginn. Jidderee soll fräi sinn z'entscheeden ob a wien e wiele wëll - dozou gehéiert och de Choix zouzeloossen net wielen ze goen. D'Walpflicht limitéiert de fräie politesche Choix a muss ofgeschaaft ginn.

### Ee Walbezierk fir Nationalwalen

Déi ongläich Verdeelung vun der Stëmmgewiichtung zu Lëtzebuerg ass ondemokratesch. Eng Stëmm aus dem Walbezierk Norden zielt ëm e Véirel manner, ewéi eng Stëmm aus dem Walbezierk Zentrum. Dofir fuerdere mir datt d'selwecht wéi fir d'Europawalen och fir d'legislativ Walen nëmmen nach ee Walbezierk fir d'ganzt Land benotzt gëtt. Nëmmen dëst gëtt dem Grondsaz gerecht datt all Stëmm gläich vill wäert ass.

Weiderhi bleift et duerch de Panachage natierlech fir jidderee méiglech seng lokal Politikerinnen a Politiker bei de Walen z'ënnerstëtzen.

### All 4 Joer National- a Gemengewalen

Eng demokratesch Gesellschaft muss sech och mat der Demokratie beschäftegen. Dofir geet et net duer nëmmen all 5 oder 6 Joer wielen ze goen, mee mir musse méi vum Walrecht kënne Gebrauch maachen. D'Pirate fuerderen dofir datt d'National- an d'Gemengewalen all 4 Joer am Wiessel duerchgefouert ginn. Doduerch géif et da mindestens eemol an 2 Joer zu Wale kommen. Doduerch kann all Wieler de regéierende Parteie méi regelméisseg d'Vertraue schenken oder entzéien an domadder d'politesch Landschaft an der Gemeng an op nationalem Plang beaflossen.

### Gesetzesinitiative per Volksbegehren

Momentan gëtt et keng Méiglechkeet fir Bierger zu Lëtzebuerg eege Gesetzestexter ze proposéieren. D'Pirate gesinn direkt Demokratie als e wichtegen Aspekt vun all Demokratie a fuerderen dofir, datt 4.500 Walberechtegter kënnen der Chamber eng

Gesetzespropositioun virleeën, déi
d'Parlament da muss behandelen. Ënnerschreiwe méi wéi 10% vun de Walberechtegte fir eng Gesetzespropositioun muss dës iwwer e nationale Referendum gestëmmt ginn. Duerch dës direkt-demokratesch Initiativen ass de politeschen Discours an d'Biergerbedeelegung och tëscht de Chamberwale garantéiert an eng méi demokratesch an selwerbestëmmte Gesellschaft d'Resultat.

**Volléksofstëmmung als Vetoméiglechkeet géint Gesetzesbeschloss**

D'Biergerinnen an d'Bierger zu Lëtzebuerg sollen net nëmmen d'Méiglechkeet kréien iwwer eege Gesetzespropositioune bei engem Referendum ofzestëmmen, ma och iwwer Gesetzprojeten aus der Chamber. D'Pirate fuerderen, datt am Fall wou 2 Méint no enger Ofstëmmung am Parlament 10% vun de wielberechtegte Bierger dëst fuerderen e bindende Referendum iwwert d'Gesetzespropositioun organiséiert gëtt. Dëst erméiglecht et och tëscht de Walen d'Aarbecht vun de gewielte Vertriederinnen a Vertrieder ze kontrolléieren, während den héije Quorum vun 10% vu wielberechtegte Bierger verhënnert, datt vun dëser Méiglechkeet mëssbraucht gëtt.

**Froen u Ministère vu Bierger**

D'Pirate wëllen de Mënschen zu Lëtzebuerg d'Méiglechkeet ginn direkt Froen un d'Ministeren ze stellen, déi d'selwecht ewéi d''Questions parlementaires' vun den Deputéierte behandelt an ëffentlech publizéiert musse ginn. Ministère mussen innerhalb vun engem bestëmmten Zäitraum op d'Fro vum Bierger äntwerten an dës Äntwert muss fir jiddereen accessibel sinn. Fir esou Froen un de Minister kënnen ze stellen, brauch een d'Ënnerstëtzung vu 300 Matbiergerinnen a Matbierger.

### Cumul des mandats ob 40h congé politique limitéieren

D'Pirate wëllen d'Cumuléiere vu Mandater limitéieren. E Mandatsträger soll net méi wéi 40 Stonne Congé politique accumuléieren kënnen. Dëst géing z.B. bedeiten, datt d'Buergermeeschteren aus de grousse Gemengen ewéi der Stad Lëtzebuerg oder Esch/Uelzecht net och nach an der Chamber setze kënnen. Donieft fuerderen d'Piraten awer och eng Reevaluatioun vum Congé politique sou, datt déi reell fir politesch Aarbecht geleeschten Aarbechtszäit korrekt erëmgespigelt gëtt. Mat dëser Moossnahm soll sécher gestallt ginn, datt gewielte Vetrieder genuch Zäit hunn fir sech hirer Verantwortung ze stellen an gläichzäiteg engem Abus vum cumul des mandats entgéint gewierkt gëtt.

### E Parteigesetz

Zu Lëtzebuerg gëtt et am Géigesaz zu deene meeschte Länner op der Welt bis haut nach kee Gesetz wat festleet, wéi eng Konditiounen eng Organisatioun muss erfëlle fir als Partei unerkannt ze ginn an domadder u Wale kënnen deelzehuelen. Mir fuerderen dowéinst en Gesetz wat mat wéinege Konditiounen definéiert wéi eng Reegelen eng Organisatioun muss respektéiere fir als Partei ze gëllen. Dëst soll et de Bierger erméiglechen ze erkenne, wéini eng Partei als solch unerkannt ass. Donieft soll d'Transparenz vun de Parteistrukture verbessert ginn andeems kloer definéiert gëtt wéi eng Donnéeë ëffentlech zougänglech musse sinn. Schliisslech soll eng no dëse Critèren unerkannte Partei d'personnalité juridique kréien, sou, datt Parteien net méi op d'Konstrukt vun enger A.s.b.l. zréckgräife musse fir handlungsfäeg ze sinn.

## Parteiefinanzéierung reforméieren, Fraktiouns- an Parteikeese strikt trennen

Parteien si wichteg fir d'Demokratie, a sollen dowéinst proportionell zu hirem Walresultat vum Staat ënnerstëtzt ginn. Dat aktuellt Gesetz gëtt den Ufuerderungen un eng modern Parteiefinanzéierung inklusiv der néideger Transparenz awer net gerecht. D'Pirate fuerderen dowéinst, datt all Partei, déi 0,5% vun de Stëmme bei de Wale gewënnt vun enger staatlecher Finanzéierung profitéiere kann. Dëst awer nëmmen dann, wann d'Parteien hir reschtlech Recetten an Depense komplett op den Dësch leeën. D'Pirate fuerderen donieft och, datt d'Fraktiouns- a Parteikeese strikt vunenaner getrennt ginn. Nëmmen esou ass sécherzestellen, datt d'Gelder, déi d'Fraktiounen an d'Deputéiert kréie fir hir politesch Aarbecht am Parlament an net fir de Walkampf benotzt ginn.

## Fraktioun ab 2 Deputéiert

De lëtzebuergesche Walsystem erlaabt et eenzel Kandidaten ze wielen a baséiert domat net op der Idee, datt just Parteien an der Chamber representéiert sinn. Dofir muss de Wielerwëlle respektéiert ginn an et dierfen net Deputéierte benodeelegt ginn, wann se an enger Partei sinn, déi just mat engem Deputéierten an der Chamber vertrueden ass. Dofir fuerdere mir, datt am 60-Persoune Parlament all Groupement vun Deputéierten ab 2 Persounen als Fraktioun unerkannt gëtt.

# Staat & Institutiounen

Lëtzebuerg huet d'Chance en modernen, demokrateschen an transparente Staat ze ginn. Dofir brauch et allerdéngs en Ëmdenken an déifgräifend Reforme vun den Institutiounen an och traditionell Strukturen aus dem leschte Jorhonnert musse kritesch ënnersicht ginn. Onst Ziel ass et en demokratesche Staat mat Institutiounen an Administratiounen, déi fir de Bierger schaffen, op d'Been ze stellen. Dëst bedeit nieft der demokratescher Matbestëmmung oder en transparente Funktionnement vum Staat a sengen Administratiounen, besonnesch wat d'Budgetszesummesetzung an d'staatlech Ausgaben uginn. E moderne Staat ass een, wou jiddereen novollzéie kann, wéi d'Institutioune funktionéieren a wéi d'Staatsfinanzen agesat ginn.

### Staatsrot reforméieren

Op d'laang Siicht fuerderen d'Piraten, datt déi verschidden Aufgabe vum Staatsrot op eenzel, an deene spezifesche Beräicher méi kompetent Organer verdeelt ginn. Kuerzfristeg wëlle mir, datt bei engem am Moment esou wichtegen Organ wéi dem Staatsrot all Neibesetzung vun engem Poste strikt no Kompetenz, a net no Parteizougehéieregkeet entscheed gëtt. D'Nominatioun op sou e Poste soll ausgeschriwwe ginn a vun enger neutraler Instanz bestëmmt ginn. Des Weidere muss de Sëtz vum Grand-Duc héritier am Staatsrot gestrach gi fir d'Gewaltentrennung an demokratesch Prinzipien ze respektéieren.

### Accès zu modernen Administratiounen

Mir setzen eis fir méi agile, accessibel a modern Verwaltungen an déi sech am Déngscht vum Bierger verstinn. Virun allem wëlle mir mat engem eenheetleche Biergertelefon dem Symptom "et hieft keen den Telefon op" entgéintwierken. Donieft muss konsequent op d'Digitaliséierungvunalle Prozesseranden Administratioune gesat ginn, sou datt all wichteg Aktivitéite kënnen iwwer Internet ausgefouert, an esou den Zäit- a Geldverloscht vu Staat a Bierger limitéiert ka ginn.

### Kloer Responsabilitéite fir Ministeren

Als Bierger ass et net ëmmer ersiichtlech wéi eng Ministere genau wéi eng Responsabilitéiten hunn. Déi nächst Regierung muss d'Kompetenze vun den eenzele Ministère vill besser no bausse kommunizéieren a kloer oplëschte wéi eng Ministere fir wéi eng Ressorten zoustänneg sinn.

### Besser Kriseprozedure tëschent Staat a Verantwortlechen

Onst nationaalt Rettungswiese muss sech un EU- Direktiven halen, déi virschreiwen, datt als Standard no 10 Minutte soll éischt Hëllef op der Platz geleescht kënne ginn. Donieft soll gesetzlech festgehale ginn, datt an all Gemeng mindestens op enger

ëffentlecher Plaz en Defibrillator verfügbar sinn. D’Kriseprozeduren tëscht Staat a Verantwortleche sur Place muss esou koordinéiert ginn, datt se internationale Standarde gerecht gëtt.

### Maximal Äntwertzäit fir Administratiounen

Am Kader vun der Simplification administrative soll all Demande déi säit méi wéi dräi Méint bei enger Verwaltung ouni Äntwert läit automatesch akzeptéiert ginn. Verlängerunge vun dëser Frist missten am spezielle begrënnt ginn.

### Reform vun der Pressehëllef

D’Pirate setzen sech fir eng modern Pressehëllef an. Eng modern Pressehëllef consideréiert nieft der gedréckter Press och Informatiounsportaler am Internet an iwwer nei Technologien. Am Géigenzuch mussen déi subventionéiert Medien eng total Transparenz vun hire Finanzen hierstelle fir esou ënner anerem d’Gläichbehandle vun alle Werber sécherzestellen. Donieft fuerdert d’Piratepartei d’Creatioun vun enger onofhängeger Kommissioun fir Vergab vun der Pressehëllef, no transparente Kriterien. Schlussendlech soll och Transparenz iwwert d'Eegentumsverhältnisser bei all Presseorgan geschafe ginn.

### Budget op Doppik ëmstellen

Et gëtt zwar oft vu Staatsscholde geschwat, gläichzäiteg ass awer net kloer wat de Staat genau u Verméige besetzt. Duerch d’Ëmstellung vum Budget op duebel Comptabilitéit (Doppik) inklusiv der Publikatioun vun engem Bilan um Enn vum Joer géif d’Verméigenssituatioun vum Staat méi transparent ginn. D’Pirate sinn der Meenung datt wat fir Entreprise verpflichtend ass och beim Staat als Minimum un Transparenz gëlle muss.

### Konsequenze bei Budgetsdefizit

De Staatsbudget muss méi streng kontrolléiert gi fir Abus’en ze vermeiden. Ziel muss et sinn bis 2020 en ausgeglachenen Haushalt virweisen ze kënnen, net nëmmen um Pabeier, mee an der Realitéit. Fir dëst Zil z’areeche wëlle mir eng automatesch Sanktioun ab 2020 an d’Gesetz schreiwen, no der d’Regierung automatesch fir dat Joer op 25% vun hirer Paien ze verzichte muss falls den Haushalt e Minus opweist. Wann d’Maastricht Kriterie gebrach gi klëmmt dëse Prozentsaz op 50%.

### Keen sanktiounslos Ignoréieren vun Rapporte vun der Cour des Comptes

Negativ Rapporte vun der Cour des Comptes hunn keng bis wéineg reell Konsequenzen. D’Pirate fuerderen datt hei méi streng Sanktiounsméiglechkeete geschafe gëtt fir Abusen a falsch Handhab mat Steiergelder kënnen ze sanktionéieren.

### Verfassungsreform mat de Bierger ausschaffen

D’Verfassungsreform, déi am Moment vun der Chamber ausgeschafft gëtt, muss fir de groussen Public opgemaach ginn. Nëmme wann d’Bierger an d’Biergerinnen d’Méiglechkeet hunn hir eegen Iddien an d’Reform mat anzebrénge ka séchergestallt ginn, datt d’Verfaassung dat aktuellt Gesellschaftsbild widderspigelt. Dës

Iwweraarbechtung vun der Verfaassung soll iwwer e Biergerkommitee entstoen, wou all Bierger ka Proposen areechen. Um Enn soll iwwer e Referendum iwwer d'Verfassungsreform decidéiert ginn

# Gesellschaft

D’Piratepartei steet fir eng zäitgeméiss Geschlechter- a Familljepolitik. Dëst baséiert um Prinzip vun der fräier Selbstbestëmmung iwwer Ugeleeënheete vum perséinleche Liewen. All Mënsch soll fräi a verantwortungsvoll iwwer säin eegent Liewen an der Gesellschaft entscheede kënnen an de Staat soll nëmmen d’Roll kréien, dës Selwerbestëmmung ze garantéieren.

### Géint Xenophobie

De Wuelstand vu Lëtzebuerg berout ënner anerem opdem Asaz vun Net-Lëtzebuerger a Grenzgänger. D’Piratepartei gesäit all Form vun Xenophobie als Risiko fir eng tolerant Gesellschaft a mir wieren ons géint all dës Tendenzen. D’Piraten förderen all Ënnerstëtzung vun Initiativen géint Xenophobie fir dëse Phänomen ze verdrängen an eng tolerant an oppe Gesellschaft z'erméiglechen.

### Jiddereen dierf Kleedung fräi wielen

En selwerbestëmmt Liewe féieren heescht och seng eege Kleedung dierfen ze wielen. D’Pirate schwätzen sech dofir géint all méiglech Verbueder aus, déi dëst Recht aschränke wéilten, besonnesch wann déi reliéis Fräiheete betraff sinn.

### Fräi an entkriminaliséierten Avortement

All Fra huet d'Recht iwwert hiren eegene Kierper ze entscheeden. De Staat dierf keng ideologesch oder reliéis Weltbiller als Grond huelen, Fraen dëst Recht anzeschränken. Dofir fuerderen d’Piraten eng fräi zougänglech, entkriminaliséiert Ofdreiwung fir all Fra mat der beschter medezinescher Versuergung, an enger neutraler, fakultativer Berodung. D’Käschte si wéi all medizinesch Leeschtunge vun der Krankekeess ofzerechnen.

### Verbued vun reliéise Beschneidungen

D’Recht iwwer säin eegene Kierper ze entscheeden impliziéiert, datt kengem Mënsch dierf Prozeduren opgezwonge ginn, ouni säin Averständnes. Net-medizinesch justifiéiert chirurgesch Agrëff bei Kanner leent d’Piratepartei of a fuerdert, datt reliéis Beschneidunge bei klenge Kanner verbuede gëtt. Dëst Verbued dierf nëmmen esou laang gëlle wéi déi concernéiert Persounen aus eegener Entscheedung eraus kënnen decidéieren dës Agrëff duerchzeféieren.

### Gewalt als gesamtgesellschaftleche Problem

Gewalt muss als gesamtgesellschaftleche Problem erkannt ginn an dierf net op bestëmmte Gesellschaftsgruppe reduzéiert ginn. Op Jeeër, Sportschützen oder Gamer - d’Stigmatiséiere vu bestëmmte Gesellschaftsgruppe leene mir of a fuerdere Gewalt

als gesamtgesellschaftleche Problem unzegesinn an deementspriechend Léisung ze fannen.

# Gesellschafts-
# politik



# Steierpolitik

Déi wichtegst Reform an der Steierpolitik ass d'Aféierung vun enger negativer Akommessteier. Dës Visioun kann allerdings net vun Haut op Muer realiséiert ginn, dofir musse kuerzfristeg Weeër fonnt ginn d'Steierrecht ze vereinfachen, souwuel fir Privatpersounen, wéi och fir Entreprisen. Eng Vereinfachung huet net nëmmen eng Entlaaschtung, an domat en Erspuernis, bei den Administratiounen zur Folg, ma bréngt och déi néideg Transparenz an en oniwwersiichtleche System, deen et all Mënsch, onofhängeg vum Portemonnaie, erméiglecht seng Steierausgaben nozevollzéien an ze optiméieren. En vue vun enger selwerbestëmmter Gesellschaft, mat informéierte Steierzueler, an engem transparente Staat, ass eng radikal Vereinfachung vum Steiersystem néideg.

### Vereinfachung vum Steierrecht mam Zil vun der Steiererklärung um "Béierdeckel"

Dat lëtzebuergesch Steierrecht baséiert op der Abgabenverordnung vu virum zweete Weltkrich. D'Pirate setzen sech mat der Fuerderung no enger negativer Akommessteier net nëmme fir eng Moderniséierung vum Steiersystem an, mee mir fuerderen och datt bis dohinner all bestoend Steiergesetzervereinfachtginn.Eng Vereinfachung vum Steiergesetz huet eng erhéichten Transparenz zur Folleg, an domat méi Fairness am Steiersystem, well Steierzueler net méi drop ugewise sinn deier Fiduciairen ze bezuele fir vu Steiervirdeeler ze profitéieren.

D'Piratepartei fuerdert datt fir all Steier déi am Moment erhuewe gëtt kontrolléiert gëtt ob se méi abréngt wéi se u Käschte verursaacht. Sollt dës Bilanz negativ ausfalen, ka Geld agespuert ginn andeems déi betreffend Steieren ofgeschaf gëtt. Och Steieren déi enorm opwenneg bei der Deklaratioun sinn an nëmme wéineg abrénge sollen entweder vereinfacht ginn oder awer ofgeschaaft ginn.

Am Kader vun dëser Vereinfachung vum Steierrecht fuerdere mir och als Iwwergangsléisung zu onser Propose vun der Negativ-Akommes-Steier et zu enger Reform vum Steierrecht kënnt déi et jidderengem erlaabt seng Steiererklärung op engem einfachen a verständleche Formulaire ze maachen. Duerch d'Ofschafe vun Ausnahmen an d'Automatiséierung vun anere Steiervirdeeler kann de Bierger bei der Deklaratioun enorm entlaascht ginn, wat op der anerer Säit zu manner Feeler bei der Steiererklärung an doduerch d'Aspuere vun administrative Käschte féiert.

### Automatesch TVA Deklaratiounen/Quittungen

Amplaz datt Firmen haut ënnertenee mussen d'TVA bezuelen, da verbuchen an dono mam Staat verrechnen, fuerdere mir e méi einfache System bei dem d'TVA Deklaratioune bei all Transaktioun direkt beim Staat ugemellt ginn. Déi zwou Parteie

kréien dono eng Quittung doriwwer ob, a wa jo, wéi vill TVA bezuelt gouf. Dëst erlaabt et datt Firmen ënnertenee keng TVA méi misste bezuele wëll des direkt kéint iwwert dëse System verrechent ginn. Gläichzäiteg verhënnert esou e System Firmefaillitë wéinst Verspéidunge mat TVA-Ofrechnungen a suergt präventiv Mëssbrauch vir.

**Steier- an Ierwrecht-Reform fir jiddereen**

Partner, déi iwwert eng legal Méiglechkeet wéi eng notariell Bestätegung oder e gemeinsame Wunnsëtz kënne beweisen, datt se säit mindestens dräi Joer zesumme liewe solle kënnen d'Steiervirdeeler an d'Ierwrecht vu Koppelen unhuele kennen. Dëst betrëfft zum Beispill Transgender- Persounen déi bestuet sinna bei engem Changement de Sexe gezwonge ginn sech scheeden zeloosse - wat de Verloscht vun allen Steier- an Ierwrechter bedeit. Dës Situatioun ass eng onnéideg Diskriminéierung a muss behuewe ginn.

# Chancegläichheet

D'Pirate lenen eng Gesellschaft mat Ënnerscheedung opgrond vu Geschlechter, sexueller Orientéierung, Hierkonft oder aaner perséinlechen oder äusserlechen Merkmalen strikt of. All Mënsch muss als Deel vun der Gesellschaft déi selwescht Rechter a Pflichten hunn an de Staat muss dës Gläichbehandlung a sengen Aktioune garantéieren.

**Wierklech Gläichstellung**

Mir fuerderen eng wierklech Gläichsstellung vu Mann a Fra. Dës kann zum Beispill duerch méi flexibel Aarbechts- a Vakanzemodeller erreecht ginn. Méiglech wier et och, datt wéinst der statistescher Wahrscheinlechkeet datt Fraen opgrond vun hire Kanner méi dack ofwiesend sinn Männer als Kompensatioun dëst mat agepräist kréien, zum Beispill a Form vun engem Bäitrag an e Fong fir d'Förderung vun der Gläichsstellung.

**Medizineschen Zougang fir transident Persounen**

D'Piraten si fundamental der Iwwerzeegung, datt jiddwereen e Recht drober huet, a séngem Kierper a mat senger Identitéit glécklech ze sinn. Mir trieden dofir net nëmmen national mee och international dofir an, datt d'Stigmatiséierung vun Trans- an Intersexmenschen als psychesch Kranker ophällt.

Mir schwätzen eis vehement géint eng pathologiséierung vun Trans- an Intermenschen am Bezuch op weider Prozeduren während hirer Transitiounsphase aus. Mir si fir eng komplett a vollëmfänglech prise en charge vun de medizineschen Traitementer duerch d'Gesondheetskees, déi dës Bierger hirem Wonsch méi no bréngen.

**Vereinfachung bei geschlechtsugläichenden Operatiounen**

Et ass absolut noutwenneg, fir transidente Persounen no enger geschlechtsupassender Operatioun d'administrativ Prozeduren ze vereinfachen. Duerch eng eenzeg Demande beim zoustännege Service de population vun der Wunngemeng mussen folgend Donnéeen a raisonablen Délaisen modifizéiert ginn:

- Eng nei Matriculesnummer (vu datt d'Geschlecht an der virlëschter Zuel vun der Nummer codéiert ass),
- Eng nei Identitéitskaart
- Informatiounen fir d'Gesondheetskeess
- Informatiounen fir aner Servicer déi d'perséinlech Identifikatiounsnummer (z.b. d'Steierverwaltung) brauchen.
- Schouldiplomer vu nationale Schoulen
- Modificatioun vum Gebuertsschäin. Den Acte de naissance dierf op kee Fall

d’geschlechtlech Virgeschicht vun der Persounen enthalen, doduerch mussen analog Gebuertsakten duerch Digitaler ersat ginn.

### Opwäichung vun der binärer Geschlechterkategoriséierung am Etat civil

Vill intersexuell Mënschen déi bei hirer Gebuert kengem Geschlecht eendeiteg zougewise konnte ginn goufen awer zum Mann oder zur Frau operéiert, laang éier se selwer wousst en, wat se eigentlech sinn. Ethesch ass et en net ze rechtfertegen Agrëff an d’Perséinlechkeetsrecht vun engem Mënsch, wann dësen z.b. bei senger Gebuert opgrond vu senger kierperlecher Konstitutioun net eendeiteg dem weiblechen oder dem männleche Geschlecht zouweise léisst, dësen dann awer um Etat civil an eng vun dësen Kategorien anzeuerdnen. D’Regierung muss der Fuerderung vum Europarot, bei der Klassifizéierung vu Persounen no Geschlecht Flexibilitéit walten ze loossen, Rechnung droen.

D’Piraten favoriséieren eng Léisung bei däer méi Geschlecht ewéi just „männlech" oder „weiblech“ méiglech sinn.

### Anonym Bewerbunge förderen

Fir bei Virstellungsgespréicher ze vermeiden, datt Kandidate schon am Virfeld wéinst Kritèren wéi Geschlecht, Äusserlechkeeten oder Hierkonft ausgeschloss ginn setzt d’Piratepartei sechfiranonym Bewerbungen an. Esoukannde Patron sech uertdeelsfräi op d’Qualifikatiounen vum Mënsch konzentréieren, deen e bei sech an d’Virstellungsgespréich komme loose well.

### Konsequent Inklusioun vun LGBTIQ-Menschen an der Legislatioun an am Alldag

No der Reform vum Bestietnes- an Adoptiounsrecht fir gläichgeschlechtlech Persounen bleiwt am Beräich vun den LGBTIQ-Themen trotzdem nach vill Themen, déi op den Orde du jour gehéieren. D’Piraten fuerderen dofir e ganzheetlechen Screening vun den eventuellen Texter an der lëtzebuergescher Legislatioun, déi eng relevanz fir LGBTIQ-Mensche kënn hunn.

Mir ënnerstëtzen d’Kreatioun vun engem interministeriellen Grupp iwwert LGBTIQ-relevant Froen an nodeems de Familljeministère schon en éischten "Plan d’Action National LGBTI“ ausgeschafft huet, wëlle mir, datt op deem Sujet och konsequent virugeschafft a wann néideg, zousätzlecht Personal a Mëttelen zur Verfügung gestallt ginn. D’Léierpersonal, d’Leit an de Gesondheetsberuffer, d’Policeagenten, d’Justiz a vill aner staatlech Akteuren mussen an deem Thema besser forméiert ginn. Mir fuerderen doriwwer eraus, all nach verbleiwend Ongläichheeten konsequent ze beseitegen. D’Zil muss et sinn, als progressivt a modernt Land nach an der éischter Halschent vun der kommender Lesgislaturperiod eng Beschtplazéierung am ILGA Europe Index vun den LGBTIQ-Rechter ze ereechen.

Zu der Inklusioun vun LGBTIQ-Leit am Alldag gehéiert och d’Bewosstsin fir hir Bedierfsnësser hisiichtlech der Gesondheet an bei der Altersvirsuerg ze kennen. Mir fuerderen e Konzept, fir dës Bedierfnësser ze erfuerschen an Propositiounen zur Integratioun an de Gesondheetssystem virzeleeen. Dozou gehéiert och d‘Integratioun vun LGBTIQ-relevanten Themen an d‘Formatioun vun de ënnerscheedlechen

Gesondheetsberuffer. Heibäi muss och der Ëmsetzung vum europäeschen Plang „Health4LGBTI“ Rechnung gedroen ginn.

# Inklusioun

D'Pirate setzen sech fir eng gläichberechtegt Gesellschaft ouni Barrièren an Hürden an - eng Gesellschaft, an der sech och Mënsche mat kierperlechen, psycheschen oder geeschtege Behënnerunge fräi vun Diskriminéierung a Stigmatiséierung mat de gläiche Chancen entfale kënne wéi all aner Persounen. Eng Behënnerung dierf keng Aschränkung sinn an de Gesetzgeber muss mat alle Mëttelen dofirsuergen, dattall Mënsch e selwerbestëmmt Liewe féiere kann. No der Idee vun der UN-Behënnerterechtskonventioun soll Lëtzebuerg all néideg Mesuren huele fir d'Inklusioun vun all Mënsch mat enger Behënnerung ze garantéieren a sou déi sozial a politesch Partizipatioun ze erméiglechen.

**Gebärdesprooch unerkennen a förderen**

Lëtzebuerg ass ee vun deene leschte Länner an Europa dat d'Gebärdesprooch nach net als Sprooch unerkannt huet. D'Pirate setzen sech fir eng schnell Ännerung vum Sproochegesetz a fir dëse Problem ze behiewen. Doriwwer eraus muss déi däitsch Gebärdesprooch hei zu Lëtzebuerg méi gefördert ginn - et musse méi Coursen ugebueden an d'Bevëlkerung zu dësem Thema sensibiliséiert ginn. Nëmmen esou ass et méiglech fir schnellstens genuch Gebärdesproochdolmetscher auszebilden, fir datt gehörlos Leit net méi d'office bei staatlechen Evenementer oder der Politik ausgeschloss ginn.

**Perséinlech Assistenz a perséinleche Budget**

D'Liewe mat enger Behënnerung bedeit ganz oft, datt een op Hëllef am Alldag ugewisen ass. D'perséinlech Assistenz ass eng Méiglechkeet fir Ënnerstëtzung ze erhalen, wéini, wou, wéi a vu wiem een se brauch a wëll. Domadder ass et behënnerte Mënsche méiglech gläichberechtegt a selwerbestëmmt um Liewen deelzehuelen: an der eegener Wunneng, op der Aarbechtsplaz, an der Fräizäit, als Elteren oder Kanner. Den Ënnerscheed zu konventionellen Hëllefsmethoden oder sozialen Déngschter ass, datt bei der perséinlecher Assistenz d'Initiativ vun de Persoune selwer ausgeet an si d'Organisatioun vun hirem Liewe selwer entscheede kënnen.

Eng weider Méiglechkeet fir Leit mat Behënnerungen zu engem méi selwerbestëmmte Liewen ze hëllefen ass de perséinleche Budget. Anescht ewéi bis elo mussen déi betraffe Persoune kënnen selwer decidéiere wéi eng Hëllef si vu wiem an Uspruch huele wëllen, amplaz eng fest definéierter Saach- oder Dingschtleeschtung virgeschriwwen ze kréien. D'Héicht vum perséinleche Budget gëtt dem Bedarf no ugepasst a kann sech bei engem Duerchschnittbudget vu 500€ pro Mount apendelen.

Béid Mesuren hëllefen de betraffene Leit enorm fir sech en eegestännegt Liewen opzebauen a mussen dofir vum Gesetzgeber ënnerstëtzt ginn.

**Onofhängege Behënnertenbeopftragten**

Fir sécherzestellen, datt d'UN- Behënnerterechtskonventioun och tatsächlech am Sënn vun de betraffene Leit ëmgesat gëtt brauch et een onofhängege Behënnertebeoptragten. Dëse Beoptragte soll ähnlech wéi d'Ombudspersoun schaffen an d'Recht kréie regelméisseg an der Chamber ze intervenéiere fir op d'Bedürfnisser vu behënnerte Persounen opmierksam ze maachen a Gesetzestexter op hier Behënnertegerechtheet ze préiwen.

**Barrierefräi an national ofgestëmmten Hotlines beim Staat**

Nieft der eenheetlecher Noutrufnummer 112 brauch Lëtzebuerg eng eenheetlech Krisenhotline déi a Krisesituatiounen all net dringlech Apeller, wéi z.B. Vermësstemeldungen, entgéint kann huelen. Dëst kann den 112 enorm entlaaschten. Dës Hotline muss allerdéngs fir gehörlos oder stomm Mënschen accessibel sinn - dat heescht, dat d'Hotline och via SMS, E-Mail a weider Textservicer funktionéiere muss.

# Familljepolitik

D’Piratepartei steet fir eng zäitgeméiss Geschlechter- a Familljepolitik. Dëst baséiert um Prinzip vun der fräier Selwerbestëmmung vum perséinleche Liewen. D’Pirate setzen sech dofir an, datt d’Politik der Villfalt vun de Liewensstiler gerecht gëtt. All Mënsch muss sech fräi fir de selwergewielte Liewensentworf an déi vun him gewënschte Form vu gläichberechtegten Zesummeliewen entscheede kënnen. D’Zesummeliewe vu Mënschen dierf net op der Ausbeutung vun Eenzelne baséieren. All Form vum Zesummeliewen an der geschlechtlecher, respektiv sexueller Identitéit bzw. Orientéierung muss respektéiert ginn esou wäit se um géigesäitegen Averständnes an dem Respekt vun de betraffene Persoune berout.

**Eltererecht reforméieren**

Ënnert d’Eltererecht falen och Rechter vun Elteren, déi an engem Scheedungsfall sinn. Mir fuerderen, datt der Realitéit endlech Rechnung gedroe gëtt an all Elterendeel, dat sech an d’Erzéiung vum Kand abrénge wëll onofhängeg vum Geschlecht déi selwecht Rechter zougestane kritt. D’Scheedungsrecht muss dofir dohigoend reforméiert ginn. D’Wiel vum Kand mat béiden Elterendeeler a Kontakt ze bleiwe, wann dëst gewënscht ass, muss Prioritéit hunn.

**Status vum Kand**

Duech éng tendenziell bedingten Opléisung vun den traditionelle Familiemuster, esou ewéi och duerch daat neit Scheedungsgesetz gin d‘Kanner emmer méi vulnérabel, a brauchen de facto en effiziente Schutz duerch e bannend Matbestemmungsrecht an der Bestemmung vun hirer Zukunft. D‘Justiz darf d‘Kand net weider als „objet“ betruechten, mee d‘Kand muss endlech als „sujet“ de protection unerkannt gin! D‘Kand huet e Recht drop mat béiden Elteren, esou ewéi och mat nostoende Familiememberen de Kontakt no énger Scheedung ze erhalen. D‘Kand huet och d‘Recht drop dee Kontakt ze verweigeren. Uerteeler déi sech explicite GEINT dem Kand séi Welle riichten, stin am krasse Géigesaatz zu deenen elementarste Menscherechter an darfen kéngem Kand duerch e Gerichtsuerteel opgezwonge gin. Wann d‘Kand en eegenen Affekot beustand, da muss daat iwwert en Eltrendeel vum Kand séngem Vertrauen, zesumme mat éngem Psychologue, deen dem Kand séi Vertrauen genéisst, ugefrot gin. Deen Affekot muss dem Kand séi Vertrauen hun, a muss am Fall vu Vertrauensmessbrauch onwiderruffleg ersat gin. E Riichter däerf éngem Kand kee vum Gericht designéierte Kanneraffekot imposéieren. Am Fall vun éngem Placement, musse béid Elteren, an/oder dem Kand séin Hausdokter, esou wéi och d‘Kand selwer, an e Psychologue deen dem Kand séi Vertraue genéisst, sech gemeinsam fir des Mossnahm ausschwätzen. All Kand muss, am Fall vun énger Enquête oder Ausso bei der Police, énger assistante sociale, virum SCAS oder viru Gericht, vun éngem Psychologue vum Kand séngem Vertrauen a vun éngem

Delegueéierten vun der Menscherechtskommissioun begleed gin. Kee Kand darf eléng befrot gin, esou wéi daat aktuell de Fall as. Op Wonsch vum Kand muss och een oder béid Elterendeel(er) mat un deenen Entrevuën deelhuelen. Des Bestemmunge mussen och am Fall vun énger Befroung duerch ee vum Gericht beoptragten Affekot oder Expert erfëllt sin. Éng Persoun déi e Messstand oder éng Messhandlung physescher oder psychescher Natur bei éngem Kand fesstellt (Haus- oder Schouldokter, Erzéihungsbegleeder, Elteren- oder Familiemember, Frendes- a Bekanntekrees vum Kand) ennerléit der Meldepflicht a muss deemno gesetzlech geschützt sin. Am Fall vu Kierperverletzung oder sexuellen Iwwergreffer op e Kand enner 15 Joer, muss sech den Akteur fir des Strofdot gerichtlech verentwerten. Dest as e Verbriechen an éng Violatioun vum Kand sénger Vulnerabilitéit mat schwéiere Konsequenzen an darf als solches net als Kawaléierdelikt duergestallt gin. Et as an deene Fäll de toute évidence net um Kand nozeweisen, dass et sech géint en Ugrëff op séng Intimsphäre gewiert huet. A Fäll vun uergen a repetitiven Iwwergreff däerf kéng temporel Prescriptioun énger spéiderer plainte entgéintstoën.

### Adoption simple fir all Famill, Adoption plénière ofschaafen

Mir gesinn et als e Grondrecht vu jiddwer Mënsch un, d'Identitéit vu senge biologeschen Elteren ze kennen, wann dës Persoun dëse Choix hëlt. Et steet kengem Mënsch zou, engem aneren d'Méiglechkeet virzeenthalen seng eege Wuerzelen ze entdecken. Aus dësem Grond si mir fir eng Ofschafung vun der *Adoption plénière*, bei där d'Lienen zu de biologeschen Eltere gekappt ginn.

Donieft muss d'*Adoption simple* reforméiert an un d'gesellschaftlech Tatsaachen ugepasst ginn. De Wonsch, engem Kand en Doheem ze bidden, an deem et Léift a Virsuerg kritt, sollt an all Fall ënnerstëtzt ginn. Dofir sollen all Erwuessen, déi de Kriterie vun den zoustännege Fachleit no déi dofir néideg d'Fähegkeet besëtzen, d'Méiglechkeet kréien, sech als Elterekandidat fir eng Adoptiounsprozedur ze bewerben.

### Familjenwunnengen zu gënschtege Präisser

De Staat selwer soll Wunnenge bauen an déi ab 750 € de Mount, bedéngungslos fir eenzel Persounen & Familljen zur Verfügung stëllen. Wunnenge bleiwen am Besetz zum Staat a soumat bleift Valeur erhalen.

### Eltern sollen die Wahl haben, auch Geringverdiener! Arbeiten oder zu Hause bleiben?

Der Chèque Service kann für die Betreuung nur richtig profitiert werden, wenn Eltern von genehmigten Betrieben wie Tagesstätten, Maison Relais oder Tageseltern die Betreuung Ihrer Kinder übernehmen lassen.

Bei Geringverdienern gibt es nicht die Möglichkeit selbst zu Wählen ob man zu Hause bleibt oder teilweise oder ganz Auswärts betreuen lässt.

Eltern sollen wirklich die Wahl haben (nicht wie die Regierung zur Zeit nur behauptet) wo und wie die Kinder betreut werden. Eine Lösung ist der Chèque Service auszubezahlen. Die Ausbezahlung soll gestaffelt erfolgen, genauso berechnet wie der Chèque Service, also auf Basis der Einkommen der Eltern. Dieser Betrag kann

genauso besteuert werden wie der Umsatz von Betreuungseinrichtungen.

Mit diesem „baren" CS haben die Eltern dann die freie Wahl, Betreuung in Tagesstätten oder bleibt ein Elternteil zu Hause, ganztags, oder halbtags.

Eltern haben mehr von den Kindern, die Kinder profitieren von dieser Möglichkeit. Steuern gehen nicht verloren weil der Chèque Service wie die Umsatzsteuer ausbezahlt wird. Betreiungsstrukturen wie Maison Relais platzen heute schon aus allen Nähten. Die Bevölkerung soll die nächsten Jahre weiter wachsen somit wird es auch immer mehr Kinder geben die betreut werden müssen; das heißt bestehende Infrastrukturen, die heute schon voll sind müssen erweitert werden, respektive es müssen weitere Infrastrukturen dazu gebaut werden.

Werden weniger Betreuungsstrukturen gebraucht weil der CS an Eltern ausbezahlt wird, kann dieser Budget eingespart werden und bzw. für Sozialwohnungen oder für betreutes Wohnen von älteren Mitmenschen benutzt werden.

Unsere Kinder sind unsere Zukunft. Lässt uns gut für unsere Kinder sorgen!

### Kannerbetreiung

Crèchen, d'Maison Relais'en an déi zukënfteg „Mini-Crèches" sinn oft ganz onflexibel wann Elteren zum Beispill onregelméisseg Aarbechtszäiten hun an déi meeschtens nëmmen am Forfait ofrechnen an net pro Stonn. Dagesmammen hunn de Virdeel, dass d'Kanner an enger familiärer Emgéigend betreit kënnen ginn. An hierem Beruff kënnen se och profitéieren, dass se gläichzäiteg her eegen Kanner betreien / erzéien kënnen. Leider gëtt den Dagesmammen vum Staat aus d'Liewen onenendlech kompliziéiert gemaach. Bürokratesch kënnt ëmmer méi op se duer, dat ass also de Géigendeel vun der Regierung hierem Ziel, vun der simplification administrative. Duerch stännegen Ännerungen an zousätzlechen Direktiven get den Elteren an den Dagesmammen d'Liewen schwéier gemaach. Selbstännegen Fraen déi matt hierem Beruff ee groussen Deel zu eiser Gesellschaft bäidroen get de Mut geholl des Tätegkeet auszeüben. Elteren bezuelen Dagesmammen fir dass sie sech em hier Kanner këmmeren an net vir administrariv Tätegkeeten auszeűben an Direktiven déi dauerhaft Änneren ëmzesetzen. D'Mini-Crèchen déi elo agefouett sollen ginn, léeen den Dagesmammen nach wieder Steng an de Wee. Sollen d'Kanner an Zukunft alleguerten an staatlech kontrolléierten Crèchen betreit ginn an wëll d'Regierung duerch Drock an dat stännegt Änneren vun den Direktiven lues a lues d`Dagesmammen vum Maart drängen? Selbstänneg Fraen sollen erëm als Salariéen schaffen, an hieren Statut opginn? Mir soen NEE dozou! D'Elteren sollen selwer entscheeden kënnen, wéi hier Kanner betreit ginn; an enger Crèche, bei enger Dagesmamm oder Doheem! Vir dass d'Dagesmammen net vum Maart verdrängt ginn an d'Elteren weiderhinn de Choix behalen fuerderen mer kloer an stabil Direktiven, déi net dauerhaft geännert ginn an dass d'Elteren matt den Dagesmammen einfach on onkompliziéiert zesummeschaffen kënnen.

### Reeboufamillen

Mir ënnerstëtzten déi fuerweg Diversitéit vum Zesummeliewen an wëllen dofir och um Gebitt vun de sougenannte Reeboufamillen eis fir d'Unerkennung an de Schutz vun de Betraffenen asetzen. Esou zum Beispil plädéieren d'Piraten fir hierarchiefräi

Unerkennung vun den diversen Familljekonstellatiounen ouni de Fokus op den biologoschen Lien ze leeen.

Mir plädéieren dofir, nom Aussetze vum Projet de loi 6568A, d'Beméihungen nees opzehuelen, fir beispillsweis Fraaekoppelen oder heterosexuelle Koppelen via PMA (procréation médicalement assistée) d'Chance ze ginn, fir Kanner kréien ze kënnen.

Am Kontext vun enger Unerkennung vu Reeboufamillen ass et ausserdeem onbedéngt néideg, weider konsequent un der Upassung vun offiziellen Dokumenter, Publikatiounen a Formulaire bei staatlechen an kommunalen Administratiounen ze schaffen, déi aktuell nach ëmmer eng Terminologie vun ënnerscheedlech geschlechtlechen Elteren benotzt.

Mir fuerderen doriwwer eraus eng ganzheetlech Analyse vun den ënnerscheedlechen Prozeduren bei der Filiatiounspolitik an den eventuelle Konsequenzen op d'Ofstaamungs- an Ierfschaftsrecht hisiichtlech vu Reeboufamillen.

# Drëtten Alter



# Drëtten Alter

### Méi  Altershéemer an Strukturen fir betreit Wunnen

Mir setzen eis dofir an dat jidderen am Alter e passenden Ennerdach an déi néideg Betreiung kritt. Et daerf net sinn dat Menschen am Alter net wessen wouhin. Dofir mussen méi an besser Strukturen fir aal Léit gebaut ginn.

### Steierklassen ofschaafen

Mir setzen eis dofir an, fir d'Steierklassen komplett ofzeschaafen an Familljen duerch Steierkrediter fir Kanner z'entlaaschten amplaz Witfraen a -männer respektiv gescheete Koppelen no 3 Joer duerch eng Réckstufung ze bestrofen.

Net de Fakt bestuet ze sinn soll honoréiert ginn, mee de Fakt Kanner ze hunn ënnerstëtzt ginn. Des Weideren geet esou och d'Dir op fir Benevolat verstäerkt iwwert de Steiersystem ze honoréieren.

### Neen zur Altersaarmut

D’Mindestrent un déi aktuell Wirtschaftssituatioun upassen an domat verhënneren dat Mënschen déi hiert Liewe laang zum Wuel vum Land bäigedroen hunn an d’Aarmut ofrëtschen an op der Strooss landen.

# Wirtschaft



# Wirtschaft & Finanzen

Eng erdréckend Schold, eng steigend Aarbechtslosegkeet an d'Enn vum Boom vun der Stolwirtschaft a vun der Finanzplaz zwénge Lëtzebuerg seng Wirtschaft op nei Been ze stellen. Nei Sektere wei Logistik, Kommunikatiounstechnologie oder Biotechnologie mussen erschloss ginn. D'Piratepartei trëtt dofir an, datt besser Rahmebedingunge geschaaft gi fir Investitiounsgelder, Entrepreneuren an d'Expertise hei op Lëtzebuerg ze kréien.

D'Piratepartei mengt, datt de Staat dobäi soll hëllefe gutt Konditiounen dofir ze schafen; de Staat sech awer selwer aus der Economie an aus den Investitiounen esouwäit wéi méiglech eraushale soll. Ënnert dëse gudde Konditiounen si selektiv steierlech Erliichterungen, eng Reduktioun vun administrativen Hürden, besser Rechtssécherheet fir Firmen an ee fräien Aarbechtsmaart dee gutt funktionéiert. Virun allem sollen nei Grënnunge vu Firmen am Mëttelstand mat reellen, profitabelen an innovativen Tätegkeete kënne stattfannen, wuessen an Aarbechtsplaze schafen.

### Staatlech Partizipatiounen a Subventiounen iwwerpréifen

De Staat subventionéiert vill Entreprisen a Sekteuren an huet vill eege Partizipatiounen. D'Piratepartei ass iwwerzeegt, datt eng Subventioun vum Staat ëmmer nëmmen eng Starthëllef sollt si fir eppes opzebaue wat sech à Terme wirtschaftlech dréit. Mir fuerderen dofir,

datt en ëffentleche Register vun alle Subventiounen a vun allen direkten an indirekte Partizipatioune vum Staat opgebaut gëtt. Déi Registere solle regelméisseg op hier Noutwendegkeet an hire wirtschaftleche Sënn iwwerpréift, a wann néideg ofgeschaaft ginn.

### Wirtschaftlech Aktivitéite vum Staat reduzéieren

De Staat huet nieft den Ausgaben a Subventiounen och eege wirtschaftlech Aktivitéiten an Interessen. Dobäi mécht de Staat net nëmmen um Aarbechtsmarché mee och direkt an deene jeeweilege Sekteren de Privatfirmae Konkurrenz. D'Piratepartei fënnt, datt wirtschaftlech Aktivitéiten net an de Kompetenzberäich vum Staat gehéieren a fuerdert en kontrolléiert Zréckzéie vum Staat an den Opbau vun der Wirtschaft an deene betraffe Beräicher.

### Kritesch Infrastrukturen an ëffentlecher Hand

Kritesch Infrastrukturen, déi déi elementaarst Bedürfnisser vun de Bierger decken, solle garantéiert ginn. Dozou gehéieren ënnert anerem d'Stroossen an d'Réier déi drënner leie fir d'Waasser, Gas oder Stroumversuergung. D'Piratepartei fuerdert, datt d'ëffentlech Hand dem Bierger kritesch Infrastrukturen a Servicer zur Verfügung stellet, wann d'Privatwirtschaft keng gutt a bëlleg

Alternativen ubitt. Mir setzen ons fir e bedéngungslosen a stetegen Accès zu Waasser, Energie an Telekommunikatioun an, sou wéi ëffentlechen Transport. D'Recht op dësen Accès soll Verfassungsrang kréien.

### Innovatioun a Risiko belounen - Firmegrënnungen vereinfachen

Firmegrënnunge sinn e ganz wichtege Faktor fir d'Wirtschaft an hier Entwécklung. Se hëllefen Innovatioune ze fërderen a Chômage ze bekämpfen. Lëtzebuerg soll eng vun den Top-5 Plazen op dëser Welt gi wat d'Attraktivitéit fir Firmegrënnungen ugeet. All gegrënnte Firma, déi an hirer Startphas net ënnert der enormer aktueller Staatslaascht zu Gronn geet, ass längerfristeg eng staark Beräicherung fir d'Wirtschaft an eng grouss Kontributioun un eist soziaalt Zesummeliewen.

Mir fuerderen donieft en Accès zu Beruffszoulossungen no europäeschem Model, wéi an onsen Nopeschlänner. D'Piratepartei fuerdert net nëmmen administrativ Vereinfachunge mee och Befreiung vun Steier- an Soziallaaschte vu Firmen, Entrepreneuren an hirem Personal esou laang d'Firma hier ganz Ressource brauch fir unzekommen; dat ënnert der Konditioun datt mat deene finanzielle Ressourcen den Developpement vun der Firma weidergedriwwe gëtt, an nëmmen esoulaang se kee Benefice un hier Aktionären ausbezuelt an den Dirigent'en hir Salairë op 2 x de Mindestloun begrenzt bleiwen.

### En neit Faillitegesetz

Faillitte sinn en normalen Deel vun enger gutt funktionéierender Wirtschaft. Falsch Investitiouns- Entscheedungen oder ee staark ëmgewandelte wirtschaftleche Kontext kënnen zur Faillite féieren. Eng Firma, déi et net fäerdeg bréngt rëm profitabel ze schaffen, muss zoumaachen. Liquidatiounen zu Lëtzebuerg fannen iwwert Huissier'en op bal mëttelalterlech Aart a Weis statt. D'Liquidateuren hunn dobäi selwer ee staarke finanziellen Eegeninteressi. Dat ass net méi zäitgeméiss an kontraproduktiv fir d'Wirtschaft. Oft kinnte Faillitte verhënnert ginn, wann en Dialog mat deene betraffene Firme géif bestoen.

"Faillites frauduleuses" musse selbstverständlech mat aller Häerd bekämpft ginn. Mee virun Allem muss verhënnert ginn, datt Faillitten (legal oder net) gesond Betriber mat an Gefor bréngen, zum Beispill well Rechnungen net oder net schnell genuch bezuelt ginn.

Dofir fuerdert d'Piratepartei datt d'Gesetz iwwert Faillitten, hiert Verhënneren an hier Ofwécklung komplett iwwerschafft gëtt an dobäi de Schwéierpunkt op d' Hëllef an net op d'Zerschloe vu Firme geluecht gëtt.

### Trennung vu Bank- an Finanzdéngschtleeschtungen

Fir villfälteg Finanzdéngschtleeschtunge soll Lëtzebuerg weiderhin attraktiv bleiwen an als Numm stoen! Awer dat op Vertrauen opgebaut Bankgeschäft dierf dem net geopfert ginn. Dat zollitt Geschäft mat Enn-Clienten ass extrem wichteg fir eis Wirtschaft an dierf net duerch aggressiv spekulativ Praktike gefährt ginn.

D'Piratepartei fuerdert eng streng Trennung vu Bank- a Finanzdéngschtleeschtungen.

**Sënnvoll Steieren op Wäertpabeieren**

D'Piraten si géint eng Finanztransaktiounssteier déi längerfristeg Anlagen an Investitiounen d'selwecht besteiert wei déi kuerzfristeg. D'Piratepartei fuerdert ee Model fir eng Finanztransaktiounssteier auszeschaffen, bei deem den Steiersatz op 0% fält, bei Dauere vun iwwer 2 Joer.

**Neiregelung vum Glécksspill**

Online-Glécksspiller an -Wette sinn en legitimen a milliardeschwéiere Maart vun dem Lëtzebuerg och eppes kinnt hunn.

Piratepartei fuerdert de Pseudo-Monopol vum Staat un de Glécksspiller ze briechen a Glécksspill-Gesetzer ze schafen déi un d'21t Jorhonnert ugepasst sinn.

**Ofschafung 1 an 2 Euro-Cent**

Mënzen ginn an engem deieren a Ressourcen-intensive Prozess hiergestallt. Een- an Zwee-Cent si méi deier wéi de Wäert deen drop steet. Et gi kaum eenzel Saachen déi ee fir dee Präis kafe kann. D'Piratepartei fuerdert fir d'Ofschafung vun deene Mënzen an der Eurozone ze werben.

**Stäerkung vun der Landwirtschaft**

Eng regional adaptéiert a leeschtungsfäeg Landwirtschaft, déi och kleng Betriber gläichberechtegt deelhuele léist, an déi ënnert der Viraussetzung vun nohaltegem Wirtschaften an ökologeschem Bewosstsënn vun de Verbraucher kompetitiv ass gëtt gefuerdert.

De Piraten no sollen d'Landwirt an hir Verbänn, de Liewensmëttelhandel, d'Qualitéitslabelen, d'Natur- an Déiereschutzveräiner, mee och Vertrieder aus der Politik an de Verbraucher sech un een Dësch setzen a Bedingungen a Méiglechkeete gemeinsam entwéckelen.

**Bankgeheimnis stäerken – keen automateschen Informatiounsaustausch**

En automateschen Informatiounsaustausch vu Konteninformatiounen tëscht Banken a Steierverwaltungen ass eng Verletzung vu Privatsphäre vun de Bankclienten.

D'Pirate fuerderen en Zeréck zu den fréiere Gesetzer wou Informatiounen nëmmen op Demande iwwermëttelt ginn. Sou ginn d'Clienten net duerch automateschen Austausch ënner en generelle Verdacht gestallt.

**Eenheetlech Regele fir "fräi Nuechten"**

D'Piratepartei fuerdert, datt national eenheetlech a kloer Regele fir d'Accordéiere vu fräien Nuechte festgehale ginn, déi am Moment vu Gemeng zu Gemeng variéieren.

**Technesch Norme fräi zougänglech maachen**

Normen, déi zum Beispill d'Sécherheet vu Produite beschreiwen, solle fräi a gratis zougänglech sinn. Nëmmen da kann de Konsument sech informéieren a klenge Firmen hir Entwécklungskäschten fir innovativ Produite ginn erof.

D'Piratepartei fuerdert, datt all Norm déi an engem Gesetz zitéiert gëtt och

ëffentlech zougänglech ass.

### Ausschreiwungen un sozial an nohalteg Bedingunge knäppen

D'Piratepartei fuerdert, datt an all ëffentlech Ausschreiwung och d'sozial Aspekter an d'Nohaltegkeet als Kriterie musse berücksichtegt ginn.

### Ofschafung vun der Zwangs-Memberschaft an alle Kummeren

Servicer sollen net opgezwonge ginn! Gesetzer déi Firme verflichten enger professioneller Kummer unzegehéiere si weder nëtzlech nach legitim.

Firwat solle Firmen zum Beispill per Gesetz gezwonge ginn enger "Chambre de Commerce" unzegehéieren?

D'Pirateparteifuerdert,datt déi Zwangs-Memberschaften ophalen an datt et jidderengem soll fräistoen, op een e Service well notzen (an dofir bezuelen) oder net.

### ITM mat neie Rechter a Personal besetzen

D'ITM kennt den heitegen Ufuerderungen an der Komplexitéit vun hirem Optrag net méi iwwerall no. Besonnesch d'Anhale vu lëtzebuerger Aarbechtsrecht bei groussen internationale Firme gëtt ëmmer méi schwéier ze garantéieren. D'Piratepartei setzt sech dofir an, datt d'ITM déi legal a materiell Moyen'en kritt, déi se brauch fir hiren Optrag ze erfëllen.

### Gesondheetsberäich als Innovatiounsberäich

De Potential am Gesondheetsberäich ass enorm an d'Piratepartei mengt datt weider Effort'en mussen ënnerholl gi fir dee Beräich als Innovatiounsberäich ze förderen.

### Afréiere vun dem globale Staatsbudget fir Gehälter am ëffentlechen Déngscht

D'Verscholdung déi de Staat implizit huet (duerch Renten an aner Verspriechen) gëtt op iwwert 1000% vum PIB geschat. Dat zwéngt eis a groussem Mooss ze spueren. D'Gehälter sinn ee vun deene gréisste Posten am Staatsbudget. Ausserdeem kann de Bierger vu sengem Staat eng Verbesserung vun der Effizienz verlaangen.

Dofir fuerdert d'Piratepartei ënnert Berücksichtegung vum Index de globale Gehalts-Budget fir 5 Joer um Stand vun 2018 anzefréieren.

# Wunnen

**WUNNEN - eng absolut Noutwendegkeet an Prioritéit**

Wat an deenen leschten Joer am Wunnengsbau verschlof ginn ass , kann elo net kuerzfristeg an d'Rei bruecht ginn.
Eist Land brauch eng Wunnengspolitik déi sech dëser Tatsaach bewosst as an d'Fakten net bescheinegt.
Mir schloen vir, esou wuel wäitsiichteg ze plangen wéi och all kuerzfristeg Méiglechkeeten ze notzen fir all Bierger en mënschengerecht Wunnen ze erméiglechen.

**LOUNEN**

**Ausbauen vun der « Gestion Locative Sociale »**

An deenen leschten Joren huet « Gestion Locative Sociale » do zou bäigedroen Bierger mat nidderegem Akommes eng Wunneng ze verschaffen an eidelstehend Wunnengen ze notzen. Dëse Service sollt ausgebaut ginn an och méi Moyen zur Verfügung gestallt kréien.

**Sozialwunnengen sollten wann méiglech verlount an net verkaf ginn.**

Eng Sozialwunneng déi verkaaft gëtt ass de facto keng Sozialwunneng méi.

**D'Gesetz fir Wunngemeinschaften an Co-Locatiounen iwwerschaffen**

D'Piratepartei wëllt néi Wunn- a Liewensmodellen ënnerstëtzen an fuerdert dat an enger Wunneng och méi wéi eng 'communauté domestique' däerf liewen. Och soll den Fonds National de Solidarité (FNS) kloer an präzis Reegelen publizéieren, déi engem REVISempfänger et erlaben als eegen communauté domestique unerkannt ze ginn an dëst ouni d'Interventioun vun enger agreéierter Associatioun.

**Schafen vun enger permanenter nationaler Loyerskommissioun mat Decisiounsgewalt**

D' Loyerskommissiounen op kommunalem Plang sinn oft net ganz effizient oder feelen ganz.
En proaktiv an gratis permanent nationaalt Organ mat Decisiounsgewalt wär besser adaptéiert fir géint all Zort vun Mëssbrauch um Wunnengsmaart virzegoen. Des Kommissioun sollt aus Juristen, Léit aus dem sozialen Beräich an Experten aus der Baubranche bestoen.

**BAUEN**

**Schafen vun engem dretten groussen Promoteur Public**

De Fonds de Logement an Société National d'Habitations à Bon Marché sin eleng net an der Lag den groussen retard vun denen leschten Joerzengten opzehuelen. Den groussen Besoin un Sozialwunnengen meecht en dretten promoteur public noutwendeg.

**Mam Privatsecteur zesummeschaffen fir Sozialwunnengen ze bauen.**

Fir schnellstméiglech virun ze kommen sollt de Staat beim Bauen vun Sozialwunnengen d'Hëllef vum Privatsecteur siichten. D'Konzeptioun an d'Gestioun vun de Logementer sollt awer weider an den Hënn vum ëffentlechen an sozialen Secteur bleiwen.

**Ëffentlech Gelder an de sozialen Wunnengsbau investéieren**

Den Fonds de Compensation huet riseg Reserven déi zum gréissten Deel an auslännesch Projeten investéiert ginn an an der Vergaangenheet och schonns muncher Kritik ausgesat waren.
Mindestens 5% vun dësen Reserven sollten an den Sozialenmietwunnengsbau investéiert ginn. Dëst gelt och fir d'Reserven vun verschiddenen Gemengen.

**D'Gemengen logistesch ënnerstëtzen fir d'staatlech Hëllefen voll auszenotzen**

D'Finanzhëllefen vum Staat vun 70,75 an 100% fir d'Gemengen beim Bauen, Kafen, Renovéieren an Amenagéieren ginn oft net genotzt well et de Gemengen un qualifizéiertem Personal feelt fir des Aarbechten z'iwwerwaachen an ze géréieren. Hai sollt de Staat de Gemengen mat Rot an Dot zur Säit stoen.

**PLANGEN**

**Schafen vun engem « Conseil Supérieur du Logement »**

Dëse Conseil, zesummegesat aus Experten aus de Beräicher Legislatioun, Wunnengsbau an Sozialaarbecht sollt als eng Zort 'Denkfabrik' fonctionnéieren.
D'Missioun vun dësem neien Organ wär d'Beroden an d'Ënnerstëtzen vun de politeschen Responsabelen an der Wunnengsproblematik. De Conseil sollt ënner anerem eng Etüde iwwert d'Populatiounen an hir ënnerschiddlech Besoinen am Sozialenwunnengsbau maachen.

**Wunnéngsmarché stimuléieren: Wunnéngs- Tripartite**

D'Pirate fuerderen d'Asetze vun enger Wunnengs- Tripartite aus Proprietairen, Immobilienhändler a Locatairë fir de Wunnengsmaart besser plangen ze kënnen. Dës Tripartite soll Virschléi zur Léisung vun der aktueller Situatioun um Wunnengsmaart maachen.

# Infrastruktur & Transport



# Infrastruktur & Landesplanung

**Nordstad fusionéieren**

D'Pirate schwätze sech prinzipiell do, wou et Sënn mécht, fir d'Fusioun vu Gemengen zu gréisseren Entitéiten aus. Mir gesinn och an der Nordstad eng onheemlech grouss Chance fir dës Regioun. Nodeems d'Gemengen Ettelbréck, Dikrech, Ierpeldeng, Schieren, Bettenduerf a Kolmer-Bierg schon zënter Joerzéngten hiren Intressi un dësem Projet ausdrécken, stelle mir haut fest, datt an deem Beräich vill ze dack duerch lokal Interessien déi nächst Schrëtt blockéiert ginn.

Mir plädéieren dofir fir e Referendum an den respektive Gemengen, fir endlech Kloerheet ze schaafen. D'Bierger sollen decidéieren, wéi et viru geet. Am Fall vun engem Fusiounswëllen, soll d'Fusiounsbestriewungen dann och méi séier viruschreiden an dëser neier Entitéit weider Mëttelen zur Verfügung gestallt ginn, fir déi néideg Infrastrukturen weider auszebauen.

**Besser Planung a Kontroll bei Infrastrukturprojeten**

Souwuel bei der Nordstrooss wéi och bei der Saarautobunn goufen et massiv Planungsproblemer a Feeler bei der Exekutioun. Dës Beispiller weisen, datt et u Kontroll bei groussen Infrastrukturprojete feelt. D'Pirate fuerderen datt bei all Projet d'Planungsbureaue mat an d'Haftung geholl gi wa Projeten déi virleefeg Budgeten oder Zäitpläng ëm e bestëmmte Prozentsaz iwwerschreiden. Dës soll dozou féieren datt d'Bureaue méi realistesch Estimatiounen ofginn ouni d'Zuelen ze verschéineren. Doduerch gi grouss Projetë méi virsiichteg an domat méi realistesch geplangt.

**Nëmme minimal Virschrëften a Bebauungspläng**

An e Bebauungsplang gehéiert déi gewënschte Benotzung sou wéi déi erwaarte Besiedlungsdicht, ma net, wéieng Faarf den Daach oder eng Garagepaart soll hunn. D'Pirate fuerderen, datt d'Bebauungspläng, ausser an historesche Quartieren, net mat Virschrëften iwwerlaascht ginn, esou datt d' Propriétairen erëm méi Fräiheete kréien, déi se op hirem Terrain sollen hunn.

**Bauperimeter-Erweiderung erméiglechen**

D'Piratepartei schwätzt sech dofir aus fir all Gemengen Bevëlkerungs- a Bauperimeter zouzeloossen.

# Transport

Lëtzebuerg huet en Transportproblem. Sief et den héije Prozentsatz un Autosfuerer oder déi regelméisseg Traffik-Problemer un den Grenzen - eng nei Léisung fir den ëffentlechen Transport muss geschaf ginn. Den ticketlosen ëffentlechen Transport ass genau dat: ouni héich Hürde gëtt den néidegen Ureiz geschaaf op den ëffentlechen Transport ëmzesteigen, ouni mat Sanktiounen ze drohen oder héich Präisser ze fuerderen. Iwwerhaapt muss den ëffentlechen Transport méi attraktiv gestalt an zu enger wierklecher Alternativ zum Autofuere ginn - nëmmen esou kënne Bus an Zuch zu engem ëmweltbewossten an effektiven ëffentlechen Transport bäidroen.

### Ticketlosen Ëffentleche Persounentransport

An de läschte Joeren huet de Präis vir Ticketen am ëffentlechen Transport sech méi wéi verduebelt, dréit awer nach ëmmer nëmmen zu 5% zum Finanzement vum ëffentlechen Transport bäi. Gläichzäiteg gi permanent nei Ticket-formen agefouert, an d'Verkaf- a Berodungsplazen drastesch reduzéiert.

Duerch d'Erhéijung vun de Präisser an dat dauernd ëmstelle vum Ticketsystem gi vill Leit vum Benotze vun engem Service ofgeschreckt deen se souwisou schonn zu 95% iwwer hir Steiere finanzéieren. Mir fuerderen dohier déi 5% iwwer aner Weeër wéi een Ticketsystem ze finanzéieren, an den ëffentleche Persounentransport am Land ticketlos ze maachen.

Een ticketlosen ëffentleche Persounentransport wier een Ureiz fir méi Leit, d'Benotzung vun hirem privaten Auto ze reduzéieren. Wa gläichzäiteg een Deel vun de Bensinstaxen a vun der Autossteier géif an den Ënnerhalt vum ëffentlechen Transport gestach ginn, wier dat nach méi e groussen Ureiz ëmzeklammen. Och Net-Lëtzebuerger kéinte vum ticketlosen Transport profitéieren a géifen dowéinst iwwert eng Iwwernuechtungspauschal an eng Autosvignette hiren Deel zum Finanzement bäidroen.

### Internet am Zuch & Bus

An der haiteger Zäit ass et Usus ëmmer an iwwerall erreechbar ze sinn. Virun allem déi allgéigewäerteg Verfügbarkeet vun enger Internetverbindung ass fir vill Leit selbstverständlech. Fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg weider ze promovéiere wier eng garantéiert Dateverbindung am ëffentlechen Transport vu Virdeel. Dëst géif et den Leit erlaben och um Wee op, respektiv vun, hirer Aarbechtsplaz nach ze schaffen, a géif sou e weideren Atout vum ëffentlechen Transport duerstellen.

### Velospisten bësser schützen

Mir hunn am Land eng grouss Unzuel vu lokale Vëlosweeër, déi awer net weider ënnertenee verbonnen, nach gutt siichtbar ausgeschëldert sinn. Oftmools féieren

Deelstrecke vun de Vëlosweeër awer och iwwer normal Stroossen, wou d'Autofuerer wéineg Récksiicht op Vëlosfuerer huelen, a soumat Accidenter virprogramméiert sinn. Um Beispill vun der Deelstreck vun der Vëlospist duerch den Uelzechtdall tëscht Hënsdref a Pretten fuerdere mir op alle Plaze wou momentan eng Vëlospiste op enger Strooss verleeft, déi physesch vun en een ze trennen, a sou d'Sécherheet vun alle Verkéiersdeelhueler ze garantéieren.

### Rush-Hour verhënneren

Fir ze verhënneren, datt et zu de Stousszäiten zu massivem Stau kënnt, kënnen eng Rëtsch vu Moossnahmen ergraff ginn. Engersäits kënnen d'Zäiten, zu deenen déi meeschte Leit opd'Aarbechtoder and'Schoulfuere gestaffelt ginn, zum Beispill andeems een verschidde Schoulen zu ënnerschiddlechen Auerzäiten ufänke léisst, oder awer andeems een déi individuell andeelbar Aarbechtszäite méi fördert.

Anerersäits sollen och raimlech Moossnamen ergraff ginn. Zukünfteg Aarbechtsplaze mussen ausserhalb vun den Ballungszentren entstoen. Grouss Park & Ridë mat regelméissegen a schnelle Verbindunge missten op de Grenze gebaut ginn. Sou kënnen déi Leit, déi vun ausserhalb an d'Land schaffe kommen, schonn do op den ëffentlechen Transport ëmklammen, wat eis Stroosse géif weider entlaaschten. Zousätzlech dozou muss d'Gesetzgebung zum "home office" iwwerschafft ginn, wat ville Leit géing erlaben doheem ze schaffen an domat den Traffik ze entlaaschten.

De weideren Ausbau vum ëffentlechen Transport sollt gefuerdert ginn.

### Rout – Giel – Gréng: d'Gielphase och beim Starten

Och kleng Verännerungen kënne sech positiv op de Verkéiersfloss auswierken. D'Piraten proposéieren dofir d'Aféierung vun enger Giel-Phase bei de „Roude Luuchten", esou wéi beispillsweis an Däitschland, wann vu rout op Gréng geschalt gëtt, esou datt sech Verkéiersteilnehmer op d'Ufueren bereet maache kënnen.

### Benotzung besteieren, net de Besëtz

Och mat engem perfekt ausgebautenen ëffentleche Persounentransport wäert net jiddereen zu all Moment op d'Benotze vun engem privaten Auto kënne verzichten, a sief et och nëmmen e puer mol am Mount. Dofir fuerdere mir net de Besëtz vum Auto duerch fix Autossteieren ze bestrofen, mee d'effektiv Benotzung vum Auto un Hand vu Stéieren um Bensin.

### Autossteier fir all Benotzer vum Reseau

Den aktuelle Modell vun der Autossteier soll och als Vignette benotzt ginn. Sou ka jiddwereen deen eist Stroossennetz benotzt, och säi finanziellen Deel zum Erhalt bäidroen.

Et sollen och Vignette begrenzt op Stonnen, Deeg o der Méint fir Touriste verfügbar sinn.

### Taxisgesetz reforméieren

Taxie gehéiere liberaliséiert. Et soll all Entreprise méiglech sinn

en Taxiservice unzebidden. Dëst soll op speziell ausgewise Parkplazen ugebuede ginn, déi net limitéiert solle ginn op e puer Taxi-Firmen. De Client soll virum Transport kloer iwwert d'Käschten informéiert ginn an d'Taxien sollte verflicht sinn , an engem gedréckten Dokument, esou wéi op hirer Internetsäit, transparent iwwert d'Käschten an de Service ze informéieren. D'Stad Lëtzebuerg soll net méi fir Taxien zoustänneg sinn, mee dës soll eng staatlech Aufgab ginn.

**Findel un d'Schinnenetz ubannen**

De Findel muss iwwert eng direkt Zuchverbindung op d'zentral Gare verfügen, fir esou an der Zukunft och attraktiv ze bleiwen. Zousätzlech soll et méiglech sinn, direkt an der Gare de Check-In ze erleedegen.

**West- an Nord Contournement**

Fir de Verkéier an der Stad ze entlaaschten, muss d'West- Emgehung gebaut ginn. Och d 'Nordstad brauch direkt zwee Contournements fir de Verkéier besser an de Grëff ze kréien. Sou soll ee Contournement nërdlech vun Dikrech verlafen an esou de Stadkär, wéi och Angelduerf entlaaschten. Donieft ass et wichteg endlech d'Verbindung Ettelbréck-Feelen ëmzeorganiséieren.

**Gares périphériques inklusive Ringbahn**

Fir de Verkéier an der Stad Lëtzebuerg ze entlaaschten, solle Passagéier vun Zuch a Bus virun der Stad op engem Dréikräiz eraus gelooss ginn, fir dann hier gezielte Verbindungen an d'Stad Lëtzebuerg eran ze huelen. All Bus bis an d' Stad era fueren ze loossen, fir dann am Zentrum vun der Stad Passagéier ze verdeelen, vergréissert den aktuelle Chaos nëmmen.

**Verkéiersinformatiounssystem national ausbauen**

Mir brauchen Transparenz an den Informatioune ronderëm den aktuelle Verkéier, dëst fir Auto, Zuch a Bus. Et soll mat modernen Techniken a Medien en Live Informatiounssystem ginn, deen déi passend Informatiounen direkt un de Konsument weider ka ginn. Dëst soll fir all Bierger gratis sinn.

**Staumeldungen elektronesch ausstrahlen**

Lëtzebuerg ass Stauland. Piraten triede fireen Aféiere vun elektronesche Staumeldungen (TMC) an. Millioune goufen a Systemer investéiert fir ons Autobunnen ze iwwerwaachen an d'Fuerer fréizäiteg op Stau a Geforen opmierksam ze maachen. Leider gouf vergiess dës Informatiounen iwwer RDS ze versenden. Lëtzebuerg géif enorm dovu profitéiere wann dës Donnéeën net nëmmen op digitale Schëlder géife stoen, mee och op engem Internetsite ugewise géife ginn, an iwwer RDS an TMC jidderengem zur Verfügung géife stoen.Et soll méiglechst schnell, iwwert verschidden Datequellen, dorënner och TMC Technik méiglech sinn, iwwert aktuell Staumeldungen a Sécherheetshiwäiser informéiert ze ginn.

**Nuetszich erweideren**

Een Ëmsteigen op den ëffentlech Transport ka just da passéiere wa séchergestallt ass,

datt zu all Dageszäit e Minimum un Verbindunge garantéiert ass. Momentan fiert an der Nuecht tëscht 12 a 5 keen Zuch. Dëst sinn awer déi Zäite wou di meescht déidlech Autos-Accidenter geschéien. Duerch d'Ubidde vu wéinstens engem Zuch all Stonn op den Haaptzuchstrecken an eng konsequent Förderung vu Projete wéi LateNight-Busser kéint een en Deel vun dëse Leit offänken, a gläichzäiteg duerch d'Wëssen datt een och Owes nach sécher heem kënnt d'Nuetsliewe stäerken.

### Besseren Transport fir Grenzgänger

Fir Grenzgänger solle virun de Grenze schonn Opfangparkinge geschaf ginn, fir esou de Stau op den Autobunnen ze verhënneren an domat den Traffik ze entlaaschten an d'Grenzgänger méi schnell a komfortabel op hier Aarbechtsplazen ze bréngen.

Lëtzebuerg soll hei innovativ Piste goen an konkret Etuden zu engem Monorail respektiv zu Hyperloop Strukture maachen an esou weisen datt mir net am Zäitalter vun der Dampflok an dem Auto stoe bliwwe sinn, mee op innovativ Léisunge setze kennen.

Des Park&Rides solle vum Staat gebaut a verwalt ginn. Mir investéiere kee Geld a privat Firmen am Ausland.

### CFL a Staatshand

Mir schwätzen eis fir den Erhalt vum Statut vun der CFL aus. Den Transport ass ee Grondbedierfnis a muss dofir a staatlecher Hand bleiwen.

### Fir modern Transportléisungen!

D'Piraten sinn net géint e moderne Massentransportsystem, mee dëse System, egal wéi en ausgesäit, muss och déi gesaten Erwaardungen erfëllen. Dofir setze mir op Etuden ronderem modern an innovativ Léisungen wéi Monorail Strecken an Hyperloop Installatiounen.

Do dernierft fuerderen mir e vereinfacht Genehmegungsverfahren fir nei a modern Transportléisungen, ob am Car-, Bike- oder Utility-Sharing oder am Beräich vun Uber a Lyft.

### Géint fest installéiert Radaren

Mir triede géint jeeglech automatesch an fest installéiert Radariwwerwachung vun den Autofuerer an. Dës Radaren maachen no e puer Wochen nëmmen nach ageschränkt Sënn wëll d'Emplacementer bekannt sinn. D'Piraten schwätzen sech aus Dateschutzgrënn just fir mobil Radaren aus, a géint fest installéiert an automatiséiert Radarfalen. Virun allem Section Control Radaren stellen e graven Abroch an d'Privatsphäre vu Stroossebenotzer duer a sollten dowéinst verbuede sinn.

### Fluchhaafen fir d'Groussregion

De Findel huet eng optimal Infrastruktur an ass de Fluchhäfen an der Groussregioun iwwerleeën. Mat enger gudder Ubannung un Stroossen a Schinnenetz kann de Findel och an Zukunft méi Passagéier iwwerzeegen a soumat Aarbechtsplaze schafen. Mir schwätzen eis kloer fir de Standuert Findel aus, deen a Koordinatioun mat de Fluchhäfen an der Groussregioun säi Service a Streckenetz ausbaue soll. Een

Nuetsfluchverbuet ass noutwenneg a muss esou wäit ewéi méiglech respektéiert ginn. Ausnahme mussen Ausnahme bleiwen. Flich vun ënnert 30 Minutten (z.B. Lëtzebuerg - Saarbrécken) sinn an eisen Aen iwwerflësseg.

**Autobunn mat Luuchten**

Eisen Autobunnsreseau soll konsequent fir Sécherheet ze erhéijen mat Luuchten ausgebaut ginn.

# Schoul, Héichschoul & Fuerschung



# Edukatioun

## Schoul nei erfannen

D`Menschheet huet an deen lechten 100 Jöer e groussen Forschrëtt an der Wëssenschaft, Technik an de Liewensstandarte gemaach.

Wiesou sin awer d`Schoulen am selwechtem System Bliwen, wie viru 100 Jöer?

Gebier ereneren un d`Kassernen. Wessen as an eenzelne Fächer opgedeelt, woubei d`Liewen an d`Aabecht Disziplinwergräifend sin. Et geet Frontalunterricht am 45 Min. Takt oofgehaal, obwuel jidvereen wees, dat sech Kanner esou laang net konzentreiren kennen. D`Bildungschancen vu Kand gin mei vun den Moyenen vun desem Famill bestemmt, wie vu sengen Fähegkeeten an Talenter.

Die puer Scheinheitscorrecturen die gemaach gi sin, hun d`Onzefridenheet an Frust bei allen Bedeelegten just nach vergreissert.

D`Piratepartei setz sech fier Kannergerecht Bildung an. Die soll neiste Erkänntnisser aus der Psychologie, Hiernfuerschung, Sozialpedagogik, Leiermethodik a.s.w. berücksichtigen. Esou, dat Kanner zu selbstständeg denkenden, flexiblen, sozialverantvortlechen Erwuessenen gin, die sech an der weiderentweckelter Geselschaft an veränderter Aabechtswelt zurecht fannen.

Dest emfasst verbesserung vu Formatioun vu Leierkräften an Educateuren, kannergerecht Infrastruktur an Ganzdagsschoulen, wou alles wat mam schoul ze din huet do gemaach get an doheem kennen Kanner erem Kanner sin.

## Moduläre Schoulsystem

Duerch déi ablacklech starr an onflexibel Struktur am Secondaire, gi staark Schüler bannent enger Klass ënner-, méi schwaach Schüler iwwerfuerdert. De Schoulsystem geet kaum bis guer net op déi perséinlech Interessien, Fäegkeeten an Talenter vum Schüler an. Dës féiert dacks zum Verloscht vun der Motivatioun.

Duerch d'Verschmëlze vum Secondaire kënne mir elo mat engem moduläre Schoulsystem optimal op déi perséinlech Schwächten a Stäerkte vun all Schüler agoen. Heifir soll de Stonneplang vun all Schüler an zwou Kolonnen, bestoend aus Flichtmoduler a Walmoduler opgedeelt ginn. Ab 10eme kënnt eng drëtt Kolonn fir d'Spezialiséierungsmoduler dobäi. Dës Moduler sinn, je no Komplexitéit, hirersäits nach eng Kéier méi oder manner fäin a Schwieregkeetsgraden agedeelt.

Donieft soll e gutt resp. e manner gutt Ofschneiden an de Pflichtmoduler net méi entscheedent fir d'Wal vun der spéiderer Beruffsausbildung sinn. All Schüler steet, onofhängeg vu senge Sproochkompetenzen, jiddwer Walmodul a spéider jiddwer Spezialiséierungsmodul zur Auswiel.

Den Educatiounsministère huet d'Aufgab, an Ofsprooch mat de respektive Beruffskummeren, fir all Ausbildungswee e Schema mat den ideale Moduler a

Schwieregkeetsgraden ze proposéieren, fir eng bestëmmte Beruffs-, respektiv Studiumsqualifikatioun ze erreechen. Et läit awer um Schüler, wéi exakt en sech un déi Virgaben hält. D'Zil ass et, datt e Schüler sech seng Ausbildung mat Hëllef vu Walmoduler a fachspezifesche Moduler esou zesummestelle kann, wéi et sengen Interessien a Fäegkeeten entsprécht.

### Zusammeleeung vu Schoulen um gläiche Standuert

D'Piratepartei ass der Usiicht, datt d'Ressource vu verschiddene Schoulgebaier, déi um selwechte Standuert sinn (zum Beispill Campus Geesseknäppchen, Lampertsbierg), zesummegeluecht solle ginn. Duerch d'Verschmëlze vun den am Ablack onofhängegen Etablissementer zu engem grousse Lycée, kann d'Erausfuerderung gemeeschtert ginn, op verschiddene Plazen eng grouss Offer u Moduler unzebidden, ouni datt en eenzel Lycée un d'Grenze vu senge Kapazitéite stéisst. D'Zesummeleeë vum Classique an Technique fir dës Fusioun ass och keen Hindernis méi.

### Bildungsmaterialien ënner Creative-Commons

Mir sti fir e fräien Zougang zu Bildung a Bildungsmaterialien.Aus dësem Grond fuerdere mir direkt eng Relizenséierung vu Schoulbicher ënnert enger fräier Lizenz, un deenen den Educatiounsministère d'Urheberrechter huet. D'Ausschaffe vun neiem Bildungsmaterial soll vun Ufank un ënnert enger fräier Lizenz verëffentlecht ginn a jiddwerengem gratis zougänglech gemaach ginn. Dëse Contenu soll och online verfügbar sinn, fir mat kollaborativen Effekter d'Bicher regelméisseg un de jeeweils gëllende Programm upassen ze kënnen.

### An d'Qualitéit vun der Léier investéieren

Mir mussen ewech vun engem quantitativen Usaz un d'Léier an hin zu engem qualitéitsorientéierten Usaz. Dës schléisst mat an, datt och d'Gehälter der Qualitéit vun der Léier entspriechen an net nom Stränzeprinzip jiddwer Auszebildenden dat selwecht verdéngt. Mir brauchen dréngend eng Evaluatioun vun der Léier. Mir fuerderen donieft méi Verantwortung fir Schoulpersonal, dat net an d'Educatioun vun de Schüler involvéiert ass. Esou kënnen d'Proffen sech méi op hier Haaptaufgabe konzentréieren: d'Ënnerriichten.

### Méi Präsenz vu Léierpersonal an de Schoulen

E Schoulmodell, deen ëmmer méi differenzéiert op d'Fäegkeeten, Interessien an Talenter vun all eenzele Schüler ageet, mécht et néideg, datt d'Léierpersonal och no de Schoulstonne muss uspriechbar sinn. Dëst kinnt a Form vun engem Permanencesystem ëmgesat ginn, fir déi se vun hirer Schoul Büroen zur Verfügung gestallt kréien. Eng Partie vun den administrativen Aufgaben vum Léierpersonal kéinten ausserdem duerch eng Reorganisatioun vun de Vakanzen besser iwwert d'Schouljoer verdeelt ginn, sou datt déi zousätzlech zäitlech Ressourcen de Schüler zegutt kommen géifen.

### Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch

An engem Land, dat wéi keen anert duerch eng grouss Sproochevillfalt geprägt ass an op dat eis Matmënschen aus allen Himmelsrichtungen hire Wee fannen, setzen sech d'Pirate fir d'Notzung vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch an. Fir et de Kanner vun den Zouwanderer méi liicht ze maachen, soll d'Alphabetisatioun op däitsch an der Grondschoul iwwerduecht a Pilotprojeten ënnerstëtzt ginn déi der Mammesproochevielfalt Rechnung droen.

### Mediekompetenz-Modul aféieren

An engem Zäitalter, wou een zu Lëtzebuerg mat enger fir quasi jiddwereen zougänglecher Technologie ganz liicht un all Zort Wësse kënnt, ass et ëmmer méi wichteg, de Schüler scho fréi ze weisen, wéi ee mat dësen Technologien ëmgeet, wéi se u Wësse kommen a virun allem wéi een d'Seriositéit vun dësen Daten aschätze kann. Dofir fuerdert d'Piratepartei d'Aféiere vun engem obligatoresche Mediekompetenz-Modul.

### Däitsch Gebärdesprooch als Walfach

D'Piraten ënnerstëtzen eng Gesellschaft wou een fir deen aneren do ass, dofir si mir fir d'Aféiere vum Walfach „Däitsch Gebäerdesprooch“ am Enseignement secondaire.

### Internet an de Schoulen

D'Lycéeë musse sécherstellen, datt an all Klassesall eng funktionéiernd Internetverbindung zur Verfügung steet, sou datt d'Léierpersonal an d'Schüler zu all Moment dorobber zréckgräife kann. Zesumme mat de Schüler soll d'Benotze vum Internet als Léierinstrument gefördert ginn.

### Recht op Précoce

D'Piratepartei wëll datt all Kanner ab 2,5 Joer en Urecht op eng Plaz an engem Précoce kritt. Dëst soll erméiglechen, datt d'Kanner fréizäiteg sozialiséiert a spezifesch gefördert ginn, während d'Elteren erëm séier an hirem Beruff Fouss faasse kënnen.

### Obligatoresch Kuren a Sexualkunde

D'Piratepartei fuerdert fir jiddwer Schüler obligatoresch Kuren an der Sexualkunde, fir datt all Schüler um Ufank vun sengem Erwuesseginn sain Kierper a seng Sexualitéit entdecken a verstoe léiert. E responsabelen Ëmgang mat Verhütungsmëttelen an de Schutz virun ë.a. liewensgeféierleche Geschlechtskrankheeten ass vun eminenter Wichtegkeet a muss an de Schoule geléiert ginn. Dëse Cours soll vun enger neutraler Persoun gehale ginn, sou dat d'Schüler sech hier eege Meenung zu den Theme bilde kënnen.

### D'Diversitéit vum Zesummeliewen als Fach an der Schoul

Mir sinn eis bewosst, datt am Joer 2018 net nëmme méi ewéi just déi klassesch Rollebiller existéieren, mee datt dës och tatsächlech geliewt ginn a visibel sinn.

D’Entwécklungen aus de leschte Joeren bréngen et mat sech, datt och an eise Schoulen op déi fuerweg Diversitéit vum Zesummeliewe muss agaange ginn, fir esou ze verhënneren, datt Viruertdeeler an Oflehnung entsteet.

Mir fuerderen dofir méi e konsequent Abanne vun beispillsweis den Themen vun der sexueller Orientéierung, der sexueller Identitéit, de Reeboufamillien an der Solidaritéit mat Minoritéiten an den Educatiounspläng vum Edukatiounsministère. Et sollt hautdesdags keen Tabu méi sinn, fir iwwert dës Themen ze schwätzen an et gëllt de jonke Mënschen scho fréi d’Angscht virum Aneschtsinn ze huelen an Versteesdemech fir déi, déi et brauchen, bäizebréngen.

Den Edukatiounsministère muss dofir weidert Personal a finanziell Mëttelen zur Verfügung stellen, fir esou e Programm ze entwéckelen, ze betreien an de Suivi dovunner ze maachen, dëst an Zesummenaarbecht mat lokalen LGBTIQ-Organisatiounen.

Mir plädéieren fir eng nohalteg Zesummenaarbecht mam Informatiounszentrum CIGALE bei der Aus- a Weiderbildung vum Personal am sozio-psycho-edukativen Beräich esouwéi an der Formatioun an den Lycéeen LTPES an LTPS hisiichtlech der LGBTIQ-Thematik.

### Schoulsport förderen

Nëmmen e gesonden a fitte Kierper kann e schlaue Kapp ënnerstëtzen. Aus dësem Grond fuerdere mir, de Schoulsport weider ze promovéieren a mindestens iwwert weider nieweschoulesch Offeren nozedenken. De Schoulsport soll desweideren an alle Klassen op mannst als Walfach ugebuede ginn.

### Zougang zu Computere sécherstellen

Mir fuerderen, datta jiddwer Stot, an deem schoulflichteg Kanner liewen, en Zougang zu engem Computer mussgarantéiert sinn. Sollt dës net aus eegene Mëttele méiglech sinn, sou kann ee via Sozialbüro e Computer ufroen. Dëse kéint aus engem Pool un Maschinne kommen, déi zum Beispill bei staatlechen Administratiounen ausgemustert an uschléissend formatéiert goufen. Dëst stellt sécher, datt Kanner net opgrond vu finanzielle Grënn op d’Léieren, mat engem Computer ëmgoen ze kënnen, verzichte mussen.

### Eegnungstest aféieren

Fir et de Leit, déi iwwert en alternative Bildungswee en Ofschloss am Enseignement secondaire maache wëllen, de Wee ze vereinfachen, proposéiere mir, datt jiddwerengem d‘Aschreiwung zum Ofschlossexame méiglech gemaach gëtt, onofhängeg dovunner, wou d’Kandidaten d’Schoul besicht hunn an onofhängeg dovunner, op se e gewësse Minimum u Moduler absolvéiert hunn. Dëst soll iwwert en Eegnungstest geschéien, dee virum Ofschlossexame stattfënnt. Am Fall vum Duerchfalen, kënnen dem Kandidat Moduler proposéiert ginn, déi ëm d’Packen erméiglechen.

### Situatioun vun de Chargé(e)ën verbesseren

Souwuel am Fondamental wéi am Secondaire schaffe vill Chargéeën déi um Enn vum

Schouljoer am Ongewësse sinn, wéi hier Tâche no der Rentrée ausgesäit. Notamment am Fondamental hunn d'Schoulcomitéen duerch d'Posteverdeelung bei de Chargéeë Problemer fir eng Kontinuitéit vun den Equipes pédagogiques ze garantéieren. D'Chargéeën déi iwwer Joeren Experienz am Schoulbetrib gesammelt hunn, sollen dës am Kader vun enger Formatioun ugerechent kréien a kënnen duerno wéi déi brevetéiert Enseignanten hier Aarbecht an deene Schoule weiderféiere wou si zur Equipe pédagogique gehéieren.

**Schoul onofhängeg vuMega-Konzerner halen**

D'Piraten fuerderen, datt Schoulen, an domadder Schüler, onofhängeg vun auslännesche Megakonzerner gehale ginn. Deals wéi den Office-365 Deal tëscht CGIE a Microsoft respektiv aner ähnlech Kooperatiounen, fanne mir net gutt. Mir fuerderen amplaz den Asaz vun oppener Software, esou datt eis Kanner zu selwer denkenden Wiesen erzu kënne ginn an de Cercle vicieux datt nemmen zoue Software bekannt ass gebrach gett.

# Héichschoul & Fuerschung

Bildung ass d'Basis vun all opgekläerte Gesellschaft. No enger gratis an oppener Grond- a Sekondärsschoul ass eng universitär Educatioun wichteg fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg ze stëtzen. Universitéitsstudien dierfen awer net vun der finanzieller Stäerkt vun de Studenten ofhänke ma mussen all Mënsch zur Verfügung stoen. Dofir dierfe finanziell Interesse keng Hürd si fir en Uni-Studium.

D'Universitéit dierf awer och keng Platz si wou Studenten enger Hierarchie ënnergestallt ginn, ma kann am Géigendeel no dem modulāre Schoulsystem eng Platz si wou Selwerbestëmmung an demokratesch Matbestëmmung am Mëttelpunkt stinn. Dëst stäerkt net nëmmen d'Identifikatioun vun de Studente mat der Universitéit, ma dréit och zu engem erhéichten Demokratiebewosstsäin bäi. D'Fuerderung vun de Piraten a Saachen Héichschoulpolitik ënnersträicht dës Prinzipie vun enger staarker Bildung fir jiddereen an eng demokratesch Matbestëmmung vun de Studenten.

### Méi laang Frist fir CEDIES-Prêt zréck ze bezuelen

Aktuell muss de Prêt, dee Studente vum CEDIES als Ënnerstëtzung fir d'Unis-Etuden octroyéiert gëtt an den 2 Joer no der éischter Schaff zréck bezuelt ginn. Virun allem Absolventen déi no dem Studium net direkt eng gutt bezuelte Plaz fannen, respektiv decidéieren nachaneren Ausbildungen drun ze hänken, hu Problemer d'Aide financière vum CEDIES an däser Frist zréckzebezuelen. D'Pirate fuerderen aus dësem Grond d'Frist op 20 Joer ze erhéijen an domadder all Studenten ze erméiglechen eng ugemiessen universitär Bildung ze genéissen, ouni a finanziell Schwieregkeeten ze kommen.

### Sammelpool fir Stipendien

Och zu Lëtzebuerg ginn et Stipendien fir Unis-Studenten. Leider ass d'Feld esou zerspläitert datt et schwéier ass op dës Offeren opmierksam ze ginn. Fir dëst z'änneren an och de CEDIES net zousätzlech ze belaaschten, fuerdere mir d'Ariichtung vun engem Sammelpool fir Stipendien a Form vun enger Fondatioun. Dës soll och probéieren aktiv selwer Stipendien anzewerben an ze creéieren. Gläichzäiteg déngt se als eenheetlechen Uspriechpartner fir Bewerber. Dëst soll et och finanziell net esou staark plazéierte Studenten erméiglechen hier Uni-Studien zu Lëtzebuerg ze absolvéieren.

### Méi Kooperatiounen tëscht Universitéiten an der Groussregioun

Lëtzebuerg ass keng Insel a muss sech och an der Héichschoullandschaft behaapten. D'Pirate sinn der Meenung datt nëmmen eng gutt vernetzt Uni hier Atouten optimal ausspille kann. Mir fuerderen dofir eng verstäerkte Kooperatioun tëscht den Universitéite besonnesch an der Groussregioun an de Beräicher Bildung a Forschung.

**Förderung vu Grondlagefuerschung**

Während Lëtzebuerg am Beräich vun der appliziéierter Fuerschung mëttlerweil eng Traditioun opweise kann, kanneen dat vun der Grondlagefuerschung nëmme wéineg soen. Vue datt Grondlagen awer wichteg si fir nei Innovatiounen, fuerdere mir datt an Zukunft och Grondlagefuerschung besser gefördert gëtt.

**Aféierung vun engem studentesche Vize-Präsidenten**

Nom Virbild vun de franséischen Universitéiten an der däitscher Zeppelin-Uni zu Friedrichshafen, fuerdere mir d'Schafe vun engem studentesche Vize-Präsident den sech haaptsächlech ëm d'Belaange vu Studente këmmert, awer och als Scharnéier tëscht der studentescher Selbstverwaltung an der Uni-Leedung déngt. Dës Mesure nhëlleft der Matbestëmmung vun de Studenten an der Uni an domatder Diversitéit vum Studien-Standuert Lëtzebuerg.

**Wierklech studentesch Matbestëmmung**

D'Pirate fuerdere bei der Reform vum Universitéitsgesetz eng verfasste Studéierendeschaft ze schafen. Dës soll ähnlech wéi déi däitsch Modeller vun Allgemeiner Studierendenausschuss(AStA) a Studierendenparlament (StuPa) fonctionnéieren an intensiv an di universitär Gremien agebonne ginn. Dëst soll erlaben datt déi gréisste Grupp op der Uni, d'StudentInnen, och iwwerall gehéiert ginn a representéiert sinn.

**Studentenwunnéngen**

Eng Uni ass nëmmen attraktiv fir auslännesch StudentInne wann déi och bezuelbar ass an no d'StudentInne bei der Uni wunne kënnen. D'Pirate fuerderen dofir datt an Zesummenaarbecht mam Fonds de Logement, mee och duerch d'Schafe vun engem Studentewierk, eng Wunnengsquote vu mindestens 11% vun alle StudentInnen u Studentewunnengen entsteet.

# Netzpolitik



# Urheber- a Patentrecht

Fräien Zougang zu Kultur a Wëssen ass eng Bedingung fir eng oppen an edukéiert Informatiounsgesellschaft. Aktuell Bestriewungen den Accès op Informatioun ze limitéiere sinn inakzeptabel an dierfen net vum Gesetzgeber ënnerstëtzt ginn. D'Monopoliséiere vu Wëssen a Kultur iwwer den Ëmwee vum Urheber- a Patentrecht leeft géint d'Interessie vun der Gesellschaft a muss duerch eng radikal Reform vun den Immaterialrechter gestoppt ginn. Nëmmen duerch den Austausch vu Wëssen a Kultur loossen sech Innovatioun an nei Ideeën erméiglechen - d'Pirate liewen nom Prinzip "Sharing is Caring" a setzen sech fir e gläichberechtegten Informatiounszougang fir jiddereen an.

**Reform vum Urheber- a Patentrecht**

Déi aktuell Reegelen zum Urheberrecht baséieren op deelweis jorhonnerten-alen Ideeën, déi net méi un déi haiteg technologesch Méiglechkeeten ugepasst sinn. D'Urheberrecht an dat angelsächsegt Copyright ass Haut méi en Outil d'Verbreedung vu Kultur a Wëssen ze verhënneren an den Zougab dorop ze monopoliséieren, wéi dofir ze suergen, datt Auteuren e gerechte Loun fir hier Konscht erhalen. Modern Technologien, déi e verloschtfräit Kopéieren an Austausch vu Kultur a Wëssen erlabe sinn eng eemoleg Chance fir jiddereen, onofhängeg vu finanzielle Méiglechkeeten, un der kultureller Villfalt Deel ze huelen an sech ze bilden. D'Piratepartei ënnerstëtzt eng fräi Bildung an den oppenen Accès zur Kultur a fuerdertdowéinst eng radikal Reform vun nationalen, europäeschen an internationale Reegelen zum Urheberrecht an Copyright.

D'Piratepartei fuerdert kuerzfristeg d'Kierzung vun alle Schutzfristen op d'Minima wéi an den TRIPS a WIPO Traitéë virgesinn. Mëttelfristeg sollen dës Traitéen nei ausgehandelt ginn. D'Ziel ass d'Schutzfristen op maximal 14 Joer ab Umeldung vun engem Wierk ze kierzen - dës Frist huet sech als déi ökonomesch optimaalsten erausgestallt. D'Frist soll weiderhin an zwee ënnerdeelt ginn: eng éischt Frist vu siwe Joer an eng zweet vu siwe Joer, déi awer explizit nach eemol muss ugefrot ginn. Dëst féiert zu méi Kloerheet wat d'Rechter ugeet, grad am Beräich vu sougenannte verweesste Wierker wou den Auteur vum Wierk net méi ze identifizéieren ass. Mat dëser Regelung falen esou Wierker an d'Public Domain a kënnen esou vu jidderengem genotzt ginn, ouni restriktiv Urheberrechtsregelungen.

Gläichzäiteg insistéiert d'Piratepartei drop de privaten Austausch vun Dateien ("Filesharing") ze legaliséieren. Dës gräift net an d'moralesch Rechter vun de Créateuren an, ma limitéiert sech op déi net-kommerziell Notzung.

Des Weidere fuerdere mir datt kopéiergeschützte Produiten net dierfe vum Verkaf zu Lëtzebuerg ausgeholl ginn. Dofir soll Lëtzebuerg géint esou Praktike regelméisseg virun der WIPO an den nationale Gerichter kloen. Do dernieft striewe mir eng

europäesch Direktive un, déi esou e Kopéierschutz ("DRM") fir digital Produite generell verbidd. Nëmmen esou kann déi sougenannten first sale Doktrin rëm Applikatioun fannen an digital Musek oder Filmer weiderverkaf oder ze verierft ginn.

### Keng Patenter op Liewen

Generell ass een Ofbau vu Monopolen an eng Ëffnung vun de Marchéen een erklärt politescht Ziel vun de Piraten. Patenter als staatlech garantéierte privatwirtschaftlech Monopole stelle grondsätzlech eng kënschtlech Aschränkung vum Allgemengwuel duer. D'Patentéiere vun Trivialitéiten oder souguer Blockade vum Fortschrëtt duerch Patenter soll ënner allen Ëmstänn verhënnert ginn. Donieft schwätze mir ons géint Patenter op Liewewiesen a Gene, op Geschäftsiddien an och op Software aus.

Duerch d'EU-Saatgutrecht an d'Vergi vu Patenter op konventionell geziichte Planze gëtt d'Villfalt vun de Notzplanzen ageschränkt an d'Baueren, Gäertner an och Privatleit vun de grousse Konzerner ofhängeg gemaach. Ënner anerem wéint dem Klimawandel ass et wichteg Planzen ze ziichten, déi un d'Klima ugepasst sinn. Dëst geet am einfachsten an am beschten doduerch all Joer Som vun den eegene Planzen ze sammelen an dat Joer drop erëm auszeséinen. Grouss Konzerner gesinn dat awer net gär, well si wëlle schliisslech all Joer erëm op d'neits hire Som verkafen. Déi grouss Somkonzerner probéieren d'eegen Hirstellung vu Som ze verhënneren, sief et duerch Patenter, net "samenfest" Zorten (Hybriden) oder duerch d'Verdränge vu méi klenge Somhiersteller déi net des Politik verfollegen.

### Keng Patenter op Software

D'Piratepartei schwätzt sech géint Patenter of Software aus, wëll dës kënschtlech Monopoler d'Entwécklung vun neien Ideeë limitéiert an domat Innovatioun blockéiert.

# Netzpolitik

D'Internet stäerkt d'Informatiouns-, Presse- a Meenungsfräiheet wéi keen anert Medium virdrun. Fréier loung den Informatiounsmonopol bei de Massemedien, déi gréisstendeels de gesellschaftlechen Diskurs bestëmmt hunn. Mam Internet huet elo awer jiddereen d'Méiglechkeet ganz einfach un Informatiounen ze kommen a virun allem och ze verbreeden. Et erlaabt jidderengem seng Meenung ze veröffentlechen oder sech mat Gläichgesënnten auszetauschen. Jidderee kamatschwätzen, ochwanneekeng deier Dréckerei huet. Dëse fräien Informatiounsaustosch ass eng grousse Plus-value fir eis Demokratie. D'Arabescht Fréijoer huetgewisen, dattetsouguer dozoubäidroeka Vëlker vun Diktaturen ze befreien an eng demokratesch Bewegung a Gang ze setzen. Allerdéngs ginn et Bestriewungen de fräien Internet ze limitéieren an ze zenséieren. Dës Mesurë sinn den Ausdrock vun Hëlleflosegkeet géinteniwwer selwerbestëmmten an informéierte Bierger. Den oppenen an fräien Internet ass d'Basis vun alle moderner Netzpolitik.

**Netzneutralitéit gesetzlech festleeën**

Netzneutralitéit am Internet stellt d'Gläichbehandlung vun Informatioune sécher a verhënnert eng Diskriminéierung no Sender, Contenu oder Empfänger bei der Iwwermëttlung vun Donnéeën. Duerch déi festgeluechte Plattformneutralitéit ass d'Netzneutralitéit e Garant fir d'Meenungsfräiheet an eng Plattform déi innovativ Firme mat wéineg Kapital Fouss fänke léisst. D'Piratepartei setzt sech an fir eng gesetzlech Verankerung zu Lëtzebuerg an op europäeschem Niveau vum neutrale Charakter vun der Dateniwwermëttlung am Internet, fir eis Fräiheeten ze sécheren an d'Innovatiounspotential vu Start-Ups an klengen a mëttel-grousse Firmen ze schützen.

**Grondrechter gëllen fir jiddereen, och am Internet**

Eis Grondrechter gëllen universell an hänken net vum benotzten Medium of. D'Bréifgeheimnis schützt eis Recht op privat Kommunikatioun, dëst fundamental Prinzip muss och bei der digitaler Kommunikatioun ugewannt ginn. Piratepartei trëtt duerfir an datt och digital Kommunikatioun vum Grondrecht couvréiert gëtt a geschützt muss ginn. Mir leenen all systematesch Iwwerwaachung vu Kommunikatiounsmëttelen of.

**Beruffsgeheimnis fier Cyber-Ofwier**

Internetplattformen an d'Entreprisë sinn enger héijer d'Unzuel vun Ugrëffer ausgesat. Duerch Sécherheetslücken a Plattformen ass et méiglech, datt Krimineller u sensibel a privat Donnéeë kommen oder reelle wirtschaftleche Schued verursaachen. Déi zoustänneg staatlech a parastaatlech Servicer sinn oft op Informatioune vun Drëtten ugewise fir potentiell Geforen opzedecken a behiewen ze kënnen. D'Piratepartei

fuerdert e Beruffsgeheimnis an e Quelleschutz fir Sécherheetschercheuren, analog zu dem vu Journaliste fir hir Informanten a Schutz huelen ze kënnen an domat zu enger vertrauenswürdeger Ulafstell fir potentiell Informanten ze ginn.

**Breetband fir jidereen**

Eng Majoritéit vun den Awunner zu Lëtzebuerg benotzt dagdeeglech den Internet. Doduerch hëlt et als Medium e staarken Afloss op eis Gesellschaft an ass mëttlerweil e wichtege soziale Faktor. D'Pirate setzen sech dowéinst dofir an, datt bis 2025 ëffentlech Betriber mindestens 90% vun den Awunner un den Internet ubannen an bis 2025 eng minimal Geschwindegkeet vun 1GBit/s ubidden. Mat dëser schneller Ubannung un den Internet gëtt Bierger de fräien Accès zur Informatioun an Meenungsäusserung garantéiert a gläichzäiteg den ICT Sektor hei am Land gefördert.

**Freewifi**

Op den ëffentleche Platze soll jiddweree kenne via gratis Hotspots am Internet surfen.

**Nationalt Roaming am Fall vu Krisen**

Am Fall vun nationale Krisen, beispillsweis Naturkatastrophen oder grousse Accidenter muss d'Kommunikatiounsinfrastruktur intakt bleiwen an probéiert gi méiglechst wéineg Panik opkommen ze loossen. Dofir sollen d'Bedreiwer vu GSM-Netzwierker Roaming zwëschent nationale Provideren erlaben. Doduerch kënnen d'Mobilnetzer am Fall vun Iwwerlaaschtung méi effizient ausgenotzt ginn. Duerch d'Wechfale vun de Roamingsrestriktiounen am Katastrophefäll soll et méiglech ginn de Reseau ze entlaaschten deen duerch déi vill Uriff vu Leit, déi probéiere raus ze fannen ob et hirer Famill a Bekannte gutt geet, iwwerlaascht gëtt.

**OpenSource an der Verwaltung**

D'Majoritéit vun den Dokumenter déi aktuell an den Verwaltungen entstinn ënnerleien net den oppene Standards. Ouni de passende kommerzielle Produit ass et schwiereg bis zu onméiglech op déi gespäichert Informatioun zouzegräifen. Domat gëtt eng zäitgeméiss Informatiounspolitik verhënnert, souwéi en effizienten Austausch innerhalb vu Verwaltungen erschwéiert. D'Pirate fuerderen e progressive Wiessel op OpenSource Programmer a Verwaltunge fir oppe Standarden de Wee fräi ze maachen an fir laangfristeg héich Lizenzkäschten anzespueren.

**IP-basiert Informatiounsnetz**

Bei grousse Katastrophen ass et wichteg, datt Informatiounen zum beschte Verhalen och via d'Internet diffuséiert ginn. Dës Mesure soll niewent de klassesche Kanäl wéi Radio oder Televisioun dozou bäidroen d'Noutruffnummer 112 ze entlaaschten, sou datt sech den 112 op Noutfäll konzentréiere kann an d'Leit iwwert en alternative Wee iwwer Directiven informéiert ginn.

**Finanzéierbaren Zougang zu Zertifizéierungsservicer**

Privat Kommunikatioun gehéiert zu den Grondrechter an engem Rechtsstat. Zertifizéierungsservicer stellen Zertifikater aus, mat deenen d'Kommunikatioun vum duerchschnëttlechen Internetnotzer geschützt ka ginn. Dës Servicer riichten awer hir Präismodeller no Gewënnoptiméirung aus. Dëst verhënnert en acceptabelen Zougang zu signéierten Zertifikater an elektronescher Ënnerschrëftfir Privatpersounen an ASBL'en an doduerch den Zougang zu enger sécherer Kommunikatioun. D'Piratepartei setzt sech fir de Schutz vun der Privatsphäre an a fuerdert e sozial gerechte Präissmodell an en ëffentlechen Zertifzéierungsservice.

**Elektronesch "Simplification administrative"**

Staatlech a kommunal Servicer déi iwwer d'e- Government Plattform ugebuede gi sinn duerch eng onnéideg Komplexitéit nëmmen ëmständlech ze benotzen; a verschiddene Fäll funktionéieren déi ugebueden Déngschter guer net. D'Pirate fuerderen am Sënn vun der "simplification adminstrative" méi eng efficace Léisung, déi den Accès op wichteg staatlech Plattforme fir all Bierge erméigleche soll.

# Gesondheets- & Drogepolitik



# Gesondheet

Déi beschte Léisung fir de Gesondheetssystem ze verbesseren ass eng opgekläert Gesellschaft, déi Präventioun an de Mëttelpunkt setzt. De Patient muss am Mëttelpunkt stoen a fir en informéierte Choix kënnen ze maache muss och am Beräich Santé déi néideg Transparenz creéiert ginn.

### Förderung vu Präventiounsprogrammen

Haut gëtt Preventiounspolitik all ze oft forcéiert a mat Verbueder duerchgesat. D'Pirate fuerderen eng liberal Approche a wëllen Präventiounsprogrammer verstäerkt benotzen als prioritärt Mëttel géint Krankheet a Sucht. Sou sollen net nëmme Präventiounsprogrammer géint Fëmme geschaf ginn, ma och méi Offeren fir anere Krankheete virzebeugen. Nëmmen en informéierte Bierger kann déi fir hie beschten Entscheedung treffen an dofir brauch en all méiglech Informatiounen, déi duerch Präventiounsprogrammer ugebuede kënne ginn.

### Eng Präventiounskeess aféieren

Fir Präventioun s Aktiounen optimal ze verwalten, muss och eng deementspriechend Instanz geschafe ginn. Dës Instanz géif "Präventiounskeess" heeschen, déi dat éischt Joer mat 0,15 vun de 6.1% vun de C otisatiounen fir d'Gesondheetskeess finanzéiert géif, an dann all Joer ëm 0,15% erop goen, bis en Equiliber 3,05 fir d'Gesondheetskeess, an 3.05% fir d'Präventiounskeess géif bestoen. De Versécherten soll insgesamt net méi musse bezuelen ewéi virdrun.

### Leeschtunge vun der Gesondheetskeess erweideren

D'Piraten fuerderen datt d'Leeschtunge vun der Gesondheetskeess erweidert ginn op all alternativ Behandlungsmethoden fir déi et evidenzbaséiert Literatur gëtt déi Wierksamkeet beleeën. Dëst betrëfft sou wuel alternativ Medikamenter zur aktueller Nomenclature wéi och z.B. Osteopathie.

### Weider géint Kannerstierflechkeet kämpfen

Lëtzebuerg läit mat enger Kannerstierflechkeetsrat vu 4,44 Promill nach laang net an enger Spëtzepositioun wat dës Statistik ubelaangt. Mir musse weider géint Kannerstierflechkeet ugoen an ons e Beispill u skandinavesche Länner huele wou Elteren eng komplett Grondausstattung zur Verfügung gestallt kréien, wat noweislech géint de fréie Kandsdoud Wierkung gewisen huet.

### Prenatal Tests iwwer Gesondheetskees

Nëmme wa Familljen iwwert eventuell Krankheete vun hire Puppelcher Bescheed wëssen, kënnen se sech optimal op d'Gebuert an och op d'Wochen a Méint dono

astellen. Fir den Elteren optimal Planungssécherheet ze ginn, fuerdere mir dofir datt prenatal Tester vun der Gesondheetskeess mat iwwerholl ginn.

### Patienterepresentatioune stäerken

Nëmmen eng staark Patientevertriedung garantéiert eng adequat Representatioun vun de Patienten am Gesondheetssystem. Aus dësem Grond fuerdere mir eng Stäerkung vun de Rechter vun de Patienterepresentatiounen an en Verbandsklagerecht fir dës Organisatiounen am Fall wou keng Famill eng Klo wéinst Operatiounsfeeler féiere kann.

### E-Patientendossier ënner Virbehalt

All IT-System ka geknackt ginn. D'Pirate fuerderen dofir en E-Patientendossier, dee just bei Präsenz vum Patient liesbar ass; dëst ass iwwer adequat IT-Installatioune sécher ze stellen. Gläichzäiteg miss e begrenzten Zougang am Noutfall méiglech sinn. Dës Ausnahme solle reng noutfallmedizinesch indizéiert Donnéeën uweisen.

De Patient soll och selwer eng Kopie vu senge gesamten Daten op engem digitale Medium däerfen hunn. Op dësem Medium soll eng Applicatioun drop sinn, déi, iwwert e Computer, vum Medium selwer aus ka gestart ginn, an déi Passwuert geschützten Date liese kann.

### Besseren Zugang zu Arznei a Medikamenten am Noutfall

Zu Lëtzebuerg mangelt et un Apdikten déi regelméisseg Déngscht hunn, besonnesch am Norden an Oste vum Land. Aus dësem Grond fuerdere mir eng Ännerung vum Gesetz, déi et méiglech mécht, datt méi Apdikten am Land zougelooss ginn. Net nëmmend'Bierger, ma och d'Wirtschaft kann dovunner profitéieren. Och online Apdikte mussen erlaabt gi fir et Mënschen, déi net aus dem Haus kommen z'erméiglechen un hier Medikamenter ze kommen. Hei muss allerdings op den néidegen Dateschutz opgepasst ginn.

### Disponbilitéit vun de "Maisons Médicales"

Maisons Médicales goufen agefouert, fir d'Urgencen an de Cliniquen ze entlaaschten. Dëst Ziel gëtt gréisstendeels verfeelt, wëll d'Maisons Medicales oft a grousse Stied direkt nieft de Cliniquen ze fanne sinn. D'Pirate fuerdere méi Maisons Médicales an alle Regiounen, onofhängeg vu Cliniquen, déi Bierger en Accès zu medizineschen Traitementer erlaben ouni grouss Distanze mussen ze iwwerbrécken.

### Ariichte vu sougenannte Stierwehospizer

Fir déi läscht Deeg, Wochen a Méint vu Mënsche mat Krankheeten am Endstadium méi erträglech ze maachen an och d'Famill optimal begleeden ze kënne fuerdert d'Piratepartei d'Ariichte vu weidere Stiewehospizer, och mat finanzieller Réckendeckung duerch de Staat. Gläichzäiteg muss d'Nomenclature vun der Gesondheetskeess zu dësem Punkt namol iwwerschafft ginn.

### Nei Nomenclature fir de Gesondheetsberäich

Déi aktuell Nomenclaturen, de Schlëssel vun der Tarifikatioun am

Gesondheetsberäich, ass historesch gewuess an net méi der Zäit ugepasst. Dëst ass komplett ontransparent fir de Patient, dee kaum iwwerpréiwe kann, wat dann elo verrechent ginn ass. D'Bemoosse vum Tarif fir d'Dokteren baséiertdeelweis op historesche Gegebenheeten déi net méi existéieren. D'Piratepartei fuerdert datt déi Nomenclaturen de moderne Gegebenheeten an dem Stand vun der medizinescher Wëssenschaft ugepasst gëtt an ass iwwerzeegt, datt esou substantiell Käschte gespuert ginn.

**Suicide-Präventioun an Hotline**

De Gesondheetsministère muss dofir suergen, datt eng 24 Stonnen op 24, 7 Deeg op 7 Helpline fir Mënsche mat Suicid-Gedanken op d'Been gestallt gëtt. Dës Hotline muss barrierefräi erreechbar sinn a vu geschultem Personal besat ginn. Donieft muss dës Nummer duerch Opklärungscampagne verbreet ginn an a Schoulen op weider Méiglechkeeten, wéi en Internet-Informatiounssite, higewise ginn firsech iwwer d'Thema Suicideze informéieren. Mindestens eemol am schoulesche Parcours musse Kanner a Jugendlecher iwwer d'Thema Suicide opgekläert ginn. Donieft muss d'Schoulpersonal regelméisseg op d'Indizien an d'Reaktioune vu méiglechen psycheschen Erkrankungen opmierksam gemaach ginn.

**Behandlungskäschte virun der Behandlung kommunizéieren**

Fir méi eng héich Käschtentransparenz souwéi besser Plangbarkeet vu medizineschen Aufgaben ze erméiglechen, fuerdere mir datt jiddwer Patient viru jidder medizinescher Moossnam, déi méi deier ewéi 50€ ass, iwwert déi generell Opschlësslung vun der Käschtenopdeelung informéiert gëtt. Dës Informatioun muss weisen, wéi vill dovunner de Patient selwer ze droen huet, awer och wéi vill d'Gesondheetskeess respektiv eng Privatversécherung bäileet. Nëmmen esou kënnen d'Gesondheetskäschte méi transparent gemaach ginn.

**En neie Bezuelmodell fir Dokteren**

Mir setzen eis dofir an, datt den veraalte System, wou Dokteren nëmme Geld kréie wann se e kranke Patient behandelen, vun engem System, wou Präventioun och gefuerdert gëtt, ofgeléist gëtt. Sou kann een d'laangfristeg Käschte vun der Krankeversuergung drécken a gläichzäiteg Ureizer fir eng méi enk Dokter/Patient-Relatioun schafe .

Den Dokter soll op d'Zäit bezuelt ginn, an net pro Consultatioun. Sou géif en Dokter sech méi laang mat engem Patient beschäftege kënnen, ouni finanziell Aboussen a kaf mussen ze huelen. Wat sech méi laang mat engem Patient beschäftegt gëtt, wat d'Chancë méi grouss sinn dass den Dokter erausfënnt wat de Patient wierklech huet. Et muss do e Minutten-Tarif agefouert ginn.

**Méi Kooperatioun tëscht Dokteren an Apdikter**

D'Dokteren sollen a regelméissege Fortbildungen déi neiste Generika kenneléieren an d'Pharmazeute sollen duerch e regelméissegen Austausch d'Méiglechkeet kréien, nei Krankheetsbiller rechtzäiteg kennenzeléiren. Sou kënne béid Säiten optimal hir Patienten a Cliente betreien. Ausserdeem soll et fir Pharmazeute méi einfach ginn,

Clienten un d'Doktere virunzeleeden, wann de Verdacht op eng eescht Krankheet besteet.

### Keen Veto géint Organspendeausweis

Lëtzebuerg huet e Mangel un Organspender. Dëst net onbedéngt, well keen den Organspenderpass bei sech droe géif, mee deelweis och well ze dacks déi Hannerbliwwen nach ëm hir Meenung gebiede ginn. Esou kënnt et dacks zu dramatesche Szene wou Mënscheliewen net gerett kënne ginn, well déi Hannerbliwwen sech mat hirem verständleche Leed net mat der Organspendefro auserneesetze kënnen oder wëllen. D'Piratepartei wëll de Wëlle vum Verstuerwene beschtméiglech schützen a verlaangt dofir, datt déi Hannerbliwwe kee Veto-Recht méi géint en expliziten Organspendewonsch aleeë kënne sollen.

### Keng Diskriminéierung bei Blutspenden

Trotz der Verbesserung vun HIV-Blutttester an der Erkentnis, datt LGBTIQ-Mënschen, déi a stabile Partnerschafte liewen, kee méi en héicht HIV- oder AIDS-Risiko hunn ewéi heterosexuell Mënschen, ginn LGBTIQ-Leit nach ëmmer vun enger Bluttspend ausgeschloss. Dëst an enger Zäit, wou ëmmer méi Bluttkonserven gebraucht ginn an ëmmer manner Fräiwëlleger hirt Blutt spenden. D'Piratepartei fuerdert eng absolut Gläichsstellung vun alle Mënschen. Persounen, déi zum Wuel vun der Allgemengheet bäidroe wëllen, sollen dëst och maachen dierfen, soulaang keng medizinesch Grënn dogéint schwätzen.

Et ginn den Ament scho Methouden, déi et erlaben fir Bluttproufen a relativ kuerzer Zäit ze iwwerpréifen. Mir gesinn de Gesondheetsministère an der Pflicht, fir dës Ongläichbehandlung ofzeschaafen an dofir ze suergen, datt méi efficace Léisungen agesat ginn, fir Bluttspenden ze analyséieren, ouni dobäi Mënschen engem Generalverdacht ze ënnerstellen.

### Besser medizinesch Versuergung am Norden

D'Piratepartei fuerdert fir den am Moment ageschränkte Betrib vun der Policlinique zu Wolz erëm voll hierzestellen, dëst fir eng besser Versuergung am Norden ze garantéieren.

### Tiers Payant généralisé

Mir fuerderen e generellen Tiers Payant, e System wou Patienten just nach deen Deel musse bezuelen deen d'Krankekeess net iwwerhëllt. Vill ze heefeg musse Patienten grouss Rechnungen virstrécken an dann länger Zäit op hir Sue waarden. Och de System vun engem Remboursement per Scheck direkt am Guichet vun der CNS hëlleft do nëmmen zum Deel weider well een sech dann zousätzlech deplacéiere muss.

En Tiers Payant généralisé géif och dozou féieren, datt eng Käschtendiskussioun vill éischter mat engem Dokter gefouert gëtt, wéi nodeems een doheem entdeckt wéi vill een net rembourséiert krut.

### Urgence verbesseren

Eng Urgence heescht net musse Stonnen ze waarden, dofir muss eng Garantie geschafft ginn, dass ee schnell behandelt soll ginn. Heifir muss genuch Personal agestallt ginn an entspriechend geschoult ginn.

### Säin Dokter muss ee verstoen

Net jidderee schwätzt all Sproch perfekt a grad an Noutsituatiounen ass et wichteg datt sech Dokter a Patient, mee och Dokter a Famill vum Patient verstinn a keng Ambiguitéiten entstinn. D'Pirate begréissen d'Efforte vum medezinesche Personal fir Lëtzebuergesch ze léieren, mee ginn et zu Lëtzebuerg 3 Amtssproochen an mir wéilten datt een sech an all Amtssprooch mam Dokter verstännege kéint. Dofir fuerdere mir datt all Spidol muss Iwwersetzer astellen déi bei Kommunikatiounsproblemer kennen hëllefen. Dës Zousazleeschtung soll vun der CNS gedroe ginn.

### Material uschafen wat néideg ass

Grad bei IRMen, mee och bei anere méi speziellen Analysen muss een haut heefeg ze laang waarden oder an d'Ausland goen fir zäitno traitéiert ze ginn. D'Pirate fuerderen datt mindestens 1 weideren IRM ugeschaaft gëtt an datt grondsätzlech all wichtegt Material esou geplangt gëtt, datt keng Waardezäiten vun e puer Méint entstinn.

# Drogepolitik

Enger opgekläerten a selwerbestëmmter Gesellschaft kann de verantwortungsbewossten Ëmgang mat süchteg- maachende Substanzen zougetraut ginn. Den Ënnerscheed tëscht erlaabten a verbuedenen Droge berout méi op Traditioun, wéi op medizineschen a wëssenschaftlechen Tatsaachen. Eng Kriminaliséierung op dëser Basis refuséiert d'Piratepartei dowéinst. D'Problematik vum Drogekonsum erschléisst sech aus dem Abus vu süchteg-maachende Substanzen - e Problem net vun der Justiz, ma vum Gesondheetssystem. Eng konsequent Opklärungs- a Suchtpräventiounsaarbecht ass de Grondstee vun enger moderner Drogepolitik.

### Drogenofhängegkeet ass e medezinesche Problem

Drogenofhängeg dierfen net méi wéinst hirem Krankheetsbild kriminaliséiert ginn. Suchtverhalen ass eng Krankheet, déi behandelt muss ginn ouni, datt d'Affer aus Angscht viru Strofen op eng Behandlung verzichten. Dowéinst fuerdert d'Piratepartei, datt Persoune mat engem Suchtverhalen all medizinesch Méiglechkeet gebuede kréie fir aus eegenem Undriff d'Verhalen ofzestellen. Gläichzäiteg fuerdere mir psychologesch Berodunge wéi och sozial Agliederungsmoossname fir Réckfäll ze vermeiden.

### Legaliséierung vu Cannabis

D'Piratepartei fuerdert als Direktmoossnam e gedulte Besëtz vu Cannabis zum Eegekonsum fir Volljäreger, fir opmannst d'Kriminaliséierung vun de Cannabis-Konsumenten op en Enn ze bréngen an d'Behörden ze entlaaschten. Cannabinoidhalteg Medikamenter solle mat anere verkéiersfähege Medikamenter gläichgestallt ginn. Et läit dobäi am Ermoossensspillraum vum behandelnden Dokter, op dobäi den Echtstoff zum Asaz komme soll. D'Käschte fir d'medizinesch Behandlung si vun de Krankekeesen ze droen.

# Ëmwelt, Energie & Déiereschutz



# Ëmwelt & Energie

D'Versuergung mat Energie, Elektrizitéit, Wäermt, Waasser sou wéi Telekommunikatioun ass e Biergerrecht. Fir eng nohalteg Energie an Ëmweltpolitik sécher ze stelle brauch et een dezentral an diversifizéiert Beschafen, Erzeugen a Verdeele vun Energie.

### Nationalen Ëmweltplaner

Mir fuerderen d'Ariichtung vun enger nationaler a politesch onofhängeger Planungsinstanz an Ëmweltfroen. Dëst ass eng wichteg Viraussetzung fir déi nohalteg Entwécklung vum Land.

### National Energiekommissioun

Mir fuerderen d'Grënnung vun enger nationaler Energiekommissioun mat allen betraffenen Akteuren (Industrie, Mëttelstand, Gewerbe, Staat, Gemengen, Parteien, Biergerinitiativen) fir eng breed konzentréiert Ëmsetzung ze erméiglechen, déi vun allen Bedeelegte gesellschaftlechen, politeschen a wirtschaftleche Kräfte gedro gëtt. Dës Kommissioun soll d'Definitioun, d'Finanzéierung an d'Ëmsetzung vun engem déifgräifende 15-Joer Plang ausschaffen, mam Ziel bis 2030 d'Importer vun net-nohaltegen Energiequellen op 50% vum Verbrauch am Joer 2018 ze reduzéieren. Betriber sollen encouragéiert ginn op nohalteg Energiequellen ëmzesteigen.

### (Re-)generative Energie preferéieren

An ëffentleche Beschafungsprozesser op den Energiemaart sollen (re-)generativ Energie virgezu gi fir esou Maartureizer fir entspriechend Offeren ze schafen. Dëst féiert mëttelfristeg dozou datt och fir Privat Haushälter eng méi grouss Offer entsteet an d'Präisser erofginn.

### Versuergung sécherstellen

D'Versuergungssécherheet muss méi e grousse Stellewäert kréie wéi dat elo de Fall ass. Entreprisen an de Staat, déi zentral Infrastrukture bedreiwen an iwwerwaache mussen Noutfallpläng an Alternativszenarie bereet stelle fir den Noutfall vun Naturkatastrophen oder Attentater. Déidofir reservéiert Fonge mussen sou wäit wéi noutwenneg erhéicht gi fir d'Infrastruktur vum Land ze stäerken an d'Konsequenze vun engem Ausfall op Mënsch a Wirtschaft ze limitéieren. An den zoustännege Ministèren an Organisatiounen (z.B. ILR oder CIRCL) muss eng Abteilung sech nëmmen ëm déi secherheetstechnesch Rechner an netzrelevant Aspekter vun der Energie-Infrastruktur an hiren Akteure këmmeren. Et mussen all Joer Stresstester fir all systemrelevant Soft- an Hardware ginn, sou wéi den Noweis erbruecht ginn, datt

eng funktionnéierend Kaltstartméiglechkeet zur Verfügung steet.

### Nohalteg Baumaterialien

Mir fuerderen datt als éischt bei ëffentleche Bau- Projeten, spéider awer och bei Privatkonstruktiounen en Undeel vu 25% un nohaltege Baumaterialien areecht gëtt. Dëst reduzéiert net nëmmen den Undeel u Bauschutt dee muss stockéiert ginn, mee läit och op enger Linn mat eisen CO2 Reduktiounsziler.

### Recycling an Entreprise méi staark förderen

Entreprise solle mam gudde Beispill virgoen an en staatleche Label kréien, wann si bei sech verstäerkt op Recycling setzen an Natur respektéieren. Dëst gëllt net nëmme fir Materialie wou se hier Produite beschafen, mee och fir den Ëmgang am deegleche Bürosbetrieb, Fuerpark a Kontakt mam Client.

### Liewensmëttelreschter besser verwäerten

D'Pirate schwätzen sech fir eng besser Kontroll beim Verschwende vu Liewensmëttelen aus. Supermarchéë mussen eng wëchentlech Statistik verëffentlechen, wéi vill Liewensmëttel vernicht gi sinn an domat encouragéiert gi besser ze wirtschaften a manner Liewensmëttel ze verschwenden.

### Lëtzebuerg un d'HGÜ-Netz ubannen

Lëtzebuerg muss fir mëttelfristeg genuch Ökostroum kënnen ze produzéieren am Ausland Energie kafen oder de Bau vu Bio-, Sonne-, Wand- a Wellenenergieanlage förderen. Duerfir brauche mir Héichspannungsgläichstroumiwwerdr oungs-Leitungen (kuerz HGÜ). Fir datt Lëtzebuerg net an d'Hannertreffe geréit, fuerdere mir eng redundant Ubannung vu Lëtzebuerg un existéiernd an zukünfteg HGÜ-Netzer. Dëst géif eis erlaben déi néideg Netzstabilitéit ze erreechen duerch d'Ubanne vu Produktiouns- a Späicherkapazitéiten déi méi wäit ewech sinn. Donieft ass d'Kapazitéit vu Leitunge méi héich, sou datt als Nieweneffekt bestehend Trasse benotzt a keng weider Trasse musse geluecht ginn.

### Aféierung vum “Smart Grid”

Datespuersamkeet an Datesécherheet musse beim Asaz vun engem “Smart Grid” am Mëttelpunkt stoen ier persounen- an haushaltsbezunnen Energiedonnéeë vun entspriechende Service gesammelt ginn. Dëst ass beim Smarty-Asaz zumindest fraglech a muss méi oppen an transparent dokumentéiert ginn fir Vertrauen an dës nei Technologien hierzestellen.

### Innovativ Stroossen

Solar Roadways heescht de Konzept no deem Stroossen a Form vu Panneaue gebaut ginn, déi gläichzäiteg als Solarzelle fonctionnéieren. D'Beschafung vun der Uewerfläch

aus gehäertem Glas ass dee gläiche wéi vum Asphalt, d'Produktiounskäschte leien dräi mol sou héich wéi déi vun normale Stroossen - dofir kënne mat de Stroossen Stroum fir d'ganz Land produzéiert ginn. En plus sinn op de Stroossen LEDen agebaut, wouduerch d'Verkéiersinformatiounen direkt op d'Strooss projezéiert kënne ginn. Déi Panneauen si robust an am Fall vun engem Defekt ass et ganz einfach se auszetauschen. D'Piratepartei fuerdert am Geescht vun der Energieeffizienz, datt eng Kommissioun d'Rentabilitéit vun deene Stroossen zu Lëtzebuerg iwwerpréift.

### Regionale Bio-Label

D'Groussregioun soll en eegene regionale Label creéieren, fir ze weisen dat d'Produiten och aus der Groussregioun kommen, an net ëm den hallwe Globus transportéiert gi sinn an domadder de CO2-Austouss an aner Schuedstoffer maximéiert goufen.

### LED Luuchten

Fir Energie ze spueren, soll staatlecht Netz progressiv op LED Luuchten ëmgestallt ginn

### Emweltfrendlech & Fairtrade

De Staat soll bei sengen Akeef op Ëmweltfrëndlech & Fairtrade Produkter zeréck gréiwen.

# Déiereschutz

### Méi streng Gesetzer bei Déierequälerei

Déierequälerei soll kee Kavaléiersdelikt si mee muss mat schwéiere Strofe beluecht ginn.
Eng zentral Meldestell soll geschafft ginn, fir schnell an einfach op Déierequälerei reagéieren ze kënnen, an dës och direkt bemierkbar maachen ze kënnen. Bauren déi méi oft bei Déierequälerei erwëscht goufe sollen op enger Websäit kloer ausgewise ginn, fir datt de Konsument entscheede kann op en déi Wuer nach weider kafe wärt oder léiwer drop verzicht.

### Déierentransporter begrenzen

Déierentransporter sollen op 50100 km begrenzt ginn a Bauren sollen dat nootste Schluechthaus auswielen. Esou erspuere mir den Déieren nach onnéideg Transportqualen, wann se duerch ganz Europa gefouert ginn. Zousätzlech muss d'Aart a Weis wéi Déiere geschluecht ginn iwwerduecht a verbessert ginn. Bei enger Mësshandlung mussen d'Strofen erhéicht ginn.

### Opfangstatiounen

Schaffen vun Opfangstatiounen fir verletzten Déieren quer duerch Land

### Hondsteier ofschafen

Stéier op Déiere soll opgeschafft ginn, et soll keng Bestrofung sinn, een Déier ze adoptéieren.

### Bauerenhäff amplaz Agrarfabriken

Mir setzen eis fir besser Standarden bei Notzdéieren an fir eng artgerecht Behandlung ze garantéieren. D'Piraten fuerderen, datt de Kader vun der landwirtschaftlecher Produktioun verbessert gett an ökologesch ausgebaut gëtt. Massendéierenhaltung féiert zu schlechte Konditioune fir Mënsch an Déier. Dofir fuerdere mir eng Réckbesënnung op e Bauerenhaff mat enger iwwerschaubarer Zuel u Béischten amplaz riseg Agrarfabriken.

### Zirkusdéiere widderspriechen eise Grondwäerter

D'Piraten refuséieren Haltung, Dressur a Presentatioun vu wëllen Déieren am Zirkus grondsätzlech. Et gëtt ausser der mënschlecher Curiositéit kee Gronn fir wëll Déieren aus hirem Habitat ze rappen an onnatierlech Presentatiounen ënnert Stress iwwert sech mussen ergoen ze loossen. Mir fuerderen dofir e konsequent Verbuet vu wëllen

Déieren an Zirkussen.

**Déiereversich**

Déiereversich sollten a Fäll wou alternativ Methode bestinn net verflichtend sinn. D'Piraten akzeptéieren, datt et a bestëmmte Situatiounen néideg ass Medikamenter als éischt och un Déieren ze testen respektiv nei Behandlungsmethoden iwwerhaapt eréischt duerch Déieren z'entdecken. Mir schwätzen eis awer dofir aus datt all Alternativ zu Déiereversich soll versicht ginn éiert op Déiereversich zeréckgegraff gëtt.

**Eeër-Kennzeechnung och als Inhaltsstoff**

Fir eng besser Transparenz um Liewensmëttelmarché, mee och fir dem Verbraucher de Choix ze ginn Produiten mat manner Déiereleed ze kaafen, fuerdere mir, datt op all Produit deen Eeër als Inhalt huet, markéiert ass ob déi aus Budemhaltung, Käfeghaltung oder Bio sinn. Dëst analog zur Eeër-Kennzechnung. Just den Haff misst hei net matt ugi giunn.

# Justiz



# Justiz

D'Vertrauen an de lëtzebuerger Justizsystem huet och un der aktueller Staatskris gelidden. Dofir ass et wichteg net nëmmen d'Gesetzgebung esou ze präsentéieren, datt se fir all Bierger novollzéibar ass, ma och den Zougang zur Justiz sécher ze stellen. Präventioun ass de wichtegste Punkt bei all Kriminalitéitsbekämpfung. Besonnesch bei Gewalttaten a schwéierer Kriminalitéit muss hei d'Bevëlkerung aktiv informéiert ginn fir frei Zeechen vun Strofdoten ze erkennen. Kloer Reegelen, eng verstäerkten Präventiounsaarbecht an en haart Virgoen géint schwéier Kriminalitéit mussen d'Leitlinnen vum lëtzebuergesche Justizsystem sinn.

### Gënstegen Zougang zur Justiz

D'Käschten vum Zougang zur Justiz dierfen keng Hürd sinn fir seng Rechter kënnen duerchzesetzen. D'Piratepartei fuedert dofir déi finanziell Prozesshëllef un de reelle Käschten ze definéieren an net nëmmen um Akommes vum Demandeur.

### Verfassungsgeriicht fir all Bierger zougänglech maachen

Di aktuell Staats- an Verfassungskris huet bewisen, datt et e Moyen brauch fir all Bierger Gesetzer a Veruerdnungen op hier Verfassungsrechtlecheet iwwerpréiwen ze loossen. D'Pirate kucken op d'Geschicht vum Bundesverfassungsgeriicht zu Karlsruhe zréck a fuerderen, datt och dat lëtzebuergesch Verfassungsgeriicht vun all Bierger ka befaasst ginn.

### Gesellschaftlich wertvoll Strofen

Ons Gesetzgebung soll virun allem bei méi klenge Infractiounen erméiglechen de Schued rem gutt ze maachen ouni datt Prisongsstrofen néideg sinn. D'Piratepartei fuerdert datt am Gesetz explizit d'Méiglechkeet fir eng Art vu "Community Service" agefouert gett. Sou gett et e kloer emrassenen Kader fir kleng Strofen gesellschaftlech wertvoll ze handhaben.

### Vereinfachung vun der Gesetzgebung

D'Piratepartei fuerdert datt Gesetzer vun all Bierger verstane kënne ginn. Gesetzer mussen esou kloer wéi méiglech formuléiert ginn. Dëst emfaasst awer och e méi schnellen an einfachen Zougang zu de relevanten Informatiounen. Dofir fuerderen d'Piraten datt all d'Gesetzer ëmmer an enger konsolidéierter Versioun online publizéiert ginn. Och sollen et Themeniwwersiichte ginn a sou oft wéi méiglech mussen Gesetzestexter zu engem Domaine an engem Code geuerdnet ginn.

### Staark géint Gewalt

Mir mussen als Gesellschaft Gewalttaten am familiären Ëmfeld vill méi fréi

identifizéieren. Heifir mussen Dokteren, am speziellen Kannerdokteren, besser ausgebild ginn an déi néideg direkt Kanäl zur Beroodungsstellen an der Justiz geschafen ginn fir schnell op Indizien zur familiärer Gewalt réagéieren ze kënnen. Nemmen duerch eng besser Kommunikatioun a Vernetzung vun allen Experten um Terrain kenne mir familiär Gewalt an de Grëff kréien.

**Besser Präventioun bei Strofdoten**

Eng besser Informatiounspolitik verstäerkt net nëmme d'Präventioun vun Stofdoten, ma kann och bei der Opklärung hëllefen. Sou kennen Affer selwer mei verlässlech Aussoen maachen an Zeien méi effektiv d'Strofverfolgung ënnerstëtzen wann se virdrun iwwer d'Opklärungsmethoden an Policearbecht forméiert goufen. D'Piratepartei fuerdert dofir, datt nach méi Efforten an d'Informatioun vun Bierger duerch d'Police a Justice ënnerholl ginn.

**Kampf géint erzwonge Prostitutioun a Mënschenhandel**

D'Piratepartei fuedert kloer Reegelen wat d'Prostitutioun zu Lëtzebuergugeet.Nëmmen matkloer Reegelenkannhaart géint Proxénitisme a Mënschenhandel gehandelt gin. Dofir mussen d'Sexworker aus der legaler Grozone erausgeholl ginn a legal Prostitutioun als Aarbecht unerkannt ginn. Dëst huet, zesummen mat klorer Reegelen ënner wéi enge Conditiounen Prositutitoun zu Lëtzebuerg legal praktizéiert dierf ginn zur Folleg, datt méi kloer géint illegal Prostitutioun a Mënschenhandel kann geschafft ginn. D'Prioritéit muss dorops leien d'Sexworker aus der Illegalitéit eweg ze haalen an all Ënnerstëtzung fir regelméisseg Gesondheetschecks ze erméiglechen. Op däer aaner Säit kann mat kloren Reegelen all Offer vun Prostitutioun méi streng kontrolléiert ginn an et kann haart géint all Form vun Mënschenhandel oder sexueller Exploitatioun virgoe ginn.

**Reform vum Dierwiechterstatut**

De Statut vun den Dierwiechter muss reforméiert ginn an op engem eenheetlechen Deontologie-Codex baséieren.

**Notairë Präisser transparent gestalten**

D'Präisser bei Notairë musse méi transparent gestallt gi fir de Clientë d'Méiglechkeet vum Vergläichen ze ginn an domadder de fräie Choix och no finanzielle Motiver ze erméiglechen.

**Ofschafe vun der Anwaltspflicht**

All Bierger muss d'Méiglechkeet hunn sech an allen Instanze selwer viru Geriicht ze vertrieden a selwer Kloen ze féieren.

**Strofvollzuch reforméieren**

D'Pirate fuerderen, datt d'Méiglechkeet vun engem opgekläerten Averständnes vum Prisonéier zur medizinesch Therapie zu all Zäit garantéiert ass. D'Onofhängegkeet vun der medizinescher Virsuerg a Betreiung däerf den Interessie vun der Direktioun an dem Strofvollzug nëmmen an aussergewéinlechen a besonnesch begrënnten Fäll ënner

geuerdnet ginn. Am Sënn vun der Resozialiséierung an der Vermeidung vu Réckfäll muss den Sozialdéngscht (SCAS) personaltechnesch ausgebaut ginn a muss onofhängeg vum Strofvollzugsbeoptragte wierke kënnen. De Procureur dierf net méi fir de Strofvollzug (exécution des peines) zoustänneg sinn. Mir fuerderen d'Creatioun vun engem fir de Strofvollzug zoustännege Riichter.

# Kultur



# Kultur

Konscht ass ëmmer subjektiv. Dofir dierf de Staat sech net an d'Bewäertung vu Konscht améschen an dierf keng Form vu Konscht zenséieren, déi net zur Gewalt oprifft. Am Géigendeel: Kënschtler solle vu staatleche Stellen ënnerstëtzt ginn, droen se dach en enormen Deel zur zum gesellschaftleche Liewe bäi. An der globaliséierter Welt ass et dofir och wichteg lokaalt Kulturiewen ze erhalen an ze förderen - op zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun. D'Pirate setzen sech fir en generellen Accès zu dëse Kulturgidder an a fuerderen eng méi grouss Ënnerstëtzung vu jonken a lokale Kënschtler a Veräiner.

### Meenungsfräiheet als Viraussetzung fir fräi Konscht

Net alles muss subjektiv als Konscht erkennbar sinn, trotzdem ass d'Meenungsfräiheet en absolut ze schützend Recht wat sech och op Konscht bezitt. Mat Ausnahm vu Konscht déi Haass verbreede soll oder eng Opfuerderung zum Gesetzesbroch oder Gewalt duerstellt, ass et net um Staat dës ze zenséieren. Konschtfräiheet muss geschützt ginn.

### Eng gemeinsam Konscht-Marque

Lëtzebuerg huet an der Vergaangenheet grouss Kënschtler ervirbruecht a bréngt och haut nach groussaarteg Kënschtler ervir. Mir als Pirate sinn der Opfaassung datt sech Lëtzebuerg eng gemeinsam Daachmarque gi sollt, ähnlech wéi dat bei aner Produiten aus Lëtzebuerg de Fall ass. Dës erlaabt lëtzebuerger Kënschtler méi einfach an zesummen international opzetrieden. Och eis sëlleche Muséeë sollen international ënnert dëser Marque optrieden an esou nieft dem gemeinsamen Optrëtt och Käschte bei der Vermaarktung spueren.

### Open Luxemburgensia

Mir fuerderen datt sou wäit wéi méiglech all Luxemburgensia-Wierker digitaliséiert ginn, fir dës besser der Nowelt z'erhalen. Gläichzäiteg sollen d'Wierker un deenen Droits d'auteur ausgelaf sinn, ënnert enger oppener Lizenz online veröffentlecht ginn. Des Weidere sollen Ustrengungen ënnerholl gi fir nach geschützte Wierker ze relizenzéieren an och ze veröffentlechen. Mir erwaarden ons dovunner eng Dynamiséierung vun enger digitaler Kulturindustrie an d'Creatioun vun neie Startups am Kulturberäich, souwéi d'Erhale vun der Kultur aus Lëtzebuerg an der Regioun duerch d'Moyene vun de modernen Technologien.

### eBooks sinn Bicher

Gesetzer aus der analoger Welt mussen och am digitalen Zäitalter gëllen. Mir fuerderen dohier datt digital Gidder gläich behandelt gi wéi hier analog Contrepartien.

Dëst gëllt och am Beräich vun der Literatur, wou Bicher, egal op gedréckt oder an digitale Form zum Beispill steierrechtlech gläichgestallt musse ginn.

**Stëftung Kulturiewe**

Amplaz datt de nationale Kulturpatrimoine vu Ministère verwalt gëtt, fuerdere mir d'Creatioun vun enger Kulturiewe Stëftung. Dës Stëftung soll all national Kulturgidder verwalten. D'Dirigence vun der Stëftung soll a gläichem Mooss an den Hänn vun Experten, Vertrieder vum Staat a Biergervertrieder leien. Se hätt als Aufgab eist national Kulturiewen ze bewerben an z'erhalen.

**Film Fund Luxembourg**

De Luxembourg Film Fund soll sech op d'Finanzéiere vu klenge Produktiounen aus Lëtzebuerg fokusséieren. De Fokus soll ewech dovu grouss international Produktiounen ze ënnerstëtzen an dorop ausgeriicht gi jonk a lokal Entwécklungen ze förderen. Dëst wäert der Filmbranche an der Groussregioun hëllefen eng eegen Identitéit opzebauen. Donieft soll d'Gerance vum Fund an de Kultusministère ënnergliddert ginn amplaz de Staatsministère.

**Besser Ënnerstëtzung vun Veräiner**

Lokal Kulturveräiner, wéi zum Beispill Museke gehéiere vum Staat ënnerstëtzt. Veräiner dierfen net duerch Bürokratie blockéiert ginn, mee mussen de Wee méiglechst einfach gestallt kréie fir hier Organisatiounen duerch ze féieren. Och muss hinnen déi néideg Infrastruktur zur Verfügung gestallt gi fir kënnen ze operéieren. Et muss awer kloer sinn datt all Ënnerstëtzung och eng Géigeleeschtung erfuerdert. Dofir fuerdere mir datt all erstallte Wierker vu subventionéierte Veräiner der Allgemengheet als oppe lizenséiert Wierker ze gutt kommen. Dëst féiert dozou datt den notzbare Kulturschatz vu Lëtzebuerg ëmmer méi grouss ka ginn.

**Lëtzebuergesch als Sprooch an der Verfaasung verankeren**

D'Lëtzebuerger Sprooch muss als Kulturgut an Europa iwwerliewen. Piratepartei ënnerstëtzt, datt d'Lëtzebuergesch Sprooch an der Verfassung verankert gëtt. D'Lëtzebuerger Sprooch spillt weiderhin eng ganz wichteg Roll an der Integratioun a soll deementspriechend fir all interesséiert Persoun léierbar sinn. D'Lëtzebuergesch soll nieft den weideren Sproochen zu Lëtzebuerg zur kultureller Villfalt bäidroen an hëllefen déi verschidden Kulturen beieneen ze féieren. De käschtefräien Accès zu Lëtzebuergesch-Coure muss garantéiert ginn.

# Sport



# Sport

### Unerkennung vun eSport als Sportart

D'Piraten setzen sech fir eng offiziell Unerkennung vun eSport als Sportaart an. Aen-Hand-Koordinatioun, séier Reflexer an de Besoin fir ze trainéieren beweisen, datt eSport eng richteg Sportaart ass an als sou eng sollt unerkannt ginn.

### Méi Investitiounen fir de Breedesport

Beweegung ass gutt fir de Kierper a fir d'Séil, dofir setzen d'Piraten sech fir eng méi staark Ënnerstëtzung vun de Veräiner am Breedesport an. Nierft dem Projet "Qualité+" sollt de Staat och iwwert eng direkt Ënnerstëtzung vun Arbitteren a Betreier nodenken. Dëst z.B. fir Veräiner z'entlaaschten.

### Sport-Card aféieren

Fir Benevoller am Sport z'ënnerstëtzen, fuerder mir d'Aféiere vun enger Sport-Card déi de Benevoller aus Sportveräiner ze gutt kënnt an ënnert anerem als Bus-Ticket, Gratis Entrée an ëffentlech Muséeë a Kulturariichtungen an weider Remise soll fonctionnéieren. Esou kënne mir Benevoller am Sport ënnerstëtzen. Ähnlech Kaarten kann een fir all Secteur mat Benevollen aféieren a je no Besoin gestalten.

### Schaafe vun engem Service de support administratif

Mir trieden an fir d'Schaafe vun engem Service um Sportsministère deen, ähnlech wéi den Service d'Economie Rurale, Sportveräiner berode kann wéi sie optimal vu Subsiden profitéiere kënnen, hinne bei fiskalesche Froen Ënnerstëtzung gëtt an och bei der Sich no Infrastrukture kann hëllefen.

### Vereinfachung beim Medico-Sportif fir jonk Sportler

Um Ufank vun all Saison sti Veräiner virum Problem datt se hir jonk Sportler net séier genuch duerch de Medico-Sportif kréien an esou eventuell keng Ekippen umelle kennen aus Mangel u lizenzéierte Spiller. D'Piraten fuerderen hei eng Derogatioun fir Jonker ënnert 12 Joer déi bei enger éischter Lizenz fir hir éischt Saison just en Attest vum Hausdokter bräichten fir kennen lizenzéiert ze ginn, ënnert der Konditioun de Medico am Laf vun der Saison ze maachen.

### Lutte géint den Dopping verstäerken

Fir e proppere Sport muss d'Lutte géint den Dopping och am Amateur-Beräich verstäerkt ginn. Hei wëllen d'Piraten d'ALAD finanziell a personell stäerke fir esou och am Amateur- a Jonke-Beräich méi Dopping-Kontrollen z'erméiglechen.

# Europa, Aussen & Asyl



# Europapolitik

No iwwert engem halwe Joerhonnert friddlechem Mateneen op eisem Kontinent, gesi mir Europäer eis den Ament un engem vun de wichtigesten Scheideweeer an eiser Geschicht.

D'Europäesch Unioun, déi als Wirtschaftsunioun ugefaangen huet, bidd haut iwwer 500 Millioune Mënschen Sécherheet, Wuelstand an eng gemeinsam Identitéit. Mir stellen awer och fest, datt zënter 2015 d'europäesch Integratioun Gefor leeft ze stagnéieren, während e puer Memberstaaten sech ëmmer méi vu verschidde Grondwerter distanzéieren oder der Unioun esouguer ganz de Réck dréinen.

Op der anerer Säit gesi mir och d'Frustratioun vu ville Bierger, déi hiren Ursprong an de Gebuertsfehler vun der Europäescher Unioun hunn: e riisegt Bürokratiemonster, intransparent Aarbechtsweisen an Institutiounen ouni déi Pouvoiren, déi se eigentlech bräichten. Mir sinn eis dem Zoustand vun Unioun bewosst a wëllen eis hei zu Lëtzebuerg, ma och zesumme mat eise Schwësterparteien aus ganz Europa, fir en Neistart vun der Europäescher Unioun asetzen an en europäesche Konvent vun de Bierger ureegen, deen d'Basis fir eng demokratesch a politesch Unioun stelle soll.

### Eng demokratesch a politesch Unioun

D'Piratepartei, vun der Muecht an de Chancë vun der europäescher Integratioun iwwerzeegt, wëll d'Europäesch Unioun méi effizient, iwwersiichtlech an demokratesch maachen. Europa ass haut vill ze oft ouni wierklech Muecht. D'Pirate wëllen datt Entscheedungen an Europa vun de Mënsche kommen an net vu Banken, Finanzmäert oder der europäescher Bürokratie. Mir wëllen dofir eng vollwäerteg, demokratesch, transparent politesch Unioun mat méi Pouvoir bei grenziwwerschreidende Problemer. Eng Europäesch Unioun wou d'Direktioun vum Europäesche Parlament kontrolléiert gëtt. Mir wëllen e gewielte President vun der Europäescher Kommissioun, déi gläichzäiteg och soll d'Walresultater vun den Europawale widderspiggelen. Dofir wëlle mir och fir d'Wal vum Europäesche Parlament d'Méiglechkeet fir europawäit Lëschten ze wielen. Nieft dem Europäesche Parlament wëlle mir och eng demokratesch gewielten zweet Kummer fir d'Vertriedung vun de Memberstaten. De Conseil wëlle mir als ondemokrateschen Organ direkt ganz ofschafen.

### En Demokratie-Upgrade fir d'Institutiounen

D'Bierger brauchen onbedéngt méi Matbestëmmungsméiglechkeeten. Mir wëllen d'Biergerinnen a Bierger an europawäiten Referenden iwwert d'europäesch Gesetzgebung matentscheede loossen. Zum E nge sollen d'Bierger iwwert erweidert a vereinfacht europäesch Biergerinitiativen Legislativ-Virschléi maache n, zum Aneren awer och am Kader vum Gesetzgebungsprozess Gesetzesprojeten stoppe kënnen.

Et muss dann och zu enger anerer Gewiichtung vun den Aufgaben vun Legislative

an Exekutive kommen.
Kuerzfrësteg muss d'Europäescht Parlament gestäerkt ginn. Mir wëllen all Initiativ matvirundreiwen, déi dëst erméiglecht. Esou sollen beispillsweis d'EU-Deputéiert an alle Staaten no engem eenheetlechen Walsystem vun alle Bierger nom selweschte Prinzip gewielt g inn. D'Parlament muss dann och endlech déi voll Rechter vun engem Parlament kréien . Dozou gehéiert d'Initiativrecht fir nei Gesetzesproposen esouwéi d'Kompetenz fir iwwert den EU-Budget ofzestëmmen . Aus der Europäescher Kommissioun muss eng Regierung ervirgoen, déi als reng Exekutiv handelt a vum Parlament iwwerwaacht gëtt. De n EU-Kommissiounspräsident souwéi och de spéidere Präsident vun der Republik Europa muss vun alle Biergerinnen a Bierger an Europa gewielt ginn.

Als Iwwerbleibsel vun der intergouvernementaler Regierungsmethoud wëlle mer den Europäesche Rot ofschafen. Duerch d'Opléisung vun de Memberstaaten gëtt de Rot, deen hautdesdags éischter d'Entwécklung vun der EU duerch national Intressien bremst, iwwerflësseg. Mir proposéieren d ofir amplaz d' Schaafung vun engem Senat als zweet Kummer parallel zum Parlament, dee sech aus je 2 Vertrieder pro Regiounen zesummesetzt.

**D'Europäesch Unioun kann ouni Solidaritéit net bestoen**

Fir déi wirtschaftlech ugeschloen Eurostaaten erëm op d'Been ze stellen, fuerdere d'Piraten en "Marshall-Plang" fir Europa. Dësen Opbau- an Investitiounsprogramm, soll déi kuerzfrësteg Konjunkturentwécklung förderen an och laangfrësteg d'Wuesstëmspotenzial stäerken. Zil ass et, den Ëmbau an d'Moderniséierung vun den europäeschen Volkswirtschaften hin zu enger energieeffizienter a ressourcenschounenden Wirschaftsstruktur ze erméiglechen.

Mir gesinn et als absolut Noutwennegkeet un, fir nees zeréck zu den rechtsstaatlechen an maartwirtschaftlechen Prinzipien vun der EU ze kommen a wëllen dofir onofhängeg Iwwerpréifungen vun den Rettungsmoossnamen fir Finanzinstituter an ëffentlech Haushalter, déi noutfalls esouguer réckofgewéckelt musse ginn. Dëst mécht an deem Zesummenhang och eng Oppeleeung vun alle Geldflëss néideg. Dat gemengwuelschiedlecht an deelweis kriminellt Geschäftsgebare vum Finanzsektor an der EU stellt eisen Usiichten no déi wesentlech Ursaach vun der Finanz- an Eurokrise duer a war nëmmen duerch eng onzouräichend Bankenreguléierung an -opsiicht vun der EU méiglech.

An der forcéierter Amëschung vun der Europäescher Kommissioun an d'Budgetspolitik vun eenzelnen Memberstaaten, gesi mir eng Mëssuechtung vum Demokratieprinzip an eng aktu Gefor fir eng wirtschaftlech Entwécklung an den Eenegungsprozess an Europa. Mir kritisiéieren dofir esou Intrumenter ewéi den europäesche Fiskalpakt, well dës en demokratesch net legitiméierten Agrëff an d'Budgetshoheit vun de Memberstaaten duerstellen. Am Sënn vun enger weiderer Integratioun vun den Eurostaaten brauche mir nei an aner Instrumenter, déi demokratesch legitiméiert sinn, déi der Recheschaftspflicht ënnerleien an duerch d'Europäescht Parlament kontrolléiert kënne ginn.

## Eng digital Agenda fir Europa

Mir liewen an enger Zäitalter, wou d'Welt duerch déi digital Vernetzung méi no zesumme réckelt. An der Mënschheetsgeschicht war et nach ni esou einfach un esou e grousst Wëssen ze kommen. D'digital Revolutioun huet déi gesellschaftlech an wirtschaftlech Strukur a ganz Europa grondleeend verännert an och an Zulunft wäerten nei Innovatiounen an eisen Alldag Anzuch halen. Fir aktiv an der Gesellschaft partizipéieren ze kënnen, gehéiert mëttlerweil en Zougang zum Internet quasi zur Grondviraussetzung. Dat fänkt bei de Recherche vun de Schüler fir d'Schoul un an hält beim "Sech-informéieren" bei den Erwuessenen op. Mir wëllen dofir d' **Recht op digital Teilhabe un der Gesellschaft** an d'Europäesch Grondrechtscharta verankeren an den europawäiten Ausbau vun enger leeschtungsstaarken Kommunikatiounsinfrastruktur duerch d'EU méi staark förderen.

Fir en dauerhaften Investitiounsuräiz, e faire Wettbewerb an eng Gläichbehandlung vun allen Akteuren am digitale Raum ze gewährleeschten, sti mir hannert dem Prinzip vun der Netzneutralitéit a wëllen dës per Riichtlinn europawäit an de Legislatiounen verankeren. Beim europawäiten Ausbau vun den Netzer an hirer Moderniséierung dierf et net zu enger Monopoliséierung vun der Kommunikatiounsinfrastruktur kommen.

Den Internet als Kommunikatiounsraum kennt keng national Grenzen. Mir betruechten dofir déi këntslech Lännergrenzen am Internet fir Kulturgidder a Déngschtleeschtungen bannend dem europäesche Bannemaart als Hindernës fir déi weider europäesch Integratioun a fuerderen eng Ophiewung vun dëser Praxis. Generell muss et zu engem Ëmdenken am Ëmgang mat immaterielle Gidder an zu engem Stopp vun enger restriktiver Duerchsetzung kommen. Eng weider Monopoliséierung vun Informatiounen a Kultur muss gestoppt ginn. Mir brauchen dofir eng Reguléierung duerch de Staat, deen d'Monopolrechter just an Ausnahmesituatiounen zouerkennen resp oprechterhale dierf, wann dës den Interessen vun der Allgemengheet net entgéint steet. Ausnahmen dierfe just zäitlech begrenzt sinn an kënnen net réckwierkend inhaltlech oder zäitlech erweidert ginn.

Mir ënnerstëtzen de Gedanken vu Gemenggidder a wëllen d'Schaafung vu sougenannte "Commons" förderen. Mir wëllen dofir d'Kreatioun vun oppene Patentpools, fräie Bildungsofferen, fräier Software a fräie Kulturgidder duerch geeegnet Kaderbedéngungen ofsécheren an mat méi Mëttelen ënnerstëtzen.

## Europäesch Bannen- a Sécherheetspolitik

Mir Piraten wëllen d’europäesch Flüchtlings- an Asylpolitik enger grondleender Neiausriichtung ënnerzéihen. Eng „Festung Europa“ dierf et net méi ginn. D’Europäesch Flüchtlings- an Asylpolitik muss op der Achtung vun de Menscherechter berouen an d‘Bestëmmungen vun der Genfer Flüchtlingskonventioun souwéi der UN-Kannerrechtskonventioun respektéieren. Eng vun Solidaritéit geprägten Flüchtlings- an Asylpolitik dierf eenzel Memberstaaten net mam finanziellen, logisteschen an administrativen Opwand alleng loossen. Majoritär decidéiert Mechanismen, ewéi dem Verdeelungsschlëssel, mussen ugewand ginn.

Mir plädéieren och dofir, datt völkerrechtswidreg Praktiken, wéi se duerch Frontex

un den EU-Baussegrenzen ugewandt ginn, ophale mussen. Mir fuerderen eng Ofschaafung vu Frontex. Mir vertrieden d'Iwwerzeegung, datt Problemer nëmmen do geléist kënne ginn, wou se hiren Ursprong hunn: an den Hirkonftslänner vu den Asylsichenden, vill ze dack bewosst oder onbewosst duerch d'EU oder eenzel EU-Memberstaaten ausgeléist resp. vergréissert.

Mir spriechen eis ausserdeem vehement géint jiddwer Tendenz vun repressiven an europawäiten Iwwerwaachungsstrukturen aus. Fir d'Piraten ass den Asaz vun Drohnen keen diskutablen Aspekt vun enger EU-Sécherheetspolitik, mee am Géigendeel, en Ausdrock vun enger fataler Fehlentwécklung.

### Eng gemeinsam Sécherheets- a Verdeedegungspolitik

Mir Piraten stinn der Iddi vun enger gemeinsamer Sécherheets- a Verdeegegungspolitik positiv géigeniwwer. Grad virun Hannergrond vun enger Republik als Nofolgeinstitutioun vun enger Europäescher Unioun gesi mir et als déi pragmateschst Léisung, fir op europäeschem Niveau eng gemeinsam Europäesch Arméi ze bilden.

Eng Europäesch Arméi géif sech aus engem EU-Dëppen finanzéieren, an deen all d'Memberstaaten abezuelen. Duerch vereenheetlecht Prozeduren an Material géif de Budget vill méi efficace genotzt an d'Memberstaaten substantiell entlaascht ginn.

D'Europäesch Kommissioun soll d'Weisungsbefugnis kréien. Asätz wieren nëmmen duerch eng demokratesch Legitiméierung duerch d'Europäescht Parlament méiglech.

# Aussepolitik

An enger globaliséierter Welt ass och Lëtzebuerg keng isoléiert Insel. Mir mussen ons als EU-Grënnungsmember onser Responsabilitéit op internationalem Niveau bewosst sinn. Dofir ënnerstëtzen d'Piraten eng Aussepolitik, déi sech un demokratesche Standards orientéiert an op d'Stäerkung vu Mënscherechter fokusséiert ass. Entwécklungshëllef muss genau souwéifinanziellawirtschaftlech Ënnerstëtzung op dëse Prinzipie berouen.

**D'Pirate schwätze sech géint Cyberwar aus!**

Oppen a verdeckten Aktiounen vu staatlechen, privaten an ëffentlechen Organisatiounen, déi de Cyberspace als Konfliktdomaine notzen an Zivilbevëlkerung gefäerden, lehne mir dezidéiert of. Schuedsoftware, déi an der Lag ass fir Mënscheliewen duerch Ugrëffer op gesellschaftlech Versuergungsnetzwierker (Stéchwuert: KRITIS) ze gefäerden, betruechte mir als inakzeptabele Sécherheetsrisiko a fuerderen e Bekenntnis vu Regierungen, speziell der lëtzebuergescher Regierung, zu friddenserhaalende Moossnamen, geméiss den internationalen Konventiounen zur Verbesserung vum friddleche mënschlechen Zesummeliewen duerch d'Technik op der Äerd. Mir Piraten, zesumme mat eise Schwësterparteien an den anere Länner, fuerderen all d'Regierungen op der Äerd op, déi global Informatiouns- a Kommunikatiounsnetzer zesummen ze schützen an en als héicht gemeinsamt Gutt vun alle Mënschen unzeerkennen.

**D'Stäerkung vun den Vereenten Natiounen (UNO)**

D'Vereenten Natiounen als wichtegst Institutioun fir déi friddlech Verstännegung tëscht de Staaten op dëser Äerd, brauchen onbedingt eng Rei Reformen, fir esou fir déi nei Erausfuerderungen gerëscht ze sinn. Eng ugemiesse Bedeelegung vun alle Kontinenter am Sécherheetsrot ass dauerhaft sécherzestellen. Besonnesch d'Schwellelänner sollte virum Hannergrond vun hirer ëmmer méi grousser regionaler Bedeitung, méi staark un d'Mechanismen fir eng global Verantwortung bedeelegt ginn. D'Vereenten Natioune kënnen hir Aufgaben nëmmen erfëllen, wann d'Memberstaaten hire Bäitragszuelungen nokommen. Et bidd sech un, d'Vereenten Natiounen an Zukunft nach méi staark an d'Koordinatioun vun Katastrophenhëllefsprojeten ze integréieren.

**Mënscherechter op der internationaler Agenda**

Wou och ëmmer Lëtzebuerg optrëtt musse mir Verfechter vun den universale Mënscherechter sinn. Mir musse weltwäit e méi staarken Akzent op Mënscherechter leeën, well all Mënschen si gläich an hunn en Usproch op déi nämlecht Rechter. Mir fuerdere vun der nächster Regierung datt keng privilegéiert Partnerschafte matt

Länner geschloss gi wou d'Mënscherechter mat Féiss getrëppelt ginn. Et ass onglafwierdeg op der enger Säit Mënscherechter stäerken ze wëllen an op der anerer Säit eng privilegéiert Partnerschaft mat Länner anzegoen, déi systematesch d'politesch Oppositioun, anescht-gleeweger oder Mënschen opgrond vun hirer Sexualitéit diskriminéieren. Mir fuerderen, datt d'Mënscherechter viru wirtschaftlechen Interesse stinn.

### Mënscherechtsbeobachter konsequent alueden

Bei allen offizielle Reese vu lëtzebuergeschenDelegatioune soll an Zukunft mindestens en Mënscherechtsbeoptragte mat dobäi sinn. Dëse soll no sengem Retour en onofhängege Rapport iwwert d'Lag vun de Mënscherechter am Zielland schreiwen. Dës Situatioun soll op enger Ampelskala bewäert ginn. Unhand vun dëser Skala sollen dann zukünfteg Delegatioune prioritiséiert ginn a Länner ouni de néidege Mënscherechtsrespekt méi kritesch behandelt ginn.

### Ënnerstëtzung vun neien Demokratien

D'lëtzebuergesch Entwécklungshëllef soll sech haaptsächlech op Staaten fokusséieren, déi kloer Ustrengungen a Richtung demokratesch Strukturen ënnerhuelen. Länner déi säit Jore keng fräi Walen no UN-Standards duerchgefouert hunn dierfe keng Entwécklungshëllef méi kréien, mat Ausnahm fir eben esou Walen duerchzeféieren. Jonk Demokratië musse weltwäit ënnerstëtzt ginn a sou soll Lëtzebuerg an Zukunft zu den éischte Länner gehéieren déi nei, friddlech Staatsgrënnungen unerkennen. Et soll zur Regel ginn, datt Lëtzebuerg ee vun den éischte Länner ass, déi friddlech, nei, demokratesch Staaten unerkennen.

### Demokratisiérung vun internationalen Organisationen

Déi international Organisatiounen an deene Lëtzebuerg Member ass, wéi den Internationale Währungsfonds (IMF), d'Weltbank oder d'Welthandelsorganisatioun (WTO) mussen demokratiséiert ginn. Och Entwécklungslänner mussen endlech eng Stëmm an dësen Organisatioune kréien. Dës international Organisatiounen dierfen net Regional ënnerschiddlech opgebaut ginn, ma all Land muss seng Stëmm gläichberechtegt kënne vertrieden.

### Kloer 3D-Strategie beim Militär

Eis Arméi soll sech an Zukunft nëmmen nach op hier Roll an enger 3D-Strategie (Development, Diplomacy & Defence) reduzéieren. D'Piratepartei schwätzt sech géint en Asaz vu lëtzebuergeschen Zaldoten a Krichsgebitter aus. Mir gesinn den Nodeel vun 28 ënnerscheedlechen Arméien a favoriséieren dofir éischter d'Zesummeleeë vun de Ressourcen fir d'Schaafung vun enger Europäescher Arméi.

### Nuklearwaffeverbuet

D'Piratepartei ass strikt géint Nuklearwaffen, souwuel wat d'Lagerung wéi och den Transport vun Nuklearwaffen ugeet. Mir fuerderen e weltwäiten Ofbau, an e weltwäit Verbuet fir d'Produktioun oder de Gebrauch vun Nuklearwaffen.

**Kampf géint Terrorfinanzierung**

D'Bedeelegung vu Lëtzebuerg am sougenannte Kampf géint den Terror soll sech op e bessere Screening vu verdächtege Banktransaktioune beschränken. Mir schwätzen eis entscheed géint den TFTP Traité aus a fuerderen datt eng eventuell Analyse vu Bankdaten nëmmen innerhalb vun der EU dierf duerchgefouert ginn. Wa mir effizient an datespuersam géint d'Terrorfinanzéierung virgi schaaft dat manner Märtyrer an ass noweislech méi efficace wéi den Asaz vu bewaffneten Truppen oder Drohnen.

**Héigen Niveau un Entwécklungshëllef bäibehaalen**

Mir schwätzen eis weiderhi fir e Bäibehale vun engem héijen Niveau vun Entwécklungshëllef aus. Mir fuerderen awer datt dës am speziellen ausgi gëtt fir Selbststännegkeet, Fraerechter, LGBTQ-Rechter an Demokratie ze förderen. An Zukunft soll d'Entwécklungshëllef vun den EU-Staaten op föderalem Niveau koordinéiert gi fir Verschwendungen an Duebelausgabe besser virbeugen ze kënnen.

**Uni.lu als Entwécklungshelfer**

Am Budget vun der Uni.lu solle Gelder virgesi gi fir d'Kooperatioun vun der Universitéit matt Partner an Entwécklungslänner. Doduerch soll och d'Uni.lu sech als Entwécklungshelfer betätegen.

**Zwee-Staate-Léisung am noen Osten**

Den Israel-Palästina-Konflikt kann op traditionell Aart a Weis net méi geléist ginn. Dowéinst si kloer Léisungen néideg. D'Piraten ënnerstëtzen eng Zwee-Staate-Léisung fir déi als Kärpunkt d'Grenze vum Westjordanland an dem Gaza-Sträif ëmfaasst. Jerusalem als helleg Staat vu ville Relioune soll ënnertvölkerrechtlech Verwaltung an ënnertde Schutz vu neutralen Truppe gestallt ginn; eng Méiglechkeet wier d'Schwäizer Garde. E generellt Retour-Recht fir Palästinenser op israeleschen Territoire soll ausgeschloss ginn, gläichzäiteg awer hinnen d'Méiglechkeet gi fir déi palästinensesch Nationalitéit ze kréien. Anerersäits muss Israel all Siidlungen opginn an d'Siidler sollen d'Méiglechkeet kréie palästinensesch Staatsbierger ze ginn oder awer zréck an Israel ze goen. Och d'Waasserversuergung an d'kritesch Infrastruktur soll duerch neutral Truppe geschützt ginn sou datt keng nei Konflikter entstinn.

**Nato iwwerdenken**

Militärbündniss muss sech enger Reform ënnerzéien an et muss eng oppen Diskussioun gefouert ginn, op all Member nach seng Platz an der Allianz huet.

# Asyl & Immigratioun

Asyl ass e Mënscherecht. Populistesch Attacken op dëst  Recht toleréieren d'Piraten net a schwätzen sech kloer fir eng verstäerkt Ënnerstëtzung vun Aslysichenden aus. Wichteg ass et Aslysichender net ze stigmatiséeieren, ma als Mënschen an Nout ze behandelen a mënschewierdeg Prozeduren unzewende fir dem Recht op Asyl gerecht ze ginn. Donieft mussen d'Grënn fir positiv Asylgesich ausgewäit gi fir op aktuell Geforen a Länner ouni déi néideg Protektioun opmierksam ze maachen. Nëmme mat dëse Mesurë kann sech Lëtzebuerg als modern Demokratie a sécheren Hafe fir verfollegt Persounen etabléieren.

### Fluchtuersaachen Bekämpfen

Den Ufank vu gudder Asylpolitik leit an der Aussenpolitik.

D`Piraten setzen sech mam all Kraft fier Gewalt-an Waffenfreie Leisungen vu Geostrategeschen an Politischen Auserneesetzungen.

De Krich huet am 21 Jöer Honnert kee daseisberechtegung mei an dierf net mol tolereiert gin.E weideren Schweierpunkt as eng transparent, novollzeihbar an nohalteg Entwecklungshelef.

Konserven an Pudermelech helefen am Not ze iwerlieven, den Leit Meiglegkeet gin sech selwer ze ernähren, Lokalproductioun ze stärken, Educatioun an Gesondheet ze fördern as op Laang siicht onerlässlech.

Menschen, die an hire Heemecht secher, am Fridden an mam guden Perspektiven liewen kennen, brauchen net fortzelaafen.

### Een eenzege zoustännege Ministère

Fir méi schnell an einfach Entscheedungen soll et nëmmen nach een eenzege Ministère fir den Accueil, Prozedur an d'Integratioun zoustänneg sinn. Direktioun vun der Immigratioun an den OLAI sollen ënnert der Tutelle vun engem Ministère stoen. En ënnerstëtzten interministeriellen Komitee an dem och d'sozial Partner an d'Zivilgesellschaft hir Stëmm hätten géif doniewent zu enger besserer Akzeptanz an der Bevëlkerung bäidroen.

### Aarbechtsrecht fir Asylsichend

D'Piratepartei fuerdert datt Asylsichender d'Méiglechkeet kréie selwer fir sech opzekommen an d'Schoul ze besichen oder eng Léier ze maachen. Dofir muss d'Aarbechtsrecht flexibiliséiert gi fir jidderengem deen zu Lëtzebuerg lieft och d'Méiglechkeet ze gi schaffen ze goen. Mir gleewen net datt Asylsichender iergendengem d'Aarbecht ewechhuele wäerten, mee ganz am Contraire och Aarbechten unhuele géife ma an der grousser Majoritéit vun den aktuellen Aarbeschtsmaartreegelen dovun ofgehale gi schaffen ze goen. Am Sënn vun enger

besserer Integratioun muss och Asylsichenden d'Méiglechkeet gi ginn enger regulärer Aarbecht no ze goen.

Dofir sollt direkt wann d'Léit am Land ukommen en Kompetenzprofil erstallt ginn den esouwuel berufflech a sproochlech, mä och sozial an kulturell Kompetenzen erfaasst. Dëse Profil géif , am Respekt vum Dateschutzgesetz an mam Accord vum Betraffenen, mat der Direktioun de l'Immigration, dem OLAI an der ADEM gedeelt ginn, fir en individuellen 'parcours de formation, d'orientation et d'intégration' ze erstellen an ëmzesetzen ouni ze waarden bis Prozedur ofgeschloss ass.

### Ënnerbrengung vun Asylsichenden

D'Pirate fuerderen am Kader vun enger besserer Integratioun vun Asylsichenden, datt dës Persounen dezentral ënner mënschewierdege Konditiounen ënnerbruecht ginn. Dëst verhënnert strukturell Konflikter a vereinfacht et d'Integratioun vun Asylsichenden an der Gesellschaft wëll Parallelgesellschafte verhënnert ginn. Héi sollt eng Opdeelung op déi verschidde Gemengen ënner Berécksiichtegung vun der Populatioun an der sozio-ekonomescher Situatioun virgeholl ginn.

(cf. l'indice socio-économique évoqué à l'article 3 de la loi du 16 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes)

D'Finanzement vun den Wunnengs- an Encadrementskäschten géif weiderhin vum Staat assuréiert ginn.

### Partizipativ Gestioun vum Foyer

An all Foyer soll e participative Comité de Gestion agesat ginn. Esou wéi den Artikel 10(07) vum Gesetz vum 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire et virgesäit , sollten d'Léit déi am Foyer wunnen duerch d'aktiv Bedeelegung an engem Comité de Gestion en Matsproocherecht kréien wat Gestioun an Belaanger vun hirem Logement ugeet.

### Schnell Asylentscheedungen

D'Pirate fuerderen eng drastesch Verkierzung an eng komplett Transparenz vum Asylverfahren.

Wéi vum Gesetz virgesinn soll all Demande bannent 6 Méint decidéiert ginn.

Falls 1 Joer nom Areeche vun enger Demande op protection internationale nach keng Decisioun gefall ass, da soll dës Demande automatesch ugeholl ginn. Dës verhënnert, datt Mënsche jorelaang an enger onsécherer Situatioun liewe mussen an sech doweinst net zu Lëtzebuerg integréiere kënnen. Déi Waardenzäit ass als maximalen Delai ze verstoen, deen nëmmen an de komplizéiertste Fäll areecht däerf ginn.

Wann néideg soll d'Ausweisung schnell an mënschewierdeg duerchgefouert ginn an dofir gesuergt ginn dat déi betreffend Léit eng reell Chance op en Neiufank hunn.

### Familjenzesummeféierungen vereinfachen

Familljenzesummeféierunge vun Net-EU-Bierger ginn an der EU nach ëmmer op nationalem Plang entscheet. Mir Pirate fuerderen eng Harmoniséierung a gläichzäiteg Vereinfachung vun dëse Prozeduren. Famillje gehéieren zesummen an et solle keng

bürokratesch Hürden tëscht enger Famill stoe wa mindestens ee Familljemember no enger Asylprozedur an der EU Asyl krut.

### LGBTIQ an Asyl- souwéi Immigratiounsrecht

D'Piratepartei fuerdert, datt Homosexualitéit, Transsexualitéit an hier Persecutioun am Ausland als Asylmotiv unerkannt gëtt. Aktuell Reegelungen an dëser Hisiicht sinn net wäitreechend fir Persounen Asyl zu Lëtzebuerg ze gewäeren, wann se wéinst dësen Eegenschaften an hirem Heemechtsland verfollegt ginn. Lëtzebuerg muss déi néideg Prozedure schafen, datt all Persoun, déi ënnert dem Risiko steet wéinst hirer sexueller Identitéit oder hirer Sexualitéit verfollegt ze ginn d'Protektioun vum Asyl ze ginn.

D'Infrastrukturen fir Asylsichender sinn dack net op d'Bedierfnësser vu den eenzelnen Mënschen zougeschnidden. Esou ass et beispillsweis méiglech, datt besonnesch LGBTIQ-Leit, déi opgrond vun hirer Sexualitéit oder hirer geschlechtlecher Identitéit an hirem Heemechtsland verfollegt ginn, sech hei nees mat aneren Schutzsichenden an der selweschter Ënnerkonft erëmfannen, déi hirersäits duerch en LGBTIQ-feindlecht Gesellschaftsbild aus hirem Heemechtsland geprägt sinn.

Fir Konfliktsituatiounen ze vermeiden an de physeschen souwéi och psyscheschen Wuel vun de Betraffenen ze gewäerleeschten, fuerderen d'Piraten d'Schaafung vun engem Foyer resp. engem ofgetrennte Beräich an enger bestoender Infrastruktur, wou LGBTIQ-Mënsche ënnerkomme kënnen, wann d'Situatioun et noutwenneg mecht.

Et ass dack esou, datt betraffe Leit sech opgrond vun hiren Erfahrungen, net trauen fir iwwert hir Situatioun ze schwätzen. Den Agent soll an dëse Fäll d'Situatiounen verstoen an Hëllef ubidde kënnen. Mir fuerderen dofir eng Formatioun fir d'Agenten an de Foyeren, déi d'Thematiken Coming Out, sexuell Orientéierung, geschlechtlech Identitéit etc. beinhalten. Och d'Iwwersetzer an d'Security-Personal sollten an dëser Thematik hiren Aufgaben entspriechend forméiert ginn, fir an de jeweilege Situatiounen ugemiesse reagéieren ze kënnen.

Mir begréissen ausdrécklech de Projet vun der Formatioun „Arc-en-ciel" vun der CIGALE an den Asylstrukturen, déi d'LGBTIQ- mat interkulturellen Thematiken verbënnt, a wëllen dës Offer mat den néidegen Moyenen ausbauen. Jiddwereen, dee mat Asylsichenden zesummeschaft, sollt e vereinfachten Zougang zu dëser Formatioun kréien.

Fir festzestellen, op déi getraffe Mesuren hiren Zweck erfëllen a fir ggf. op d'Hëllef vun aneren staatlechen oder konventionnéierte Servicer zeréckzegräifen, sollten Informatiounen an Statistiken ronderëm d'LGBTIQ-Asylsichenden erhuewe ginn, déi relevant fir e Suivi an deem Domaine sinn. Konventionnéierten Akteuren, déi eng Kollaboratioun mat den Foyeren an dësem Kontext hunn, sollten ënnert Berücksichtegung vun der Privatsphär vun de Betraffenen an den datschutzrechtlechen Aspekter Zougréff op dës Statistiken hunn.

### Netz-politischen Asyl

Net eréischt op Grond vun de Revelatiounen a Schicksaler vun de Whistleblower Bradley Manning an Edward Snowden gouf kloer, datt Aktiviste wéinst

Meenungsäusserungen um Internet, op sozialen Netzwierker oder fir hiert netzpoliteschen Engagement riskéiere bestrooft a souguer gefoltert ze ginn. Ähnlech Erfarungen gouf et och am sougenannten Arabesche Fréijoer wou vill Aktivisten opgrond vu Meenungsäusserungen um Internet verhaft an agespaart goufen.

# Notizen

# Notizen

PIRATEN

www.piraten.lu